



Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Orientéierungsdebatt iwwert d'Klimakonferenz vu Kopenhagen. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht, an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Hären Oberweis, Berger, Negri, Gira, Colombara an Hoffmann, an den honorabelen Här Fernand Boden presentéiert eis elo de Rapport vun der Commission du développement durable. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

2. 6082 - Débat d'orientation au sujet de la 15^e Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur le changement climatique (UNFCCC) à Copenhague

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei der internationaler Konferenz vu Kopenhagen iwwert de Klimawandel vum 7. bis den 18. Dezember vun dësem Joer geet et ëm net manner wéi d'Zukunft vun eiser Äerd. Déi Décisiounen, déi do getraff ginn, oder och net getraff ginn, déi hu ganz sécher grouss Auswirkungen, och fir Lëtzebuerg. An duerfir war d'Kommissioun vun der nohalteger Entwécklung der Meinung, datt d'Chamber sech misst mat dëser Problematik befaassen.

Mir soen also der Conférence des Présidents Merci, datt eise Virschlag ugeholl gouf a mir haut kënnen hei an der Chamber eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Konferenz vu Kopenhagen an iwwert de Klimawandel féieren. D'Kommissioun huet sech ganz vill Méi ginn, fir déi Debatt beschteens virzubereeden, an et wier wëschenswäert gewiescht, datt dës Debatt vläicht e bësse méi Zäit kritt hätt, well mer hu gesot kritt, et wier Modell 1 an net Modell 2, fir der Wichtigkeet vun dëser Problematik besser kënnen gerecht ze ginn. Ech huelen awer gären déi Offer hei un, fir dann nom Modell 2 ze fueren, dann hunn ech e puer Minutte méi Zäit fir hei ze schwätzen, well et ass viles ze soen.

Ech wëll mech awer a mengem mëndleche Rapport trotz allem esou kuerz wéi méiglech halen, mech op dat Wesentlecht beschränken, wat net ganz einfach ass, an da fir all Detailer op mäi schrëftleche Rapport hiweisen, dee mat Ausnahm vun enger Enthaltung eestëmmeg ugeholl ginn ass.

Op der Konferenz vu Kopenhagen soll en internationalen Accord négociéiert ginn, deen de Protokoll vu Kyoto ersetze soll. De Protokoll vu Kyoto, deen ass 2001 hei an der Chamber ratifizéiert ginn an en huet déi éischte Kéier verbindlech Engagementer geschaf a puncto Reduktioun vun den Zärgasen oder GESen, wéi se och genannt ginn, a besonnesch vum CO₂-Ausstouss. Dës Engagementer hunn an enger globaler Reduktioun vu fënnf Prozent vun de GES-Emissiounen bestanen, an dat a 37 Industrielänner an an der EU, während der Period 2008 bis 2012 am Verglach zu 1990. Dës Engagementer hunn awer vu Land zu Land variéiert, an ech wëll drun erënneren, datt Lëtzebuerg sech derzou verflücht huet, seng Emissiounen ëm 28% ze reduzéieren.

De Kyoto-Protokoll gesäit dräi Haaptmechanisme vir, fir deenen eenzelne Parteien ze hëllefen hir Objektiv ze erreechen, an zwar de System vum Austausch vun Emissionsrechter, de Mechanisme vum sougenannten Développement propre, den MDPe wéi se genannt ginn, an dann d'Mise en œuvre conjointe vu Projeten, MOCen. A senger aktueller Version, ech mengen doriwwer besteet Eestëmmegkeet, erlaabt de Kyoto-Protokoll et net, fir eise Klimasystem ze stabiliséieren.

Nei Engagementer, déi méi ambitiéis sinn, déi méi ëmfaassend sinn, sinn onëm-

gänglich, wann een de Klimawandel bremsen oder stoppe wëllt. Well datt de Klimawandel stattfënnt, ass kaum nach ze bestreiden, mat allem Misär, mat allem Leed, deen dat schonn elo Joer fir Joer a ville Géigende vun der Welt mat sech bréngt. An d'Auswierkunge vum Klimawandel wäerten ëmmer méi dramatesch ginn, wa keng geziilt, wa keng wäitgräifend Moosnamen ergraff ginn.

D'Wëssenschaftler aus der ganzer Welt, déi sech am März vun dësem Joer zu Kopenhagen getraff hunn, fir hir rezentst Kenntniser iwwert de Klimawandel auszetauschen, déi hu sech ganz alarméiert gewisen iwwert den Zoustand vun eisem Planéit. Et dierf net méi laang gezéckt ginn, fir ze handeln. D'Chancen, fir d'Tendenz vun Klimawandel ëmzedréien, gi ganz schnell méi kleng. Et besteet grouss Eestëmmegkeet ënnert de Wëssenschaftler, a Gott sei Dank och ëmmer méi ënnert de politesch Responsabelen - dat war zum Beispill de Fall beim Sommet vun Aquila am Juli vun dësem Joer, wou och déi grouss emergent Ekonomië vertratt waren -, also Eestëmmegkeet doriwwer, datt déi weltwäit Klimaerwärmung op kee Fall zwee Grad Celsius iwwerschreiden dierf.

Déi wëssenschaftlech Etüde vun de Klimaexperte weisen, datt dës zwee Grad Celsius Limite bedeit, datt déi weltwäit Emissionsreduktioun bis 2050 op d'mannst 50% bedroe muss am Verglach zu 1990, an datt d'Uwuesse vun den Emissiounen misst bis 2020 zu Enn sinn. De „Peak“ vun Emissiounen, dee misst also spéitstens schonn 2020 erreecht ginn. Dat ass awer nëmmen de Fall, wann déi industrialiséiert Länner hir Emissiounen bis 2020 ëm 25 bis 40% reduzéieren a bis 2050 souguer op d'mannst ëm 80%.

Och de Conseil de l'Europe huet an enger rezenter Resolutioun drop insistéiert, datt et zu Kopenhagen zu engem Accord soll kommen, deen dësen Erkenntnisser Rechnung dréit an deen eng weltwäit staark Reduktioun vun de GES-Emissiounen virgesäit. Duerfir muss sech all Länner un deem Accord bedeelegen an hire Méiglechkeeten no Effortë maachen.

Déi industriell Länner mussen mam gudden Beispill virgoen a weisen, datt eng staark Reduktioun vu GES-Emissiounen méiglech an och souguer ekonomesch tragbar ass. Et ass en effikassen internationale Kader néideg, deen et erméiglecht, adequat Spillregelen, Instrumenter an Incitatiounen ze schafen, fir den Handel mat Emissionsrechter méiglechst effikass ze gestalten a fir d'Investitiounen an eng kuelestoffaarm Technologie an Economie ze favoriséieren, dat souwuel an entwéckelte wéi och an den Entwécklungslänner.

De Kyoto-Protokoll, dee leeft Enn 2012 aus. D'Zäit drängt also fir zu engem neie globalen an ambitiësen internationalen Accord ze kommen. Datt ee schnell zu esou engem Accord kënn, imposéiert sech och aus Grënn vun elementarer sozialer Gerechtegkeet, well ouni Accord wäerten déi ärmste Länner d'Haaptaffär vun de klimatesche Verännerunge ginn. Si sinn nämlech besonnesch vulnérabel.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Dir all wësst, huet d'Nohaltegkeetskommissioun am Virfeld vun dëser Orientéierungsdebatt zum Sommet vu Kopenhagen, an zwar den 21. Oktober, en öffentliche Hearing an der Chamber organiséiert, wou verschidden Organisatiounen invitéiert goufen. Dës waren: de Panel 180°; de Mouvement écologique; Votum Klima; de Syvicol; d'Klimabündnis Lëtzebuerg an déi verschide Chambres professionnelles.

D'Zil vum Hearing war et, datt dës Acteuren aus der Zivilgesellschaft kéinte Stellung huelen zu deene villfältegen Aspekter vun dësem komplexen, awer ganz wichtege Thema.

Fir datt dat Ganzt méiglechst geuerdnet a strukturéiert oflaffe sollt, gouf e Questionnaire ausgeschafft a virum Hearing un déi verschidden Associatiounen verschéckt. Sou konnten d'Diskussiounen besser kanaliséiert an den Themeberäich méi kloer ofgestach ginn.

Eng zentral Fro war et erauszefannen, wat a wéi Lëtzebuerg kann zu den internationalen Ustrengunge bäidroen, mam Zil,

den Ustieg vun der globaler Temperatur wäitméiglechst ze limitéieren, op jidde Fall ënner zwee Grad Celsius.

D'Ëmweltorganisatiounen Votum Klima, Mouvement écologique an de Panel 180° hunn d'Drénglechkeet vun der Klimaproblematik ënnerstrach an d'Konsequenzen opgezielt, déi e Manktum u Courage an dëser Saach géife mat sech bréngen.

De Syvicol an d'Klimabündnis Lëtzebuerg hunn op de méigleche Bäitrag vun de Gemenge beim Kampf géint d'Ärderwärmung higewisen, an och d'Berufschambere koumen zu Wuert. Jiddwereen huet d'Importenz vun der Konferenz vu Kopenhagen unerkannt an et ass unisono ënnerstrach ginn, datt en Accord zu Kopenhagen néideg wär. Et misst dobäi e Gläichgewicht fonnt ginn tëschent Ëmweltaspekter, Klimaaspekter engersäits, a wirtschaftlechen a sozialen Aspekter anersäits.

Natierlech hunn d'Ëmweltorganisatiounen eier drop higewisen, datt mer wäit ewech si vun den Objektiv, déi mer eis am Kyoto-Protokoll gesat hunn, an datt méi politesche Courage néideg wär, während aner Associatiounen éischter op den eventuellen Impakt vun ze vill Ëmwelt- an CO₂-Reduktiounsmoosnamen op d'Wirtschaft an d'Beschäftegung higewisen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, datt ech op e puer Punkten aginn, déi am Laf vum Hearing vun deene verschiddenen Acteuren gesot goufen. Fir den Detail vun de Bäitrag an der Diskussioun verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Et gouf allgemeng d'Meenung ausgedréckt, datt virun allem d'Secteur vun der Mobilitéit, dem Bau, der Landwirtschaft an de Finanzen verstärkt mussen an de Kampf géint de Klimawandel agebonne ginn. Zudeem muss nach méi wéi bis elo op erneierbar Energie gesat ginn.

D'Ëmweltorganisatiounen stinn de sougenannten MDP-Projeten - also Mécanismes de développement propre - relativ kritesch géintiwwer. Bei dësem System kënnen industrialiséiert Länner a méi aarme Länner Projete finanzéieren, déi derzou bäidroen, den CO₂-Ausstouss an dës Länner ze reduzéieren oder ze évitéieren, an als Belounung kréien dann déi industrialiséiert Länner Kreditter guttgeschriwwen, déi se kënnen benotze fir hir eegen Emissionsobjektiv ze erreechen.

De Mouvement écologique an och anerer, déi sinn der Meenung, datt een, amplaz an deelweis zweifelhaft a kontraproduktiv Projeten ze investéieren, besser sollt déi Zomme benotzen, fir de System vun eisem Wirtschaftswuesstem an eng méi ëmweltfrëndlech Richtung ze orientéieren.

D'Berufschambere virun allem haten zu den MDP-Projeten awer vill méi eng nuanzéiert Meenung. A puncto Flexibilitéitsmécanismë vum Kyoto-Protokoll hu si festgestallt, datt dës u sech net problematesch, jo souguer fir den Technologietransfert an d'Entwécklungslänner wichteg a fir Lëtzebuerg onëmgänglech sinn, mä datt se ganz einfach an der Praxis net zefridde stellend fonctionnéieren.

Et mussen méi kloer Spillregelen a besser Kontrollmechanismen agefouert ginn. Dat soll awer net verhënneren, datt Lëtzebuerg prioritär op nationalem Plang Moossname muss huelen, fir sengen Engagementer gerecht ze ginn.

Am Hearing hu sech opgrond vun eiser Frostellung och nach aner ganz interessant Aspekter erausgeschielt, vun deenen ech der e puer wëll hei opzielen. Déi meescht waren der Meenung, datt, falls d'USA oder aner wichteg Schwellelänner wéi China, Indien, Brasilien a Mexiko, aus wat fir engem Grond och ëmmer, zu Kopenhagen net un engem Accord sollten deelhuelen, d'EU a besonnesch Lëtzebuerg déi moralesch Pflicht hätten, hir Efforten am Beräich vum Klimawandel awer weiderzedreiwen an e Reduktiounszil vun 30% unzestriewen, op d'mannst awer d'Moossname vum EU-Klima-Energie-Paquet ze verwierklechen.

Déi international Berechnungsmethod vun den Emissiounen vu GESen nom Prinzip vun der Territorialitéit huet net nëmmen Nodeeler fir Lëtzebuerg, ass festgestallt

ginn, besonnesch wat d'Produktioun vun Electricitéit ubelaangt. Si ass fir Verschiedener awer nëmmen akzeptabel, wa genuch Flexibilitéit fir aussergewöhnlech Emissiounen besteet, fir déi ze neutraliséieren.

D'Entwécklungshëllef dierf op kee Fall mat den Hëllefen am Kader vum Klimawandel vermëscht ginn. Doriwwer bestoung eng quasi Eestëmmegkeet.

Fir datt mer eis Kyoto-Ziler erreeche kënnen, brauch Lëtzebuerg eng couragéiert Politik, ass zum Ausdrock komm. Et muss eng global Strategie entwéckelt ginn, awer och sektoriell Strategien. Sou muss zum Beispill de Bausecteur iwwerduecht ginn. Et ass gesot ginn, mir géifen nach vill ze vill Haiser bauen, déi Energiefriesser wäeren, amplaz Niddregenergie- oder Passiv-Haiser. Den ekologesche Gedanken an Energiespuermoossname missten och fir d'Renovatioun vun alen Haiser méi am Vierdergrond stoen. A puncto Transportwiese misst weiderhin u propperen Technologie fir d'Automobilindustrie geschafft ginn an den öffentliche Transport muss ausgebaut a méi attraktiv gemaach ginn.

Et ass och iwwert d'Landwirtschaft Rieds gaangen an et ass gesot ginn, och wann d'Landwirtschaft eng wichteg Quell vu GES-Ausstéiss ass, sou baut se awer der och eng ganz Partie of. Säit 1990 gëtt et eng Baisse vun 8% vun den Emissiounen an der Landwirtschaft. Et muss ee sech awer weiderhi bewosst sinn, datt d'Landwirtschaft e Secteur ass, dee ganz sensibel op de Klimawandel reagéiert. Et wier also néideg, eng regelrecht Recherche- an Entwécklungspolitik ze bedreiwen an dësem Beräich, fir déi landwirtschaftlech Aktivitéit méi nohalteg a méi effizient ze maachen an hir Bedeelegung un der Produktioun vun alternativen Energien ze stäerken.

Et wier natierlech och en Appel un d'Konsumenten ze riichten, datt si hir Verantwortung sollten a puncto Klimaschutz iwwerhuelen a se sollte méi staark op regional Produkter zrëckgräifen an esou den lesswuerentourismus mat laangen Transportweeër hëllefen ze vermeiden.

Et gouf vun alle Säite Kritik um bestehende Primeren- a Subventionssystem, well dës ganz deier wär an d'ekonomesch Acteuren an enger gewësser Hisiicht géifen deresponsabiliséiert ginn. Et missten op jidde Fall sozial Kritäre bei der Verdeelung vun de Subsidien a Primë matspillen. D'Regierung misst d'Festleeë vun neie Standarde privilegéieren, nom Motto: Fördere jo, mä vill méi fuerderen. De Klimaschutz hätt nämlech säi Präis.

Et ass kee Wonner, datt d'Thema Tanktourismus och ganz kontrovers op deem Hearing diskutéiert ginn ass. D'ekologesche Associatiounen verlaangen, datt mir fir den Tanktourismus, dee ronn 40% vun de gesamten CO₂-Emissiounen vu Lëtzebuerg duerstellt, kuerzfristeg Léisunge misste fannen.

Anerer sinn der Meenung, datt mer besonnesch an der heiteger Situatioun kuerzfristeg net op déi ronn eng Milliard Euro Recettë verzichte kéinten, déi duerch de Verkaf vu Bensin an Diesel an d'Statskeess fléissen, an et misst een och berücksichtigen, datt ronn 2.000 Leit duerch den Tanktourismus eng Aarbechtsplaz hunn. Et misst ee bei dëser Problematik also méi virsiichteg a méi progressiv virgoen.

Zum Thema Tanktourismus erlaabt de Rapporteur sech och eng Suggestioun ze maachen: Ech mengen, d'Regierung sollt méiglechst schnell eng Etüd maache loosse iwwert den Impakt op eisen CO₂-Ausstouss an och op eis Statsfinanze vun deene groussen Entwécklungen, un deenen am Moment ganz intensiv an der Automobilindustrie geschafft gëtt, hin zu Autoe mat manner Verbrauch, mat manner CO₂-Ausstouss an zu elektresch gedriwwenen Autoen.

D'Fro vun der Noutwendegkeet vun engem neie Wuesstemsmodell ass och opgeworf ginn am Hearing. Misst d'Problematik vum Klimawandel net derzou féieren, fir d'Qualitéit an d'Quantitéit vun eisem aktuelle Wuesstemsmodell a Fro ze stellen?

D'Meenung ass ausgedréckt ginn, datt Lëtzebuerg wäert Problemer kréien, be-



sonnesch am soziale Beräich, fir en no-haltege Modell vu wirtschaftlech Wuesstem schnell op d'Been ze setzen.

D'Transitioun a Richtung vun enger kuestoffaarmer Ekonomie wär sécher eng Erausforderung fir eis Kompetitivitéit, ass och gemengt ginn, mä kéint awer och Wuesstemsopportunitéite mat sech bréngen. Et missten also méiglechst schnell Politiken an d'Wee geleet gi fir d'Entwécklung vun Technologien, déi kueststoffaarm an héich effizient sinn. Fir de Wuesstem ze moossen, missten och am plaz vum BIP nei gréng Indicateuren agesat ginn. Et misst och eng Reflexioun stattfanne mat dem Zil, eng méi ekologesch Wirtschaft ze schafen, ouni datt Aarbechtsplaze verluer ginn.

Des Weidere sollte mer eng méi ekologesch ausgerichte Fiskalitéit ustriewen op der Basis vum Prinzip vum Pollueur-payeur.

Dir gesitt also, et si ganz interessant a flott Suggestiounen komm, déi et derwäert sinn, datt se an Zukunft och nach weider ver- déift ginn.

Fir awer elo eis op dës Orientéierungs- debatt virzebereeden, hunn d'Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun och déi international an déi europäesch Prepara- tive fir Kopenhagen ënnert d'Lupp geholl. Mir hu vum Minister - an ech muss soen, datt de Minister ganz kooperativ war an eis ganz vill Informatiounen ginn huet - e Bericht kritt iwwert de Verlaf vum Som- met vun New York iwwert de Klimawandel vum 22. September 2009, wou hien an och den Ausseminister drun deelgeholl hunn. Do waren iwwer honnert politesch Leaderen aus der ganzer Welt zesummen am Siege vun der UNO a si hu versicht, déi Klimakonferenz virzebereeden.

Et muss ee soen, datt d'Positiounen do nach wäit ausenaner waren. Déi ambitiëst Offer ass vun der EU komm, fir d'Emissi- ounen bis zu 30% ze reduzéieren. Et gesäit een, datt an den USA mat deem neie President grousse Effortë gemaach ginn, mä datt intern awer och ganz vill Schwierig- keeten sinn, fir dës Efforten och politesch ze begleeden. Japan huet duerch seng nei Regierung matgedeelt, datt se hiert Reduk- tiounszil wéilten ëm 10% an d'Luucht hiewen.

Déi grousse emergent Länner wéi China an Indien hu sech nach bedeckt gehalen. Si hätte gare méiglechst vill Gelder, fir den Technologietransfert, dee se mussen maa- chen, dat wësse se, finanzéiert ze kréien.

Eng zweet wichteg Etapp um Wee op Kopenhagen war den Ëmweltministerrot vum 21. Oktober, well hei e Kompromiss fonnt ginn ass iwwert d'Positioun vun der EU en vue vu Kopenhagen. Och do huet de Minister eis déi wichtegst Konklusiounen matgedeelt; ech wëll der e puer dervun hei ernimmen.

Éischtens ass do e laangfristegt Zil fixéiert ginn, eng Reduktioun vu 50% vun den Emissiounen bis 2050 par rapport zu 1990. Dat ass e weltwäit Zil, dat et ze erreeche gëllt. Dat bedeit also, datt d'Industrielän- ner mussen méi héich Reduktiounen maa- chen, an zwar ëm 80 bis 95% bis 2050.

Dann ass sech och op e mëttelfristegt Zil gëeenegt ginn. Ech hu scho gesot, datt zu där beschlossener 20%-Reduktioun eng weider Offer gemaach ginn ass. Déi Reduktioun soll op 30% opgestockt ginn, wann déi aner Industrielänner an och déi gréisste Schwellelänner matzéien an dëser Hisiicht.

Dann ass d'Integratioun vun der Aviatioun, vum Flugverkéier a vum Schëffsverkéier, och festgehalen ginn. Bis 2020 missten d'Flug- gesellschaften hir Emissiounen ëm 10%, d'Schëfffahrt hir ëm 20% reduzéieren.

Wat nun d'Hëllef fir d'Entwécklungslänner ubelaangt, esou ass et eng Tatsaach, datt dës Länner am meeschten ënnert dem Klimawandel leiden. Et ass also nout- wendig, datt en Transfert vun nohaltegen Technologien an dës Länner stattfënn, fir datt och si kënne mathëlfen, déi uge- peilten Ziler ze erreechen. Heifir sinn zousätzlech - an ech ënnersträichen, zousätzlech - finanziell Moyenen néideg. Lëtzebuerg ënnerstëtzt och dës Fuerde- rung, huet de Minister eis gesot.

Zu Kopenhagen mussen och Négo- ciatiounen stattfannen iwwert déi souge-

nannten UQAen, Unités de quantité attribuée. Verschidde Länner hunn am Kader vum Kyoto-Prozess Emissiounsquote stockéiert, déi se elo wëlle mat an d'Spill bréngen, wann den neien Accord ausge- handelt gëtt. Déi europäesch Ministere sinn awer der Meenung, datt, wann dës Quote mat abezu ginn, et schonn direkt en Déséquilibre gëtt, an déi Entschee- dungen, déi geholl ginn, datt déi net effi- kass si vun engem ekologesche Stand- punkt hier. Hei misst also zu Kopenhagen eng zefridde stellend Léisung ausgehandelt ginn.

Dann: Eng weider Etapp war den euro- päesche Rot vum 30. November. Do wëll ech och just e puer wichteg Konklusiounen hei soen.

Fir d'éischt, datt emol d'Reduktioun vun 30% festgehalen ginn ass, wann anerer matzéien.

Et ass en Accord komm, datt den aarme Länner muss gehollef ginn an dem Kampf géint d'Klimaerwärmung.

D'EU ass bereet, sech un der Finanzéierung vun engem Fong ze bedeelegen, deen dësen aarme Länner hëllef soll. D'Ge- samtkäschte vun dëse Klimaschutzmooss- namen an den Entwécklungslänner bedroe ronn 100 Milliarden Euro pro Joer vun 2020 un. Dovunner mussen der eng gutt Partie vun der öffentlecher Hand bezuelt ginn an dobäi mussen all Länner, mat Aus- nahm vun deenen am mannsten ent- wéckelten, hiren Deel bäisteieren.

Fir den Entwécklungslänner méiglechst schnell ze hëlfen, mussen kuerzfristeg zousätzlech Flux financiers schnell ulafen an da progressiv klammen. Do ass vun engem Montant vu fënnf bis siwe Mil- liarde pro Joer geschwat ginn.

Et ass extrem wichteg, Moossnamen ze ergräifen, déi de Privatsektor incitéieren, sech un der technologescher Kooperatioun ze bedeelegen, fir och deen Technologie- transfert do fäerdeg ze bréngen.

De Conseil européen huet och all Kon- klusiounen vum Ëmweltministerrot vum 21. Oktober ugehall, an ech mengen do- madder hätt d'EU elo eng zolidd Basis geschaf, fir datt se zu Kopenhagen eng staark an eng konstruktiv Roll an de Verhandlungen spille kann.

Här President, léif Kolleeginnen a Kol- leegen, ofschléissend wëll ech bemerken, datt mer an der Nohaltegkeetskom- missioun gutt a vill zesummege schafft hunn, fir dës Orientéierungsdebatt virze- bereeden. E grouse Merci all deenen, déi do Hand mat ugepaakt hunn.

D'Kommissioun hofft, datt déi politesch Responsabel aus der ganzer Welt hir kuerz- fristeg Divergenze vergiessen an et fäerdeg bréngen, e weltwäiten Accord ausze- schaffen, deen e wüdeg Nofolger fir de Kyoto-Protokoll ass an deen ageet op déi grousse Enjeuen, op déi et elo ukënnt, an deen och d'Marschroute festleet fir déi nächst Jorzéngten.

Dat wäert natierlech op internationalem an och op nationalem Plang vill Konse- quenzen hunn, an an enger zweeter Etapp, no Kopenhagen, an ech mengen vum Januar 2010 un ass et da wichteg, datt mer hei am Land eng méi national Debatt ugin, mam Zil, en nationalen Aktionsplang auszeschaffen, deen déi eventuell Entscheedungen vu Kopenhagen ëmsetzt.

Lëtzebuerg muss prett sinn, dës Eraus- fuerderungen unzehuelen, an all seng Méiglechkeeten asetzen, fir matzehëlfen, d'Zukunft vun eisem Planéit ofzesécheren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Fernand Boden Merci fir säi Rapport. Als éischte Riedner ass elo den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Marcel Oberweis** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mir am Ufank dem hono- rabelen Här Fernand Boden Merci ze soe fir deen ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dat war eng Sisypus- aarbecht, all déi Saache beienene ze schreiwen an hei an enger kuerzer Form

virzedroen. Mir hunn et haut mat engem Dossier ze din, deen och an de Kontext vun der aktueller Finanz- a Wirtschaftskris agereit ka ginn. Et geet ganz einfach ëm d'Bezuele vun dem Upassungsprozess un déi schlächend Konsequenze vun dem Klimawissel an ëm d'Protektioun vun eiser Ëmwelt.

Op der Ëmweltkonferenz zu Kopenhagen am Dezember vun de Vereente Natiounen mussen sech 192 Länner iwwer en neie Protokoll zum Klimaschutz eens ginn. Dat dierft net einfach ginn. De Kyoto-Proto- koll aus dem Joer 1997 leeft am Dezember 2012 aus, et ass hei gesot ginn. D'klima- tesch Verännerungen, déi permanent öko- logesch Zerstéierungen, d'Spannungen tëschent de Räichen an den Aarmen op dëser Welt mussen an de Mëttelpunkt vun der Konferenz gesat ginn.

De Klimawissel bedréit elo schonn d'Liewensqualitéit vu Milliounen Mënschen, besonnesch Mënschen an den Entwéck- lungslänner. Si sinn duerch Naturkata- strophen an Hongersnéit am meeschte betraff. Si, déi de Klimawissel net ervir- geruff hunn. D'Aussoe vun der Ernährungs- konferenz zu Roum dës Woch vun de Vereenten Natiounen waren eendäitg: Eng Milliard Mënsche vu bal siwe leit mëttler- weil Honger, an et kommen all Dag Milliounen Mënschen derbäi.

Duerch de Klimawissel verléiert eise Planéit all Dag weider Agrarflächen, déi awer dréngend noutwendeg wieren, fir déi steigend Populatioun ze ernähren. E rezent Beispill dozou: An eisem Kooperatiouns- land Mali gi pro Joer sechs Milliounen Tonne Bësch ofgeholzt an net méi ersat. A wat bleift zréck? Kahlschlag! A wat geet weider? D'Wüst dréngt an déi Terrainen eran, an d'Mënsche réckelen an d'Stied, well an Afrika réckelen d'Mënschen an d'Stied, well se menge méi Chancen do ze hu wéi um Land. An domat gëtt de Misär an de Länner ëmmer méi grouss.

An ze mengen, et kënnt een de Problem elo duerch e massiven Asaz vun OGMe bekämpfen, ass en totalen Trugschluss. Doriwwer eraus kënnt et och zu engem erhéichte Verloscht vun der Biodiversitéit. Momentan verléiere mer all Sekonn ronn 3.000 m² Bësch an hëtzen eis Atmosphär esou staark op, dass vill Déieren- a Planzenzorten op der Welt ausgerott ginn. Déi räich Industrielänner, och mir, behuele sech mëttlerweil esou a puncto Ressourcé- verbrauch, als wiere si eleng do an hätte véier bis fënnf Planéiten zur Dispositioun. Dobäi hu mer nëmmen een, an dat fir bal siwe Milliarde Mënschen.

Wa mir hei vum Klimaschutz schwätzen, dann dierfe mer awer net vergiessen, dass et sech eigentlech ëm den Ëmweltschutz handelt, well et geet drëm, déi dräi Liewensressourcë Loft, Buedem a Waasser ze protegieren. Si, déi op ville Plaze vun der Welt mat Féiss getréppelt ginn. Zënter der virindustrieller Zäit, dat heescht 1769, huet sech d'Temperatur vun eiser Atmos- phär ëm 0,8 Grad Celsius erhéicht. An Europa bedréit dës Erhéijung schonn ee Grad Celsius, an op verschiddene Plazen op der Welt nach vill méi. Dës Tempera- turerhéijung gëtt zum gréissten Deel duerch den onmoossesche Verbrauch vun de fossilen Energien an eise räiche Länner verursaacht.

Wann de Weltenergieverbrauch esou weider uwiisst wéi bis elo, da klammen duerch d'Verbrennung vun de fossilen Energien och d'CO₂-Emissiounen weider. Am Joer 2008 waren et der ronn 33 Milliarden Tonnen, an et muss een dovun ausgoen, dass dee Chiffer op 45 Milliarde bis 2030, also bannent 20 Joer, klëmmt. Am Joer 1990, dem Referenzjoer, hate mer just 18 Milliarden. An da kommen all déi aner Dreifgasen derbäi, déi hiert Onwiesen an der Atmosphär driewen.

Well awer d'Reserven u fossilen Energien - Kuel, Äerdgas an Äerduelech - ëmmer méi kleng ginn, an d'Europäesch Unioun dës Energien zum gréissten Deel jo aféiere muss, klëmmt hir Energieofhängegkeet permanent. Hir Energieversuergung gëtt ëmmer méi prekär. Mir hunn dat an de leschte Jore schonn e puermol erlieft. Et gëtt geschätzt, dass d'Europäesch Unioun beim Äerduelech zu 93% a beim Äerdgas zu 84% am Joer 2030 ofhängeg wäert ginn.

Déi lescht Woch huet d'international Ener- gieagentur zu Paräis Alarm geschloen. Si huet fir e radikale Wiessel am Energiever- brauch plädéiert, well et soss zu engem dramateschen Uklamme vun der Atmo- sphärentemperatur géif kommen. Si schätzt, dass de Weltenergieverbrauch ëm 40% bis, wann et 20 Joer dauert, uwuesse wäert, an domat och dann déi geféierlech Dreifhaus-Emissiounen. Fuere mir viru wéi bis elo, da kënnt et zu enger Erhéijung vun iwwert déi zwee Grad Celsius, an da stelle sech ganz nei Froen fir eis Gesellschaft, wou mir bestëmmt alleguer nach wëllen derbäi sinn.

Fir awer déi gewënschte Begrenzung vun der Temperaturerhéijung an der Atmo- sphär op zwee Grad Celsius par rapport zur virindustrieller Zäit ze erreechen, mussen - et ass hei gesot gi vum Rap- porteur - massiv Investitiounen am Ener- gieberäich vun honnerte Milliarden duerchgeféiert ginn. Dat muss ee sech vläicht eng Kéier op der Zong zergoe loos- sen. Ech hu gesot gehat, 0,8 Grad Celsius ass d'Atmosphärentemperatur geklommen zënter 1769, a mir kréie gefrot nach zwee Grad am Ganzen. Dat heescht, et ver- bleiwen eis nach 1,2 Grad Celsius, a keng zwee, wéi déi meescht Leit mengen. Nach 1,2 bis 2050!

D'Europäesch Unioun ass fir 14% vun der weltwäiter CO₂-Emissioun responsabel. Hire Energieverbrauch berout momentan zu 80% op de Fossilenergien, an et deit näischt op eng Ännerung hin. Dierf ech drop hiweisen, dass sech d'Emissiounen vun der Europäescher Unioun awer vun 1990 bis 2007 ëm 12,5% reduzéiert hunn. Mir kenne wuel d'Ursachen, mä ëmmerhin, mir hunn e Beispill gesat fir d'Welt.

Eng weider Konsequenz vun der Erhéijung vun der Atmosphärentemperatur stellt, dat ass dat Dramatescht, d'Uklamme vum Mieresniveau duer. Zënter der Industria- lisierung eleng schonn 20 Zentimeter, a bis Enn vun dësem Jorhonnert mussen mer mat engem Uklamme bis bal 60 Zenti- meter, am schlëmmste Fall ëm e Meter rechnen. Déi 300.000 Awunner vun de Malediven mussen dann hir Insele raumen, well den Indeschen Ozean si iwwer- schwemmt. Hire President sot elo kuerz un d'Adress vun de räiche Länner: „Wann Dir dës Welt rette wëllt, da fänt ganz einfach bei ons un.“ Net fir näischt hunn d'Male- diven bei den Australier e Recht kritt, wann hiert Land ënner Waasser gesat gëtt, da kënne se dohinner auswandern. Si mir bereet, och Leit opzehuelen, wa se mussen vun hiren Insele réckelen?

Awer net nëmmen d'Mënschen an den Entwécklungslänner mussen hir Heemecht verloossen, mä och an de räiche Länner mussen mer eis vun de Küsten ewech- bewegen, an dës Migratioun ríft vill Sträit op. Vergiesse mer net, dass all véierte Mënsch op der Äerd bei de Küsten oder laanscht d'Küste leeft. Och d'Schmëlze vun de Gletscheren am Himalaya, an Afrika an an den Alpe mécht de Leit, déi do wunnen, Kappzerbriechen.

Derniewent bréngt dat rabiart Ofholze vun dem Reebësch mat sech, dass ëmmer mander Kuelendioxid gebonne gëtt. Eleng am Amazonasberäich oder -bësch ginn all Joers zegausende Quadratkilometer ëmgehaen, an déi feelen als Sauerstoff- spender. An ee vun de gréisste Problemer, deen erliewe mer haut schonn duerch d'Kricher, dat ass de Krich ëm d'Waasser. Ëmmer méi Plazen op der Welt gi mat deem Problem befaasst.

Doriwwer eraus dierfe mer net vergiessen, dass ronn 2,4 Milliarde Mënschen op dëser Äerd nach keen Accès hunn zum Stroom wéi mir en hunn. Kucke mer eis nëmmen de Kontinent Afrika nuets un, deen ass däschter. Firwat? Do gëtt et weder Stroom nach Beliichtung.

Den aktuelle Wäert vun der CO₂-Konzen- tratioun an der Atmosphär bedréit zurzäit 387 ppm, an dat géintwuer dem Wäert vun 270 ppm um Ufank vun der indus- trieller Ära. Duerch international Négo- ciatiounen muss erreecht ginn, dass sech dës Konzentratioun bei maximal 450 ppm stabiliséiert an duerno erëm iwwer eng



laang Period op 350 ppm zrëckgefuert gëtt.

D'Wëssenschaftler si sech eens: Dës Limite dierf net iwwerschratt ginn, well et soss zu geféierlechen an irréversiblen a kaum beherrschbare Suitë fir d'Natur an och fir d'Gesellschaft kënnt. Dat schaffe mer awer nëmmen dann, wann d'Emissioun vum den Dreifhausgasen hire Maximum ganz kuerz bannent den nächsten zéng Joer erreechen an duerno erëm zrëckgefuert musse ginn.

D'Europäesch Unioun gesäit am Klima-wiessel dofir eng grouss Gefor fir de Friden an der Welt. Schonn eleng duerch déi vill Ëmweltflüchtlingen, déi aus hiren Heemechtslänner, notament laanscht d'Küste vun de Mier, verdriwwen ginn.

Si wëllt dierfir duerch e ganz ambitiëse Pak, dee sougenannten Energie-Klima-Pak, hir CO₂-Emissiounen ëm 20% a souguer ëm 30% reduzéieren, d'Energie ëm 20% méi effikass notzen an 20% erneierbar Energien an hirem Energiemix asetzen; an dat par rapport zu 1990.

Vun de räiche Länner, zu deene mir och gehéieren, gëtt also erwaart, dass si hir Dreifhausgasemissioune ganz staark, souguer ëm bal 95% bis 2050, also banne 40 Joer par rapport zu 1990 reduzéieren müssen. A mengen Aen eng gigantesch Aufgab. Si ass awer nëmmen dann ze meeschteren, wa mir alleguerten, Industrielänner, Schwellelänner an Entwécklungslänner, an déiselwecht Richtung marschéieren.

D'Ëmweltkonferenz vu Kopenhagen muss dierfir déi Rumm opspanen, an där déi néideg Mesurë fir dese liewenswichtige Upassungsprozess opgeholll musse ginn. Si müssen, dat sinn d'Industrielänner, hir Energie alleguer méi effikass notzen. An do ka kee sech erausfuddelen, andeem e seet, bei sech doheem wäre ganz aner Problemer virrangeg.

„Et kann an dësem Prozess kee sech erasmusogelen. Et geet hei ëm d'Iwwerliewe vun ons alleguerten!“, dat huet eng Kéier e Mann erkläert mat engem Boot. Hei sëtze se alleguer an engem Boot, a wann dat Boot bis eng Kéier ënnergeet, da gi mer alleguer mat ënnen. Et kann also kee mengen, e kéint do erausklammen.

Et muss also, wéi ech gesot hunn, zu engem Ëmdenke vum Energieverbrauch an an der Energieversuergung kommen. Notament an deene Länner, déi en héije Pro-Kapp-Verbrauch hunn.

Mëttlerweil ass déi weltwäit Produktioun vun de fossilen Energie méi kleng wéi de weltwäite Verbrauch. Dat heescht, et kënnt zu Enkpäss an der Welt. An da kënne sech nëmmen nach déi räich Länner erëm Energie leeschten, an d'Schwellelänner an déi aarm Länner, déi elo schonn näischt hunn, déi kommen ëmmer méi an d'Labranten.

Ganz besonnesch spillen déi erneierbar Energien eng eminent wichteg Roll; et ass och ugeschwat ginn hei vum Rapporteur. Mir sti ganz einfach um Enn vun enger Zäit vun de fossilen a mir fänken un d'Zäit vun den erneierbaren Energien. Hei zu Lëtzebuerg brauche mir dierfir en nohaltegen Asaz vum Stat, de Gemengen, de Betriber an den Haushalter. Mir brauchen eng nohaltege Opbrochstëmmung.

D'Energie muss méi effikass agesat ginn. Doduerch kënne mir och da probéieren, lues a sécher vun deenen 30 Tonnen Emissioun pro Kapp ewechzekommen. Elo, wou eis d'Aarbeitsplazen ewechbriechen, mécht et Sënn, d'Mënschen ëmzeschoulen an hinnen eng nei an dauerhaft Aarbeitsplaz an dësem faszinéierenden Energie- an Ëmweltberäich unzebidden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kyoto-Protokoll ass de 16. Februar 2005 a Kraaft getrueden an onst Land hat sech verpflichtet, seng Emissiounen ëm 28% bis 2012 ze reduzéieren, an dat par rapport zu 1990. Dat waren deemools ganz kéng Wieder. Mir wëssen awer, mir si wäit dervun ewech.

Deemools hate mir eng Emissioun vun 13,2 Milliounen Tonnen. Am Joer 2008,

also d'lescht Joer, hate mer der 12,5 Milliounen. Duerch déi Neiberechnung fir d'Emissioun vum den Dreifhausgasen duerch d'Europäesch Kommissioun muss Lëtzebuerg elo seng Emissiounen ëm 20% bis 2020 par rapport zu 1990 reduzéieren. Dat heescht, mir müssen dann op 10,6 Milliounen kommen. Mir ware bei 13,2, d'lescht Joer bei 12,5, an elo op 10,6.

Fir Betriber aus dem ETS-System sinn dat 2,14 Milliounen a fir all déi aner nach 8,5 Milliounen. Mir müssen deemno bis 2020 nach ronn 2,7 Milliounen Tonnen an eiser Pro-Joer-Emissioun aspueren.

Dat ass ze maachen, wa mer eis alleguerte gutt druginn. Mä d'Fro ass berechtigt: Packe mir dës Reduktioun iwwerhaupt eleng, och wa mir dës Aufgab heiheem ganz seriö ugin, duerch e massiivt Energiespueren? Oder musse mir bei aneren europäesche Memberstaten Hëllef ufroen? Sief dat zum Beispill iwwert d'„joint implementation“ oder mat Drëttweltlänner, andeem mer mat hinnen dann déi Mécanismes vun der nohalteger Entwécklung diskutéieren.

Et ass ugeklongen: D'Lutte géint de Klima-wiessel ass eng eminent wichteg Ugeleeënheet fir d'Zukunft vun eisem Planéit, méi wéi d'Finanz- an d'Wirtschaftskris. Op kee Fall dierfe mir zouloossen, dass déi aktuell Finanz- a Wirtschaftskris als Virwag geholl gëtt, fir eben näischt ze maachen. Et muss villméi zu engem vernetzten Zesummewierke vun der Wirtschaft an der Ëmwelt, an dat virum sozialen Hannergrond, kommen.

Dat war schonn op der éischter Klimakonferenz zu Rio am Joer '92 festgehal ginn, awer déi wéinegst Länner hu sech dru gehalen. Den engleschen Ekonomist Sir Nicholas Stern huet op der UN-Konferenz zu Bali am Joer 2007 kloer gesot: „Wa mir näischt géint de Klimawandel ënnere huelen, da musse mir - dat si mer alleguerten erëm - 5 bis 20% vun dem gesamte globale Bruttoinlandsprodukt vun der Welt am Joer 2020 fir Ëmweltschied opbréngen.“

Dat heescht, mer schaffe quasiment all fënneften Euro, fir d'Ëmweltschied dann erëm ze sanéieren.

Mir müssen dervun ausgoen, dass 100 Milliarden Euro pro Joer no 2020 agesat musse ginn, fir d'Konsequenze vun dem Klimawissel opzefänken. Héich Investitiounen fir d'Reduzierung vun den Dreifhausgasen musse mir dierchféieren.

Dierf ech am Vergläich just eppes zitieren hei? Déi lescht Zuel, déi ech nofonnt hat, war d'Joer 2020. Do hätte mer, no Rechnung vun de groussen Assicurancen, 55 Milliarde Klimaschutz ze bezuelen. Déi weltwäit agéierend Assicurancen - fir keng Nimm ze nennen hei - schätzen, dass dës Ëmweltschied am Joer 2020 bis op 600 Milliarden Dollar eropklamme wäerten.

Ech hu schonn drop higewisen, dass eist Land an de kommende Jore säin Energieverbrauch an domat och seng Dreifhausgase staark muss reduzéieren. An doriwwer eraus si mir opgefuerdert, den Undeel vun erneierbaren Energien am Energiemix op 11% bis 2020 eropzehiewen. Momentan sti mer bei 3,7%. Mir kënnen eis also gutt virstellen, dass et nach e laange Wee dauert, bannent deenen nächsten zéng Joer op déi 11% ze kommen.

Et läit vill Aarbecht virun ons heiheem. Mä, erëm eng Kéier, muss ee vläicht dann Hëllef siche goe bei aner gréisser Memberstate vun der Unioun, oder de Réckgrëff op d'CDMen huelen, de flexibele Mechanismus aus dem aktuelle Kyoto-Protokoll.

Mir dierfen awer nëmme 4% vun den Emissiounen aus dem Joer 2005 aus nohaltegen CDM-Projeten akafen, an dat vun 2013 un. Dat sinn awer nëmme 400.000 Tonnen aus deenen 2,7 Milliounen, déi mer do à disposition hunn, déi mer musse reduzéieren.

An hirer Kommunikatioun Nummer 29 vum 28. Januar dëst Joer weist d'Europäesch Kommissioun op dësen Asaz vun den CDMen hin. Et gëtt do kloer definéiert, wéi esou en CDM-Projet mat engem Entwécklungsland oflaffe muss. Déi obligatoresch Ëmweltverträglechkeetsprüfungen müssen duerch déi Sozialverträglechkeetsprüfungen nach verschäerft ginn.

Dierf ech drop hiweisen, dass vun deene bis elo dierchgeféierten 1.900 CDM-Projeten an der Welt een Drëttel a China dierchgefuert ginn ass? E Land, dat ëmmerhi méi wéi e Schwelleland ass.

No mengen Informatiounen sinn der nëmmen eng Handvoll mat Länner an Afrika dierchgeféiert ginn. Eng Blamage fir déi räich Länner.

D'Europäesch Kommissioun verlaangt dierfir, dass zu Kopenhagen den CDM-Prozess reforméiert muss ginn.

Och huet sech d'Europaparlament a senger rezenter Sessiou iwwert d'Applikatioun vun CDM-Projeten ausgelooos a verlaangt kloer definéiert Regeln, fir dass den Abus agehallt gëtt, dee mëttlerweil festgestallt ginn ass.

Op der 15. Ëmweltkonferenz vun de Vereenten Natiounen zu Kopenhagen geet et deemno ëm d'Zukunft vun der Mënschheet op dem bloe Planéit. An dierfir musse mir am Klimaschutz déi wichtegst global Aufgab gesinn. Dat kann awer nëmme geschéien, wa mir endlech gesinn, dass d'Emissioun vun Dreifhausgasen e kloer kalkuléierte Präis kritt.

De Präis fir déi gehandelt CO₂-Zertifikater louch am Joer 2008 bei 20 bis 25 Euro pro Tonn. Mir haten deemools gemengt gehat, et kéinten der 100 ginn; 100 Euro. Am Februar dëst Joer louch en nëmmen nach bei acht Euro pro Tonn an am Juli bei 14 Euro. Also dat ass eendeiteg ze mann, fir ee massive Mentalitéitswessel erbäizeféieren.

Mir waren et bis elo gewinnt, permanent méi ze konsuméieren, ouni ze hannerfroen, wou d'Ressourcen hierkommen a wéi se produzéiert ginn a welch negativ Agrëffer si an eis Natur hunn.

Et heescht elo, déi wëssenschaftlech gebueden Ziler ze erkennen an no hinnen ze handeln. Dat ass fir vill Mënschen eng batter Pëll. Mä mir musse se alleguerte schlécken. Ze mengen, de Klima- an den Ëmweltschutz zum Nulltarif ze kréien, ass de falsche Wee. Dat wier ökologesch irresponsabel an doriwwer eraus och technologesch kuerzfristig.

Mir kënnen net méi waarden, well mir hunn eng ze vill grouss Responsabilitéit virun de kommende Generatiounen an eiser Ëmwelt. Wa mir dat net agesinn, da verpasse mir eng eemoleg Chance als Nofolgeprotokoll vu Kyoto. Fir et ganz däitlech ze soen, schreift den däitsche Conseil supérieur vun de globalen Ëmweltverännerungen dozou: Fir der Atmosphär an der Ëmwelt laangfristeg eng reell Chance ze ginn, dierft d'Pro-Kapp-Emissioun am Joer 2050 nëmmen nach zwou Tonnen CO₂ pro Joer bedroen.

Dat heescht konkret, Dir Dammen an Dir Hären, déi néng Milliarde Mënschen, déi da liewen, hu just nach e Joresenergieverbrauch pro Kapp zegutt an der Héicht vu 600 Liter Mazout. Vu 600 Liter Mazout! Dat heescht, jiddwereen dierf nach 4.000 km fueren, net méi hëtzen a keng Pharmaprodukten notzen. Haut hu mir e Weltduerchschnitt vu 4,8 Tonnen CO₂ am Joer.

Wann ee sech de Verbrauch vun haut an den Industrielänner ukuckt, da gesäit een, wat fir eng Herkules-Aufgab virun ons alleguerte läit, an dat vis-à-vis vun den Drëttweltlänner. D'Konferenz vu Kopenhagen muss also eng Chance fir eng concertéiert Aktioun tëschent der Wirtschaft an der Politik am Sënn vun der nohalteger Entwécklung ginn. Mat intelligente Léisungen an Investitiounen an eng zukunftsfaeg Wirtschaft kënne mir dës schwierig Erausforderung meeschteren.

Zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, vu menger Interventiuon wëll ech ënnersträichen, dass mir elo am Prozess vun der Konferenz vu Kopenhagen stinn. Duerno gëtt d'Aarbecht an d'Responsabilitéit fir déi 27 Memberstaten a puncto Dreifhausgasemissiou-Reduktioun bis 2020 behandelt. An da gesi mer eis nach eng Kéier erëm hei. Da musse mer froen, wat onst Land selwer wëllt maachen.

D'CSV op alle Fall wäert sech awer mat Nodrock an dësem wichtege Upassungsprozess engagéieren. Fir si ass kloer: Mir müssen déi gefuerdert kueststoffräi Gesellschaft opbauen. An dierfir invitéiert se jiddwer Matbierger, sech un dëser Aufgab

ze bedeelegen. Et lount sech wierklech, well d'Zäit vum Iwwerfluss an dem Gas-pillage ass eriwwer. An déi onmoosseg Belaaschtung vun den dräi Liewensressourcë muss ganz séier en Enn kréien.

Et gëllt deemno, fir mech op alle Fall: D'Konferenz vu Kopenhagen muss en Erfolge gi fir d'Mënschen, fir eis Ëmwelt a fir de Klima. Mir hu kee Plang B. Mir hunn awer nach Zäit a müssen déi sënnvoll usetzen a verwenden.

Merci villmools fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Marcel Oberweis Merci. Virdrun hat de Rapporteur Fernand Boden vergiess seng Motioun ze deponéieren. Ech géif him nach eng Kéier ganz schnell d'Wuert ginn, fir dat elo nach nozehuelen.

► **M. Fernand Boden (CSV), rapporteur.** - Här President, Merci fir d'Wuert nach eng Kéier. Effektiv wollt ech am Numm vun der CSV eng Motioun déposéieren, déi mer awer an der Kommissioun dierchdiskutiert haten, wou och d'LSAP-Fraktioun an d'DP-Fraktioun gesot hunn, si géifen déi Motioun ënnerstëtzen. Bei anere stoung dat nach op.

Dierfir wollt ech dës Motioun déposéieren, fir datt jiddweree Kenntnis vun der leschter Versioun hei huet an datt e kann eventuell nach zu där Motioun adhéréieren. Ech erlabe mer herno dann als Member vun der CSV-Fraktioun nach eng Kéier heirobber zrëckzekommen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *vu la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques (CCNUCC), signée à Rio de Janeiro en juin 1992 et ratifiée par la Chambre des Députés en 1994;*

- *vu le protocole de Kyoto, signé en décembre 1997 et ratifié par la Chambre des Députés en 2001;*

- *considérant que, dans ce contexte, le Luxembourg s'est engagé à réduire ses émissions de gaz à effet de serre pour la période 2008-2012 de 28% par rapport à leurs niveaux de 1990;*

- *considérant que malgré la mise en œuvre de politiques et mesures ambitieuses, le Luxembourg n'a pu réduire que légèrement ses émissions de gaz à effet de serre à cause de circonstances nationales particulières, et a dès lors dû recourir aux mécanismes de flexibilité du protocole de Kyoto, notamment les activités de projet «mécanismes de développement propre - MDP»;*

- *considérant que la décision N°406/2009/CE du 23 avril 2009 relative à l'effort à fournir par les États membres pour réduire leurs émissions de gaz à effet de serre afin de respecter les engagements de la Communauté en matière de réduction de ces émissions jusqu'en 2020 impose au Luxembourg un objectif de réduction de 20% d'ici 2020 par rapport à 2005 des émissions des secteurs qui ne sont pas concernés par le système européen d'échange de quotas d'émission;*

- *considérant que la 15^e Conférence des Parties à la CCNUCC respectivement la 5^e réunion des Parties au protocole de Kyoto auront lieu en décembre 2009 à Copenhague, en vue de renforcer la CCNUCC et de donner une suite aux engagements de réduction des émissions de gaz à effet de serre du protocole de Kyoto;*

- *affirmant sa volonté de voir aboutir Copenhague à un accord international ambitieux et efficace, juridiquement contraignant, incluant également tous les pays qui n'ont pas ratifié le protocole de Kyoto et les pays émergents;*

- *faisant siennes les conclusions du monde scientifique, en particulier du Groupement intergouvernemental des experts sur le climat (GIEC), selon lesquelles la hausse de la température moyenne mondiale ne doit pas dépasser de plus de 2° Celsius les niveaux de l'ère préindustrielle, qu'il est dès lors indispensable que les émissions mondiales de gaz à effet de serre soient réduites d'au moins 50% d'ici 2050 par rapport à 1990, que cela signifie que les pays développés devraient réduire collectivement leurs émissions de gaz à effet de serre de 80 à 95% d'ici 2050 par rapport à 1990, tandis que les pays en*



développement pris ensemble devraient rester en-deçà du taux de croissance des émissions prévu actuellement;

- considérant les conclusions sur le changement climatique du Conseil Environnement de l'Union européenne du 21 octobre 2009 et du Conseil européen du 30 octobre 2009;

- notant que la conclusion par la Communauté européenne et ses États membres d'un nouvel accord international au titre de la CCNUCC nécessitera un accord de répartition des charges entre les États membres sur base des résultats de la conférence de Copenhague et conformément à la décision N°406/2009/CE;

invite le Gouvernement

- à soutenir, sur le plan international, l'adoption à Copenhague, d'un accord international de lutte contre le changement climatique, suffisamment ambitieux et efficace, juridiquement contraignant, incluant tous les pays, et avec des objectifs de réduction ambitieux pour les pays développés ainsi que des engagements fermes de la part de ces pays en vue d'un financement de la lutte contre le changement climatique dans les pays en développement;

- à plaider pour l'intégration des secteurs de l'aviation et de la navigation dans les accords de Copenhague;

- à traiter la question des unités de quantité attribuée (UQA) inutilisées de sorte que la gestion du surplus d'UQA n'affecte pas l'intégrité environnementale de tout accord conclu;

- à prévoir des mesures d'incitations pour faire participer le secteur privé à la coopération technologique;

- à œuvrer sur le plan européen pour porter l'objectif de réduction communautaire de 20% à 30% d'ici 2020 par rapport à 1990, pour autant que d'autres pays développés s'engagent à atteindre des réductions d'émission comparables et que les pays en développement apportent une contribution adaptée à leurs responsabilités et leurs capacités respectives;

- à plaider pour une priorité aux actions au niveau national avant d'avoir recours aux mécanismes flexibles au niveau international comme élément complémentaire aux actions au niveau national;

- à plaider pour une révision des critères applicables aux «mécanismes de développement propre CDM» afin d'intégrer les aspects du développement durable;

- à plaider pour une approche par étapes des projets «Reducing Emissions from Deforestation and Forest Degradation REDD» et à ne pas reconnaître à ce stade de tels projets comme élément du marché de carbone ou pour la réduction des gaz à effet de serre;

- à adopter, dans le cadre de l'effort à fournir par les États membres pour réduire leurs émissions de gaz à effet de serre afin de respecter les engagements de la Communauté en matière de réduction de ces émissions jusqu'en 2020, un objectif de réduction ambitieux au niveau national qui, tout en donnant la priorité aux mesures nationales, tient compte de nos circonstances nationales spécifiques;

- à soutenir les efforts de l'Union européenne pour atteindre un accord sur le financement des mesures visant à aider les pays en développement à mettre en œuvre des stratégies ambitieuses en matière d'atténuation et d'adaptation, dont le surcoût global est estimé par la Commission européenne à quelque 100 milliards d'euros par an d'ici 2020, et à définir la participation du Luxembourg en fonction de l'accord sur le financement obtenu;

- à plaider pour la complémentarité de ces moyens financiers pour ainsi garantir le maintien intégral du volume actuel des aides internationales au développement;

- à plaider pour une claire distinction entre les fonds que les pays contribuent dans le cadre de l'aide publique au développement et les fonds à verser dans le cadre de leur responsabilité «climat»;

- à tenir la Chambre des Députés informée des négociations et des conclusions de la conférence de Copenhague;

- à faire entamer, sur base des résultats de Copenhague, les travaux de préparation d'un 2^e plan d'action national en vue de réduire les émissions de gaz à effet de serre et à organiser à cet effet une large consultation avec la société civile et les milieux concernés, ainsi qu'avec le Syvicol;

- à présenter le projet du 2^e plan d'action national en vue de réduire les émissions de gaz à effet de serre en séance plénière à la Chambre des Députés dans le cadre d'un débat de consultation.

(s.) Fernand Boden, Eugène Berger, Roger Negri, Marcel Oberweis, Ben Scheuer.

► **M. le Président.**- Merci. Als nächste Riedner ass elo den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass e souveräne Stat, dee seng eege Revendicatioun beim Klimasommet an Dänemark ka virdroen a verteidegen. Dat wäert eis Delegatioun, dat wäert eis Regierung awer net maachen, well mer am Klimadossier solidaresch mat der Positioun vun den EU-Länner sinn. An déi hunn d'Schwéierpunkte schonns op deene verschiddene Ministeschconseilen an de leschte Woche festgeluecht, an d'Lëtzebuerger Regierung huet déi och gutt-geheescht.

Wa mer also haut de Mëtten hei en Débat féieren iwwert d'Positioun vu Lëtzebuerg zu Kopenhagen, dann ass dat elo knapp dräi Woche virun der Konferenz zwar gutt gemengt - et war och vill Aarbecht an der Kommissioun gemaach ginn, mir haten en Hearing -, mä trotzdem kann een awer soen: Et ass e bësse Moutarde après dîner.

Ech wëll awer direkt ënnersträichen, dass mir als DP dës Positioun vun der Europäescher Communautéit kënnen deelen, ëmsou méi, well de Klimaschutz jo ee vun deene wéinege globalen, weltpoliteschen Dossier ass, wou Europa an der Vergaangenheet oft Leadership gewisen huet, wou Europa an der Vergaangenheet och trotz all de Schwieeregkeeten ëmmer nees konnt Fortschrëtt erzielen. An Europa, hoffen ech, wäert dat och an Zukunft weiderhi maachen. Sécherlech bleift a verschiddenen Detailfroen, wat déi europäesch Verhandlungspositioun ubelaangt, déi eng oder aner kleng Differenz tëscht deenen eenzelne Memberlänner, mä déi Haapt-ausrichtung, déi stëmmt awer.

Opgrond vun de leschten Erkenntnisser vun de Wëssenschaftler misst jo och elo de gréisste Skeptiker agesinn, dass d'Ärderwärmung reell ass. Virdrun huet mäi Virriedner, de Marcel Oberweis, vun e puer Beispiller geschwat, ënner anerem d'Gletscher am Himalaja. Dofir wëll ech dat och nach eng Kéier hei - wéi soll ech soen? - ënnermaueren, déi perséinlech Experienz, déi ech hunn.

Ech war effektiv dës Summer nach eng Kéier op engem Trekking am Himalaja op Plazen, wou ech fir d'lescht virun 20 Joer war, an ech konnt feststellen, dass do wierklech d'Gletscher net nëmmen 100 oder 200 oder 300 Meter zrëckgaang sinn, mä carrément iwwer een, zwee Kilometer si se zrëckgaangen. Also, do kann ee wierklech an der Natur gesinn, wat dat bewierkt respektiv wéi schnell dass dat ka goen. D'Klammer awer nees zou.

D'Unheize vun der Ärdatmosphär ass eng vun deene gréissten Erausforderungen an eisem Jorhonnert ginn. A wa mer d'Klimawärmung, déi haaptsächlech jo duerch den CO₂-Ausstooss verursaacht ass, net gebremst kréien, dann huet dat katastrophal Folge fir eise Planéit. Virun allem wäerten dann d'Drëttweltlänner, déi awer net responsabel si fir déi CO₂-Emissiounen, als Éischt mussen d'Folgen droen, kleng Inselstater, Küstengebieder a virun allem och aarm Länner mat sozial prekäre Mënschen a Gesellschaften.

Och déi finanziell Nofolgekäschten, dat betrëfft da méi déi industrialiséiert Länner, wäerten, wa mer d'Ärderwärmung net kënnen stoppen, eng Kéier vill méi deier ze stoe komme wéi de Präis, deen et elo géif kaschten, wa mer elo géife preventiv handelen an investéieren.

Mir kënnen also aus deene Grënn deem zoustëmme, wat Europa wëllt op der Cop15 an Dänemark verteidegen. Mir brauchen onbedéngt eng Limitatioun vun

der duerchschnëttlecher Ärderwärmung op 2 Grad Celsius. Duerfir brauche mer contraignant Reduktiounsziler, souwuel fir d'Weltcommunautéit an och insbesonnesch fir Europa, dat jo als Kontinent mat dem Gros vun den industrialiséierten Natiounen eng besonnesch Responsabilitéit dréit.

Duerfir muss d'EU och prett sinn, fir e substanzialen Undeel vun de Reduktiounen ze droen. Duerfir kënnen mer also och dat Zil, am beschte Fall minus 30% CO₂-Reduktiounen an der EU bis 2020, voll ënnerstëtzen.

Ech ginn elo net weider an den Detail vun der Positioun vun der EU an, déi, wéi gesot, och déi ass, déi Lëtzebuerg solidaresch matdréit. D'Motioun vun der Majoritéit zielt déi wichtegst Positiounen, déi ënner schwedescher Présidence ausgeschafft gi waren, op. An duerfir wäerte mir déi Motioun och kënnen matstëmme, och wa se awer hätt kënnen an deem engen oder anere Punkt méi prezis sinn, méi prägnant hätt kënnen sinn, besonnesch wann ee méi op de spezifesch lëtzebuergesche Kontext géif agoen.

D'Fro, déi sech jiddweree stellt, ass déi, wat da schlussendlech zu Kopenhagen wäert erauskommen. An deene leschten Deeg liest een ëmmer erëm nei Meldungen an de Medië mat Revirementer, neien Amenter, Positiounen vu Länner a Regiounen, sief dat, dass d'APEC-Länner elo kee juristesche contraignant Accord méi wëllen, sief et - an dat ass besonnesch enttäuschend a mengen Aen -, dass den amerikanesche President Obama net ka seng Versprieche halen, well en am Réck sai Senat sëtzen huet, sief et, dass China net wëllt mat éischte konkreten Engagementer matmaachen.

An da geet ëmmer méi Rieds vun engem Minimalkonsens, wou am beschte Fall eng politesch Absichtserklärung wäert zustane kommen.

Ech wëll hei och eng kleng Klammer opmaachen. Zu Kopenhagen sinn iwwer 40 Staatspräsidenten oder Premierer, déi do präsent sinn, fir hir Delegatiounen unzeféieren. Lëtzebuerg ass zwar wahrscheinlech och gutt vertrauten duerch eise Superminister, den Nohaltekeetsminister. D'Fro awer: Firwat géif net och vläicht eise Premier, de Jean-Claude Juncker, dee jo awer eng ganz grouss Akzeptanz an Europa huet, dee jo do och bekannt ass als wierklech en haartnäckegen Ambassadeur vun europäeschen Iddien, matgoen? Da wär och vläicht d'Positioun vun Europa an deenen Diskussiounen gestärkt. Klammer zou.

Trotz all den Efforten, déi d'EU wäert bréngen, mat eisem Premier oder ouni hien, soen ech lech elo schonn, dass Kopenhagen wäert aus der Perspektiv vum Ëmwelt- a Klimaschutz eng Enttäuschung ginn. An et riskéiert wierklech zu enger renger Symbol- an Ukënnegungsdecisioun ze kommen, minus 20%, minus 30%, minus 50%, bis minus 50. Wie bitt am Endeffekt méi? Mä konkret gëtt zu Kopenhagen näischt an d'Wee geleet.

Dat ass awer par rapport zum Grand public och net kredibel, wann een net weess, mat wat fir enge Moyenen een déi héich gestallten Ziler eben da wëllt erreechen.

Bon, dat dierf eis hei zu Lëtzebuerg awer net ofhalen, eisen Deel vun der Verantwortung ze iwwerhuelen, well esou oder esou hu mir hei zu Lëtzebuerg nach e gudden Deel vun eisen Hausaufgaben am Beräich vun de Reduktiounen vun Dreifhausgaser ze maachen.

Ech ginn elo net op d'Zuelen an; mir haten d'lescht Joer oder an der leschter Legislatur eng ganz interessant Debatt. Mir hunn e ganz lichte Recul vun eisen Emissiounen, deen haaptsächlech op d'Wirtschaftskris zrëckzuféieren ass. Egal wéi, mir sinn do nach wäit vun eisem Zil ewech.

Ënnert deem Bléckwénkel géif ech souguer ganz provokativ soen: Et kann eis am Fong geholl hei zu Lëtzebuerg komplett egal sinn, wat zu Kopenhagen décidéiert gëtt, well mir bleiwen hei zu Lëtzebuerg esou oder esou, mat oder ouni Kopenhagen, fir eng weider Reduzéierung vun CO₂-Gase gefuerdert. Ech wëll mech duerfir och elo net weider mat de Virbereedunge vu Kopenhagen méi ofginn, mä ech wëll

duerfir hei e puer kruzial Froen stellen, wéi mer méi konkret hei zu Lëtzebuerg eis Ziler am Beräich Klimaschutz wëllen erreechen.

Wéi ass d'Strategie vun der neier Regierung fir d'Reduktiounen vun den Emissiounen vun Dreifhausgaser an deene verschiddene Beräicher? Wéi gesinn d'Aktiounspläng aus, fir eis Ziler ze erreechen?

Den Nohaltekeetsminister huet an der Kommissioun e puermol drop verträischt, dass ee misst Kopenhagen ofwaarden, ier ee Pläng a Strategie kéint opstellen.

Dat ass a mengen Aen, Här Minister, verlueren Zäit, well all Dag, dee verluer geet, fir esou Strategien opzustellen, en duebel verluerenen Dag ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).**- D'Problemer an d'Aktiounsfelder am Beräich Klimaschutz sinn hei zu Lëtzebuerg jo beschte bekannt. Dat ass an éischter Linn den Transportberäich, dass ass de ganze Beräich vum Hausbau, vun der Energieeffizienz, vun den erneierbaren Energien.

Déi nei Regierung schéngt net ëmmer prezis a kloer Virstellungen zu deene verschiddenen Aktiounspläng ze hunn. D'DP, mir, hunn awer ganz kloer Virstellungen, mir hunn der eng ganz Rei, an ech wëllt der hei op dëser Plaz verschiddener nach eng Kéier rappéléieren, da ka sech jo dann d'Regierung dorunner inspiréieren.

De Beräich vum lëtzebuergeschen Transport muss absolut Prioritéit genéissen, an d'Pläng fir eng integréiert Strategie fir den öffentlichen Transport, déi schonn ënnert engem DP-Minister virun iwwer fënnf Joer ausgeschafft gi waren - Stéchwuert mobilitéit.lu -, musse systematesch a konsequent ëmgesat ginn.

Et gëtt ëmmer erëm un deene Pläng gefréckelt. Zum Beispill hunn ech viru kuerzem héieren, an ech hunn och eng Question parlementaire gestallt, op déi ech nach keng Äntwert hunn, dass eng direkt Verbindung Stad-Esch-Lëtzebuerg elo net méi am Gespréich wär.

Duerfir wär et da gutt, do Opschloss ze kréien, oder ech waarden dann op d'Äntwert, déi ech op d'Question parlementaire kréien. Dat ass nëmmen e Beispill, fir ze weisen, dass ëmmer nees an deene Pläng Neies derbäikënnt oder dass doru gefréckelt gëtt.

Et geet Zäit verluer, a virun allem gesäit een och, dass de Bauminister awer e bëssen eng Doppelstrategie verfolgegt. Hien ënnerstëtzt op där enger Säit zwar de Schinnenausbau, mä op där anerer Säit dreift en awer och intensiv de Stroossebau weider. Dat ass a mengen Aen e falscht Signal fir d'Leit dobaussen.

E Beispill, wéi gesot, mir ginn elo zum Beispill a Richtung Tram, wat eng super Iddi ass. Op där anerer Säit gëtt awer dann och den Ausbau vun der Autobunnstreck Lëtzebuerg-Arel oder Lëtzebuerg-Diddeleng virugedriwwen.

(Interruption)

Da kann d'Rechnung net opgoen. Da kënnen mer net eist Zil erreeche vum „modal split“ vu 25 zu 75%.

Wann een Transportberäich seet, kënnst een och net derlaanscht, iwwert den Tanktourismus e Wuert ze verléieren. D'DP seet kloer, dass mer musse lues awer sécher aus där Fal erauskommen. Hei geet et dorëm, fir de gréissten Undeel vun eisen Emissiounen an der Kyoto-Bilanz erofzesetzen. An et geet awer natierlech och do derbäi ëm essenziell finanziell Froen fir de Lëtzebuerger Stat.

Mir hunn e virtuellen Ausstieg proposéiert, dat heescht ënner anerem, dass mer elo ufänken, eise Budget esou ze gestalten, wéi wa mer ouni déi Recettë missten auskommen. Och hei kéint ee sech froen: Wat ass am Endeffekt netto ënnert dem Stréch wat mer do vu Recetten hunn, wann ee gesäit, wat fir eng Käschten awer och den Tanktourismus alles mat sech bréngt? Egal. Mir missten also esou eise Budget gestalten, dass mer och elo scho géife soen: Mir mussen ouni déi Recetten auskommen,



wann et der sinn, well enges Daags wäert et souwisou op eis zoukommen, a wann et nëmmen doduerjer ass, datt déi europäesch Bestriewunge vun der Harmonisation vum den Accisen op Bensin oder Diesel virukommen, datt dann deen Avantage, deen deen, deen tankt hei zu Lëtzebuerg, huet, net méi wäert hunn, an datt dann also och den Tanktourismus wäert schnell ophéieren.

En zweete Beräich also ass dee vun der Albasanéeierung. Och am Beräich vun der Albasanéeierung besteet e ganz grouss Potenzial, fir CO₂ anzespieren. Laut Experte kéint mer hei e ronnen Drëttel vun eiser Bilanz am netindustrielle Secteur doduerch verbessern, wann ee géif systematesch nei Haiser am Niddreg- oder Passivenergiestandard bauen; wa mer géife systematesch eis al Bausubstanz energetesch astand setzen, besser isoléieren, fir Energie - dat heescht am Endeffekt och Brennes, Mazout - ze spieren.

D'DP hat an hirem Wahlprogramm gesot, datt mer eng grouss ugeluechte Campaigne brächten, fir bis 2020 all eis Haiser optimal ze assainéieren. Dobäi soll dann de Stat iwwer eng Klimabank de Leit hëllefen oder iwwer „contracting“ dës Aarbechte virfinanzéieren, datt och jiddwereen an de Genoss dovunner ka kommen.

Esou e Programm kann ee jo och Hand an Hand mat de mëttelstännegen Entreprises hei zu Lëtzebuerg maachen, déi ganz vill Know-how doranner hunn. Déi kréien dann och nei Débouchéëen, déi kënnen sech Kompetenzen entwéckelen, an do kann ee se da fit maache fir d'Zukunft. Et kéint een domadder och e nohaltegen Investitiounsprogramm maache fir e Konjunkturpak.

Ech muss och do soen, leider - mir hate jo d'Diskussiounen virun de Wahlen fir de Konjunkturprogramm - ass do ganz vill a Bëton investéiert ginn, mä ganz wéinig an esou nohaltege Projeten.

Wann ee géif esou en Albasanéeierungsprogramm duerchzéien, dann hätt een ënnert dem Stréch nëmme Gewënner: D'Klima géif gewannen, well mer also da manner CO₂ mat eisen Haiser austoussen; de Stat, well e manner Strofe kritt am Kyoto-Protokoll, well en also och do seng Bilanz kéint verbessern. Virun allem deen eenzelne Bierger hätte mer als Gewënner, well dat a sengem Portmonni géif manner kaschten, wann en en Haus huet, dat optimal energetesch astand gesat ass, da bezilt e manner oder vläicht guer kee Brennes méi. Dee kann also och do gewannen. A schlussendlech och d'Entreprises, d'Wirtschaft, d'Ekonomie, well nei Aarbecht do ass, nei Marché fir d'Entreprises do sinn, nei Aarbechtsplaze kënnen geschafe ginn. Dat gëllt souwuel fir dat, wat d'Privathaiser ubelaangt, wéi awer och fir déi öffentlech Gebaier, wou de Stat jo och muss d'Virreideroll spillen.

D'DP huet och proposéiert, fir ab 2013 nëmmen nach Haiser ze bauen, déi ouni fossil Brennstoffe gëfen auskommen. Dat ass keng Utopie. Dat sinn Experten, déi hunn dat ënnerstrach, an dat ass absolut méiglech, well et gëtt schon am Ausland esou Modellsiedlungen, wou dat realiséiert ginn ass. Och elo rezent si jo Aarbechten an der EU ugaangen. Do ass eng EU-Direktiv an Ausaarbechtung, wou d'Energiestandarde fir d'Gebaier och bis 2020 sollen op deen Niveau bruecht ginn, datt se also praktesch ouni fossil Brennstoffe sollen auskommen. Sou oder sou wäert dat also och da kommen. Kloer ass, datt mer esou Strategien nëmme kënnen effikass ëmsetzen, wann een adequat an onofhängeg Berodungsstrukturen huet. Och do hapert et nach ëmmer.

Här President, ech hunn all déi Iddien do nach eng Kéier an enger Motioun, oder verschiddener vun deenen Iddien, an enger Motioun verfaasst, déi och vun deene Gréngen an dem Här Hoffmann vun deene Lénken ënnerschriwwen ass, déi awer op ass och nach fir déi aner Fraktiounen, wa se déi wëllen ënnerstëtzen. Ech géif déi dann hei ofginn.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant les engagements pris par le Luxembourg en matière de réduction de gaz à effet de serre dans le cadre du protocole de Kyoto;*

- *considérant les négociations de la conférence de Copenhague afin d'aboutir à un accord global sur le climat pour la période 2012 à 2020;*

- *considérant l'accord trouvé au niveau de l'Union européenne sur la directive «performance énergétique des bâtiments» prévoyant que les nouveaux bâtiments construits dans l'Union européenne devront à partir de 2020 s'approcher des critères «zéro énergie»;*

- *considérant les résultats de l'étude des potentiels de réduction des émissions de gaz à effet de serre pour le Luxembourg effectué par l'Institut FIFO en 2006;*

- *considérant le premier plan d'action du Gouvernement qui détermine l'assainissement énergétique des bâtiments comme une des priorités à suivre pour le Luxembourg en vue d'une réduction des émissions de CO₂;*

- *soucieuse de l'évolution du prix du pétrole et des coups financiers croissants engendrés pour les consommateurs qui dépendent des énergies fossiles;*

- *considérant les efforts du Gouvernement dans le domaine de la diversification économique et plus précisément en vue d'attirer des entreprises de la «Green Economy» au Luxembourg;*

- *convaincue des compétences des PME actives dans le domaine de la construction et de l'artisanat au Luxembourg et des opportunités que représente l'assainissement énergétique des bâtiments en vue d'une expansion de leurs activités;*

invite le Gouvernement à

- *anticiper les objectifs de la directive «performance énergétique des bâtiments» afin de se doter d'un avantage en vue de l'implantation de nouvelles entreprises de la «Green Economy» au Luxembourg;*

- *lancer un programme de grande envergure pour la remise en état et l'assainissement énergétique d'immeubles impliquant tous les acteurs concernés (OAI, PME du domaine de la construction et de l'artisanat, etc...);*

- *introduire de nouveaux concepts de préfinancement, tels le «contracting énergétique» ou la création d'une banque climatique, dans le domaine de l'assainissement énergétique d'immeubles ou bien le recours aux énergies renouvelables;*

- *créer un service de consultation sur l'énergie et l'environnement, centralisé et indépendant, lequel regrouperait des acteurs publics, de l'artisanat et d'autres corps de métiers concernés (architectes, ingénieurs...).*

(s.) *Eugène Berger, André Bauler, Fernand Etgen, Camille Gira, André Hoffmann.*

Ech wëllt awer nach e puer aner Elementer vun deem, wat ee kann hei zu Lëtzebuerg maachen, fir eis Klimaziler besser ze erreechen, kuerz erwähnen. Dat ass de Beräich vun den erneierbaren Energien. Do muss mer déi bestehend Potenzialstudien duerch eng Wirtschaftlechkeets- an eng Nohaltegkeetsanalys ergänzen an och kucken, wéi mer do schnell esou eppes ëmsetzen.

Ech mengen, wann ech dat an Erënnerung hunn, déi Potenzialstudie ass vun 2006. De Marco Schank, de Minister, weess dat och relativ gutt. Déi läit do, an deen Dossier ass säitdeem am Stand-by, do geschitt näischt.

Well d'erneierbar Energien an Technologien, déi d'Energieeffizienz steigern, si souwisou déi wirtschaftlech Zukunft. Hei deet sech e grouss Marché op, an hei misst elo Lëtzebuerg wierklech resolut op déi Weeër goen. Ëmsou méi, well mer jo och duerch d'Finanzkris gesinn, datt eis d'Standbee vun der Bankeplaz ëmmer méi ënnert de Féiss ewechrutscht, misste mer kucken, d'Ausrichtung vun eiser Wirtschaft ze iwwerdenken, ze diversifizéieren a verstärkt op gréng Technologie setzen.

Mir brauchen, och wa mer keng Klimaproblemer hätten, en Ëmdeanken an eiser Energiepolitik, well déi fossil Brennstoffe sinn net onendlech. Si ginn ëmmer méi

rar, an doduerjer gi se och ëmmer an Zukunft méi deier. An ech wëll dorun erënneren, et ass nach guer net esou laang hier, 2006, 2007, virun der Kris: Wou war dann de Präis vum Barrel Uelech? Do ware mer wäit iwwer 100, wann net 150 US-Dollar, an déi Zäite wäerten eng Kéier erëmkommen, wann den Uelech méi rar gëtt.

Ech wëll awer och kloer ënnersträichen, wierklech ënnersträichen, datt Lëtzebuerg, fir seng Klimaschutzziler ze erreechen, prioritär fir d'éischt muss seng Hausaufgaben heiheem maachen.

Fir d'DP sinn a bleiwen déi national Mesuren am Klimaschutz éischt Prioritéit. A wann ee kuckt, wat d'Regierung an hire Regierungsprogramm, an hiren Accord geschriwwen huet, da gëtt een d'Impressioun net lass, datt se wëlles huet, an Zukunft awer nach verstärkt, an den nächste Joren, op déi flexibel Mechanisme vum Kyoto-Protokoll zrëckzegräifen, op d'CDMen, op d'„joint implementation“, op den Emissiounshandel, dat heescht also, Projeten am Ausland matfinanzéieren, fir sech hei fräizekafen, amplaz hei zu Lëtzebuerg Reduktiounsefforten ze maachen.

Dat ass de falsche Wee. Déi flexibel Mechanisme sinn zwar Basiskonzept vum Kyoto-Protokoll, mä si dierfen awer net mëssbraucht ginn, fir alles op si ofzewälzen an national Efforten da minimal ze halen.

Laut Informatiounen, déi mir an der Nohaltegkeetskommissioun kruten, sinn an de vergaangene Jore praktesch integral eis Reduktiounen, déi mer erreecht hunn, doduerch erreecht ginn, datt mer se iwwert déi flexibel Mechanismen akaaft hunn. Dat ass aus villen Iwwerleeungen net ze veräntwerthen, aus Ursaache vu Verantwortung a Gerechtegkeet géigeniwwer Drëttwëltnäner, well jo ganz vill Projeten an Drëttwëltnäner da gemaach ginn. Mir sinn d'Versaacher, duerfir solle mir eis Problemer hei fir d'éischt léisen an net op d'Drëttwëltnäner ofwälzen an dohinner verlagere.

D'Effizienz vun esou Projeten - CDMen, „joint implementation“ - am Intérêt vum Klimaschutz ass net ëmmer kloer. Ass et net absurd, wann een dann héiert, datt iwwer esou Projeten zum Beispill Kuelekraaftwierker finanzéiert ginn? An och ekonomesch maache se net ëmmer ganz vill Sënn. Lëtzebuerg huet, laut eise leschten Informatiounen, ronn 100 Milliounen Euro iwwert de Kyoto-Fong fir flexibel Mechanismen am Ausland engagéiert.

Firwat hält een net déi Suen, déi 100 Milliounen, fir se konkret hei zu Lëtzebuerg zum Beispill an den Albasanéeierungsprogramm ze investéieren?

(Interruption)

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Mat deene Sue kéint een hei zu Lëtzebuerg och ganz vill bewierke bei den Entreprises, a mir géifen hei zu Lëtzebuerg CO₂ spieren.

Mä wat maache mir amplaz? Mir finanzéieren elo iwwer eise Kyoto-Fong, also mat deene Suen, déi mir elo iwwer eis Autosteier, déi esou beléift ass, erakréien, iwwert de Kyoto-Cent, domadder bezuele mir zum Beispill e puer Wandmillen a China - e Land, dat et fäerdeg bréngt, fir Rakéiten op de Mound ze schéissen, dat Atombommen huet a wou all Dag dausenden nei Autoen immatrikuléiert ginn! Mat deene Suen also, wou mir all Dag tanke ginn, wou mer eis Autosteier bezuelen, bezuele mer deenen dann och nach zwou oder dräi Wandmillen, fir dann dohannen a China d'Klima ze retten. Dat ass wierklech einfach absurd.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Oder d'Regierung investéiert a sougenannten „carbon funds“ fir iwwer 43 Milliounen Euro. Dat sinn dann international Konsortien, wou ee finanziell participéiert, mä awer ouni e klaren Abléck ze hunn, wat da mat de Sue gemaach gëtt, wat fir eng konkret Projekte fir de Klimaschutz realiséiert ginn.

Do stellt een dann e bëssen..., dat ass esou wéi... Wéi soll ech dat soen? Et huet een eng Participatioun do un engem Fong, an

da sinn do aner Leit, déi iergendwou an der Welt decidéieren, wat mat deene Sue gemaach gëtt, an herno kritt een dann iergendwéi eng Kéier e Schäin erëm, wou ee seet: „Voilà, Dir hutt elo esou vill Tonnen CO₂ dann zegutt.“ Dat ass eng grouss Nébuleuse, wou keng Transparenz ass, a wou een net wierklech weess, ob déi Suen do sënnavoll an nohaltege a Projeten am Ausland realiséiert gi sinn. Mir fannen, dat ass ganz ongesond, an datt mer also ëmsou méi solle kucken, fir mat deene Suen aus dem Kyoto-Fong national Mesurë prioritär ze finanzéieren an domat hei eis Hausaufgaben ze maachen.

Et ass awer duerfir och noutwendeg, an duerfir kommen ech zu mengem Schluss, ech gesinn, d'Zäit leeft mer ewech, et ass immens noutwendeg, datt mer duerfir och kuerzfristeg d'Bilanz maache vun eisen Engagementer an deene flexibele Mechanismen, an den CDMen an den „joint implementation“. Aus där Bilanz muss mer dann awer och Konklusiounen zéien a kucken, ob mer iwwerhaupt nach un esou Projekte participéiere respektiv wat fir eng Projekte mer nach kënnen ënnerstëtzen.

Fir eis ass kloer: Wa mer dat scho muss maachen, sollen et wierklech nëmmen effizient, nohaltege Projekte sinn.

Voilà, ech géif an deem Sënn eng Motioun hei, déi och nach op ass fir aner Fraktiounen, wa se déi wëllen ënnerschreiwen, déposéieren.

Ech géif Iech Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

Motion 3

La Chambre des Députés,

- *considérant que le Protocole de Kyoto définit trois mécanismes flexibles, à savoir le commerce de droits d'émissions, la mise en œuvre conjointe et le mécanisme de développement propre dans la stratégie visant à une réduction des gaz à effet de serre;*

- *considérant que le Luxembourg a largement recours à ces mécanismes flexibles;*

- *considérant le Plan National d'Allocation de Quotas II (PNAQ II) couvrant la période de 2008 à 2012;*

- *considérant que des sommes considérables sont engagées par le fonds de financement des mécanismes de Kyoto, en vue de la participation aux différents projets de CDM (Clean Development Mechanism) et de JI (Joint Implementation);*

- *considérant que la Chambre des Députés est soucieuse du nombre d'engagements financiers pris dans le cadre des mécanismes flexibles;*

- *considérant la participation du Grand-Duché de Luxembourg aux Fonds Carbone de la Banque Mondiale et de la Banque européenne pour la Reconstruction et le Développement;*

- *regrettant qu'il n'existe à l'heure actuelle aucun bilan précis sur ces mécanismes flexibles auxquels le Luxembourg a eu recours, ni en termes de moyens financiers engagés, ni en termes de durabilité;*

- *insistant sur la nécessité d'avoir une totale transparence dans ce domaine;*

- *insistant sur la nécessité de la priorité d'actions nationales en matière de lutte contre les changements climatiques;*

invite le Gouvernement à

- *présenter dans les meilleurs délais un bilan détaillé des mécanismes flexibles auxquels le Luxembourg a eu recours;*

- *vérifier que les projets auxquels il a participé respectent les critères écologiques, sociaux et économiques de durabilité;*

- *vérifier si les réductions d'émissions de gaz à effet de serre accréditées sont à la hauteur des moyens financiers engagés;*

- *se désengager des projets n'apportant aucune plus-value en termes de durabilité.*

(s.) *Eugène Berger, André Bauler, Fernand Etgen, Camille Gira, André Hoffmann.*

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Berger Merci. Als nächste Riedner ass den Här Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir



d'éischt wëll ech dem President-Rapporteur Fernand Boden Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an him och nach en extrae Merci soe fir säi Bestriewen, eng Motioun op d'Been ze setzen, déi de Konsens vun eis all hei am Haus soll fannen. Merci dofir.

Säit dem industriellen Zäitalter, Här President, huet de Mënsch ëmmer méi d'Loft verschmotzt, an dat an engem Mooss, dass eise ganzen Äerdglobus ënnert dem sougenannten Treibhauseffekt sech ëmmer méi erhëtzt an et lues a lues zu katastrophale Folge fir d'Mënschheet féiere wäert.

De Klimawandel bréngt ausserdeem dramatesch Verännerunge vun eisen Ökosystemer mat sech. Och wann am Detail schwéier anzeschätzen ass, wat fir eng Proposen am realisteschste sinn, esou gëtt et dach um Niveau vun den Experten e Konsens, dass eng global Erwärmung iwwer e gewëssent Mooss eraus Konsequenzen huet, déi net méi ze iwwerblécke sinn.

Dat international festgeluechtent Zil vun net méi wéi zwee Grad Celsius global Erwärmung vun eiser Äerd dierf aus deem Grond net méi a Fro gestallt ginn. Mir hunn also eng zimlech gutt Virstellung dovun, wat mir am Klimaschutz bis zum Joer 2050 ze maachen hunn, wa mer verënnere wëllen, dass schonn an zwou oder dräi Generatiounen ganz Regiounen, an deenen haut Millioune Mënsche liewen, net méi bewunnbar sinn.

An deem Kader ass et ze begrëssen, dass d'Europäesch Unioun am Klimaschutz eng Virreiderroll iwwerhëlt a bis elo als eenzeg unilateral verbindlech Ziler virgeschloen huet mat der sougenannter 20-20-20-Strategie: 20% méi Energieeffizienz, 20% manner CO₂-Emissiounen an 20% erneierbar Energien. D'EU huet och bis elo als eenzeg d'Bereitschaft signaléiert, bei der Finanzéierung iwwert den Emissiounshandel eraus e wichtegen Deel ze iwwerhuelen.

Wéi mer net nëmme säit dem APEC-Sommet - dem Asiatesch-Pazifesch Wirtschafstforum - vum leschte Weekend zu Singapur wëssen, zécke bis elo aner grouss Länner, sech verbindlech op fest Ziler ze verflichten. Déi 21 APEC-Länner, déi zesumme 60% vun de weltwäiten Treibhausgase verursaachen, wëllen elo trotz jorelaange Virverhandlung sech net direkt méi op en Nofolgeprotokoll vu Kyoto eenegen.

Si schéngen dem dänesche Regierungschef, dem Lars Løkke Rasmussen, Gehéier ze schenken, dee proposéiert huet, en neit Klimaofkommen an zwou Etappen unzestriewen, an dat no Kopenhagen am Dezember d'nächst Joer op enger Kopenhagen-Nofolgekonferenz, warscheinlech a Mexiko. Fir de Sommet zu Kopenhagen ze retten a politesch net ausereneezedreien, brauchen déi 192 Mitgliedsstate vun der UN-Klimarahmenkonventioun, der UNFCCC, anscheinend elo méi Zäit, fir sech eens ze maachen.

Och fir den amerikanesche President Barack Obama muss een elo dat néidegt Versteesdemech a Fangerspëtzegefill opbréngen. Den Obama huet d'USA elo endlech op déi richteg Klimapist gesat.

► **Une voix.**- Schwätzt net ze fréi.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Esou wéi et gëschter an der „Financial Times - Däitschland“ stoung, sprinten d'USA elo an déi richteg Richtung. A wa se wëlle sprinten, da kënne se dat och, a gutt, wéi mer all wëssen. D'USA sinn amgang, hire Senat op d'Zil vu reellen Emissiounsreduktiounen anzuschwieren. Si hunn nach net dee richtigen Tratt fonnt, mä dat ass nëmmen eng Fro vun der Zäit, an déi Zäit sollte mer hinne loossen.

Och huet den amerikanesche President Barack Obama virun zwee Deeg bei senger Visite a China mam chinesesche President Hu Jintao ofgemaach, dass et zu Kopenhagen zu enger Eenegung komme misst, déi direkt Auswierkungen hätt an net nëmmen eng politesch Absichtserklärung sollt sinn, wéi gëschter am „Tageblatt“ stoung.

Als EU sollte mir aus deem Grond enger-säits zu Kopenhagen net derfir streiden, dass d'Ziler nach ëmmer méi héich gesat ginn, mä anerersäits awer konsequent

derfir suergen, dass mer zesummen a solidaresch an der EU déi am Januar 2009 gesaten 20-20-20-Klimaziler konsequent ëmsetzen, onofhängeg vum Resultat vu Kopenhagen, well eis dat op d'laang Weil net nëmmen e Virsprong an der Klimareduktioun gëtt, mä och e Virsprong an der Technicität duerch Innovatioun a Recherche.

Duerfir solle mir dee sougenannten „new green deal“ elo agoen, deen Aarbechtsplaze schafft a spéider och nach duerch méi Kompetitivitéit Avantagé bréngt vis-à-vis vun deene Länner, déi elo net mat an de Klimazuch klammen an do matfuere wëllen.

Dës strategesch Manövere soll d'Europäesch Unioun awer net vun hiren ambitionen Zilsetzungen ofbréngen. Mä als EU mussen mir awer och derfir suergen, dass, wa mer déi aner grouss Länner net mat an d'Klimaboot kréien, et net zu enger Distorsion économique kënnt, a mir eis besonnesch an dese Krisenzäiten net ekonomesch - jo - austrickse loosse.

Här President, mir wëssen, dass d'Zäit drängt an dass et vu Joer zu Joer, wou d'Industrielänner et net fäerdeg bréngen, eng eendeiteg Trendwend erbäizeféieren, ëmmer méi schwéier gëtt, eisen Impakt op de Klimawandel an erträgleche Grenzen ze halen. Dat heescht, dass weltwäit d'Mënschen, an haaptsächlech an den Entwécklungslänner, d'Konsequenze vum Treibhauseffekt droe mussen, wa besonnesch déi räich, industrialiséiert Länner sech net eens ginn, fir schnell zu enger Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen ze kommen.

A wann ech Konsequenze soen, esou wäerte mer, wa met et net fäerdeg bréngen, an nächster Zäit eis op e weltwäit verbindlecht Klimaschutzgesetz ze eenegen, dann iergendwann an eise Regiounen Klimaflüchtlingen ophuele mussen, niewent wéi bis elo Krichsflüchtlingen oder Sozialflüchtlingen.

Aus dëser Perspektiv eraus gëtt d'Konferenz vu Kopenhagen vu villen als eng lescht Chance gesinn. Esou en Drock opzebauen ass gutt, fir ze verdäitlechen, wéi dréngend mer zu Kopenhagen zu engem Accord komme mussen an ze ënnersträichen, dass all Regierung, déi sech am Dezember net engagéiere wëllt, eng schwéier Responsabilitéit op sech hält. Viséiert sinn hei virun allem all déi industrialiséiert Länner.

Dass dësen europäeschen Drock och zu sënnavolle Resultater féiert a weider féiere wäert, kann een nach haut am „Lëtzeburger Wort“ noliessen, wou de russesche President Dmitrij Medwedjew gëschter zu Stockholm op engem Spëtzentrefe mat der EU d'Zouso gemaach huet, dass Russland de Wee vun Europa géint de Klimawandel um Sommet zu Kopenhagen matgoe wëllt, a wou Russland fir sech eng Reduktioun vu 25% vun den CO₂-Emissiounen par rapport zu 1990 ugekënnegt huet.

Här President, mir brauche verbindlech Ziler a kloer Ofmaachungen, souwuel bei de Reduktiounsziler, awer och beim Emissiounshandel an an de Finanztransferten. Ouni Emissiounshandel geet et net, weder innerhalb vun der EU nach global gesinn. Vum Prinzip hier ass dat och positiv, wa mer do den CO₂ reduzéieren, wou et am einfachsten an am bëlleste geet, a wa mir mat enger bestëmmter Zomm Sue méiglech vill CO₂ spueren, dann ass dat am Sënn vum Klimaschutz global.

An der Praxis hu sech d'Problemer beim Kyoto-Protokoll awer kloer gewisen, zum Beispill mat den CDMen, de sougenannte flexibele Mechanismen. Dee System muss reforméiert ginn. Wann et just Schäinoperatiounen sinn, déi net wierklech zu Resultater féieren, zu enger Zort Ablassbrief, da sinn déi Sue ganz einfach verschwent. Dat kënne mer eis net leeschten. Trotzdem brauche mer d'Méiglechkeet, zousätzlech zu deem, wat mer an der EU selwer erreeche kënnen, och Projeten an Drëttstate kënnen ze finanzéieren an dës CO₂-Reduktiounen der EU unzerechnen.

Mä an den Entwécklungslänner mussen mer zilorientéiert virgoen an duerno och d'korrekt Anhale vun dese Projete kontrolléieren, fir Abusé maximal ze verhënneren. Dobäi ass d'Fro ze klären, wat d'Entwécklungslänner als Bäitrag leeschte mussen a

wat fir eng Hëllef se kréien. Et muss gekuckt ginn, wéi een e maximalen Impakt erzile kann. Beispill: d'Déforestatioun, also d'Ofholze vun den Tropebëscher stoppen duerch eng finanziell Kompensatioun vun den industrialiséierte Länner un d'Entwécklungslänner.

Zum Stéchwuert Finanzéierung muss ee soen, dass dës e schwierigen Accord wäert ginn. Och hei huet d'EU eng Virreiderroll gespilt, andeem se zumindest emol den Usaz ënnerstëtzt, dass zousätzlech zum Emissiounshandel substanzuell Finanztransferten néideg sinn, fir deene méi arme Länner, déi am mannsten Emissiounen hunn, mä am meeschten ënnert de Konsequenze vum Klimawandel leide wäerten, ze hëllefen ze wuessen, ouni dass am selwechte Mooss hir CO₂-Emissiounen eropginn.

Op dës Manéier sollen déi aarm Länner net, wéi bis elo, déiselwecht Entwécklung wéi d'USA oder Europa duerchmaachen, mä direkt vum Know-how an de beschten Technologie profitéiere kënnen, déi elo schonn zur Verfügung stinn. Et gëllt, d'Konkurrenzdenken ze bremsen an innovativ Technologien net jalous fir sech ze behalen, fir e maximale Profit doraus ze zéien, mä esou schnell wéi méiglech den Transfert vun Know-how unzestriewen. Dës verlaangt vill méi eng staark Interventioun vun der öffentlecher Hand bei der Recherche an Entwécklung.

D'Problemer dobäi si folgend:

Éischtens, wie bezilt wat, global gesinn? „Burden-sharing“, Stéchwuert, innerhalb vun der EU? Wa jo, wat fir eng Kritäre ginn ugewannt?

Zweetens, wann en Accord fonnt ginn ass, wat geschitt mat deene Suen? Wie kritt se? Wie géréiert se? De Risiko vun ze vill Verloscht duerch Bürokratie engersäits, Korruptioun an Zweckentfremdung anerersäits. All dës Froen mussen am Virfeld gekläert ginn.

Här President, et ass kloer, dass all dës Froen net am Dezember zu Kopenhagen beäntwert wäerte kënne ginn. Mir mussen awer elo viru Kopenhagen op alle Borden Drock maachen an dru schaffen, dass et der EU bis Enn dës Joers geléngt, méiglech vill Acteure mat an d'Klimaboot ze zéien an dobäi grondsätzlech Zousoen ze kréie vun deene wichtegsten Industriatiounen an awer och vun den Entwécklungslänner, déi e staarke Wuesstem hunn, de sougenannte Pays émergents wéi China, Brasilien, Indien oder Südafrika.

Doriwwer eraus mussen mer eis op e laangwierigen a schwéiere Verhandlungsprozess astellen. D'Lëtzeburger Regierung soll d'EU-Vertrieder maximal dobäi ënnerstëtzen. Dës ass fir d'Europäesch Unioun och eng Fro vun hirer weltwäiter Kreditibilitéit. Wann d'EU hir Ziler an deenen nächste Joren esou ëmsetzt, wéi se dat am Moment ukënnegt, gëtt domat och eventuell d'Bereitschaft vun anere State méi grouss, fir verbindlech Zousoen ze maachen.

Zu där Glafwierdegkeet muss och Lëtzebuerg säin Deel bäidroen. D'Ëmkéierung vum Klimatrend ass endlech do, mä et ass nach e wäite Wee. A wéi esou oft ass de Wee och zugläich d'Zil. Mir hunn zougesot, eis CO₂-Emissiounen ëm 28% par rapport zu 1990 ze reduzéieren. Tëschent 1998 an 2005 si se awer konstant gewuess. An eréischt ab 2004 ënnert dem Impuls vun der leschter Regierung goufen a Saache Klimaschutz Mesurë geholl, déi Kyoto-relevant fir Lëtzebuerg sinn an elo ugefaangen hunn ze gräifen, esou dass mer haut ongeféier bei enger Reduktioun vu 5,5% leien.

Dat gesäit net no schrecklech vill aus, mä zu Lëtzebuerg hate mir zënter 1990 och en aussergewöhnleche Wuesstem. Dobäi sollte mer net vergiessen, dass de Kyoto-Protokoll vun 1997 sech op d'Joer 1990 zréckreferéiert.

Als Beispill hate mir am Joer 1991 eng Populatioun vu ronn 385.000 Leit, haut sinn et der ronn 495.000. 1990 hate mir ëm déi ronn 35.000 Frontalieren, haut sinn et der bal 150.000. 1990 hate mir zu Lëtzebuerg ronn 187.000 Aarbechtsplazen. 2008 waren et der 349.000.

Zënter dem Referenzjoer vum Kyoto-Protokoll hu mir deemno 162.000 nei

Aarbechtsplaze geschaf, 110.000 nei Awunner si bäikomm, an et kommen all Dag 115.000 Frontaliere méi bei eis an d'Land schaffen, wéi dat nach 1990 de Fall war. Esou e Wuesstem geet onweigerlech mat engem zousätzleche Konsum- an Energieverbrauch zesummen. An deem Kontext ass d'Trendwend zur CO₂-Reduktioun vu bis elo 5,5% och net grad näischt.

Sécher, eenzel Projeten a Moossnamen hätte méi schnell virugoe kënnen, mä d'Feststellung, dass mer trotz exzeptionellem Wuesstem den Trend ëmkéiere konnten an elo um richtige Wee sinn, léisst hoffen, dass et geléngt, d'Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen an deenen nächste Joren ze beschleunegen.

Déi wirtschaftlech Situatioun, déi eis am Moment vill Suerge mécht, wäert als Nieweneffekt hunn, dass den Impakt vun de Klimaschutzmesurë méi sichtbar gëtt, well dës Resultat net direkt erëm duerch de Wuesstem absorbiéiert gëtt, also nohalteg am Sënn vum Wuert ass. D'Konditioun dofir ass, dass mir d'Investissementer, déi an deem Beräich virgesi sinn, konsequent realiséieren.

Et gëtt an der Lescht vill driwwer geschwat, dass all Projeten ënner finanziellem Virbehalt stinn. Wann et ëm Projete geet, déi hëllefen, eis CO₂-Emissiounen ze reduzéieren, muss een awer mat akalkuléieren, dass et och eppes kascht, wa mer dës Projeten net realiséieren.

(Interruption)

Neen. Déi maache mer. Verloosst lech drop.

(Interruptions)

All Tonn CO₂, déi mer weider brauchen, well Gebai net sanéiert sinn oder den öffentlechen Transport net performant genuch ass, mussen mer akafen.

Här President, d'Erfahrung mam Kyoto-Protokoll weisen eis, dass et eng Saach ass, sech eiergäizeg Ziler ze setzen, an eng aner, se ze erreechen.

Den Accord vu Kyoto vun Enn 1990 konnt eréischt esou richteg gräifen, wéi eise fréieren Ëmweltminister Lucien Lux Enn 2004 mat eis hei an der Chamber de Kyoto-Protokoll an e Lëtzeburger Gesetz ëmgasat huet an doraus en nationalen Aktiounsplang ausschaffe konnt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Vun do aus ass den Zuch géint de Klimawandel hei zu Lëtzebuerg eréischt un d'Rulle komm, mat de Moossnamen wéi Autosteier, de Kyoto-Cent, wat näischt anescht ass wéi d'Uwendung vum Principe pollueur-payeur. An do hu mer net missen op d'Hollänner waarden, déi d'lescht Woch ganz grouss ugekënnegt hunn, eng sophistiquéiert Trajetstaxenofrechnung anzeféieren...

(Interruptions)

...an dobäi de Leit hir Trajete bis an de leschten Detail ze verfolgen, wou d'Privatsphär bei där hollännescher Propos total verluer geet, wann ee liest, dass dat Ganzt iwwer GPS ofgerechent soll ginn.

Eng Klammer op: Dat si Proposen, déi kann een net einfach Technokraten iwwerloossen. Do muss dach déi politesch Hand erëm zum kloer Mënscheverstand zréckféieren. Klammer zou.

Mat de Primen op d'Autoen huet d'Regierung et fäerdeg bruecht, vu ronn 5% op 25% schadstoffaarm Autoe vu manner wéi 120 mg CO₂ hei zu Lëtzebuerg ze kommen. Dat ass e Véirel, ëmmerhin e Véirel vun eisem ganze Fuerpark. Dat soll een dach ënnerstëtzen. Ech kann d'Regierung nëmme félicitéieren, d'lescht Woch décidéiert ze hunn, dës Mesuren ze verlängeren. Dat soll och déi néideg Unerkennung fannen.

(Interruption)

Mir wësse jo alleguerten, dass mer méi an den öffentlechen Transport investéieren müssen. Dat wäerte mer och maachen. Mä d'Mobilitéit ass och e Grondreicht. A



wa mer mat Care-Primen an esou weider deen néidegen Ustouss kënne ginn, dass d'Leit méi kleng an domat Autoe mat manner CO₂-Emissiounen kafen, da kann dat net falsch sinn.

Här President, als Konklusioun wëlle mir hei haut de Mëtten, ronn zwou Woche virum Klimacountdown zu Kopenhagen, soen, dass et zu Kopenhagen extrem schwieereg gëtt, e globalen Accord ze fannen, dee jiddwereen als realisierbar, als zoumuttbar an als gerecht emfanne wäert. An d'EU ass dobäi nëmmen een Aacteur vu villen.

Et muss ee sech deemno drop astellen, dass d'Décisiounen, déi zu Kopenhagen falen, hannert de Propose vun der EU zrëckbleiwe wäerten an dass zu Kopenhagen keng weltwäit verbindlech Reduktiounsziler akzeptéiert wäerte ginn.

Dat ass dann awer kee Grond fir ze resignéieren. Wat mer weltwäit méi laang brauchen, eis CO₂-Emissiounen drastesch ze reduzéieren, wat d'Auswierkunge méi schlëmm ginn.

Et kann also wuel en Zäitpunkt ginn, wou et ze spéit ass, fir en Zil, dat mer eis selwer gesat hunn, ze erreechen. Mä et gëtt kee Moment, wou et ze spéit ass fir ze handelen.

Wat mer méi spéit reagéieren, wat eis Efforté méi grouss mussen ginn, fir eisen Impakt op de Klimawandel kleng ze halen.

D'Konferenz vu Kopenhagen ass deemno net den Ofschloss vun engem Débat, mä si steet zimlech am Ufank vun engem Prozess, deen an deenen nächste Jor-zéngten ëmmer erëm an dauernd gefouert muss ginn.

An engem Artikel vum „Spiegel“ vum 2. November 2009 sot den Al Gore, fréieren amerikanesche Vizepräsident, dass Kopenhagen den Ufank vun engem grouse Verännerungsprozess am weltwäite Kampf géint de Klimawandel gëtt. Als Beispill zitéiert den Al Gore d'Ozonlach, dat 1985 iwwert der Antarktis entdeckt gouf an zwee Joer méi spéit zum Protokoll vu Montréal gefouert huet.

Deemools ass och vu ville gesot ginn, dass de Protokoll ze schwach an onbedeutend wier. Mä duerch dee Protokoll géint d'Ozonlach huet sech d'Bewusstseinsbildung verstärkt a virun allem hunn d'industriell Betriber och ugefaangen, hir Attitüden ze veränneren. An och esou mussen mir all zesummen am weltwäite Kampf géint de Klimawandel Drock maachen, dass sech duerch en neit weltwäit Klimaschutzgesetz d'Mënschen op der ganzer Welt endlech drusetzen, fir eis wonnerschéin Äerdkugel virum Klimakollaps ze retten.

Als LSAP fuerdere mir eisen Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler op, onofhängeg wat zu Kopenhagen erauskënnt, och wann et net direkt zu verbindlechen Ziler kënnt, dann net ofzewarden, mä direkt ze handelen.

Dobäi soll d'Chamber no Kopenhagen mat agebonne bleiwen an déi weider Schrëtt am Klimaschutz mat gestalten, wéi zum Beispill den zweeten Aktionsplang zum Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg, deen esou séier wéi méiglech vum Nohaltegkeetsminister opgestallt soll ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Roger Negri Merci. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, stellt lech vir, zéng Leit maachen eng Marche duerch d'Wüst. Si hunn zéng Liter Waasser bei sech. Op eemol stellt sech eraus, datt zwee Leit schonn d'Halschent vum Waasser eleng gedronk hunn. Et wier dach net richtig, an déi aacht, déi bleiwen, wäerten net dermat d'accord sinn, fir de Rescht vum Waasser gläichméisseg opzedeelen. Villméi missten déi zwéin, déi schonn d'Halschent

vum Waasser gedronk hunn, sech op d'Sich maachen no neie Waasserquellen.

Dat, Här President, ass, mengen ech, op eng flott Aart a Weis vum President vum däitschen Nohaltegkeetsrot illustréiert, ëm wat et zu Kopenhagen geet. D'Äerd verdréit nëmmen eng bestëmmte Quantitéit CO₂. Déi huet den Norden an deene leschten 150 Joer schonn opgebraucht. A wa mer keng sécher Katastroph wëllen, da kann nach ganz wéineg bis 2050 an d'Loft geblose ginn, fir d'Erwärmung ënner zwee Grad ze halen.

(**M. Michel Wolter prend la présidence.**)

Mir, déi zwee aus dem Norden, haten zu Kyoto deenen aneren aacht aus dem Süde versprochen, mir géifen eise Waasserkonsum drastesch reduzéieren an no neie Quelle siche goen. Abee, mir wëssen et allequerten an Tëschenzäit: wäit gefeelt!

Zënter 1990 sinn d'CO₂-Emissiounen an den OECD-Länner ëm 15% gestiegen a mer sinn eis eens, mengen ech, dass d'alternativ Energie wuel amgang sinn, eng gewëssen Dynamik ze erliewen, mä si si wäit dervun ewech, eng substanzuell nei Quell duerstellen.

Amplaz eise Konsum drastesch ze reduzéieren an eis Wirtschaft ëmstellen, loosse mir, déi zwee aus dem Norden, déi vill Suen hunn, eis ëmmer nei Tricken afaalen, fir dass mir eise Liewensstil net mussen änneren. Mir ginn deenen aneren aacht Suen a soen: „Sicht Dir no neie Quellen.“ Dat sinn déi sougenannten CDMen. Oder mir ginn hinne Suen a soen: „Schränkt Dir Äre Verbrauch an a loosst eis Äert Waasser drénken.“ Dat si Senken oder déi nei Mechanisme vum REDD, wou et drëm geet, dass Länner hir Tropebëscher solle schützen, keng wirtschaftlech Entwécklung solle maachen, fir dass mir weiderhi kënne eis développéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en Accord ass nëmme méiglech zu Kopenhagen, wa mir Länner aus dem Norden eis historesch Schold endlech zouginn, no neie Quelle siche ginn an déi finanziell entschiedegen, deenen hir Quantitéit mir schonn zu engem gudden Deel mat verbraucht hunn.

Wéi kéint dann en neien, e klimagerechte Protokoll an eisen, a gréngen Aen ausgesinn? Mir deelen als Gréng d'Meenung vun deenen, déi hei am Hearing gesot hunn: „D'Klima ass net verhandelbar.“ Et geet hei net ëm wirtschaftlech Tractatiounen, et geet hei ëm d'Natur. Duerfir muss all Accord op deene leschte wëssenschaftlechen Erkenntnisser berouen. Dat bedeit, dass eiser Meenung no d'Spëtz vun den Emissiounen spéitstens 2015 misst erreecht ginn. Duerno missten extrem staark Reduktiounen stattfannen, sou dass 2050 ëm déi 80% manner Ausstéiss géifen an d'Atmosphär geblose gi wéi 1990.

Dat géif bedeuten, éischtens, dass déi industrialiséiert Länner sech engagéieren - verbindlech awer, dat wëll ech betounen -, hir Emissiounen kuerzfristeg ëm 25 bis 40% bis 2020 ze reduzéieren. Mir begrëssen hei wuel d'Virreiderroll vun der EU mat deenen eventuell an d'Fenster gestallten 30%. Ech wëll awer och betounen, dass trotz allem och dës 30% nach ëmmer net déi historesch Schold vun der Europäescher Unioun duerstellen. Duerno misst et da weider erfoegen, sou dass ëm 2050 aus dëse Länner praktesch iwwerhaapt keng CO₂-Emissiounen méi kommen.

Zweetens, d'Schwellen- an Entwécklungs-länner misste sech engagéieren, bis 2020 ëm déi 15 bis 30% vun hirem prognostizéierten Emissiounspart no ënnen ofzebriechen. Well si awer net schëlleg sinn a si sécherlech och e Recht op Entwécklung hunn, misste mir dat Aschränke finanzéieren. An do soen déi gréng ganz kloer an daitlech: zousätzlech - ech betounen: zousätzlech - zu där bestehender Entwécklungshëllef.

Drëtzens, bis 2050 misst eng Konvergenz ugestriift ginn, fir dass duerno all Land eng fest an déiselwecht Quantitéit CO₂ pro Awunner zegutt huet. Optimiste schätzen dës Quantitéit op zwou Tonne pro Kapp, Pessimisten - oder soll ech soen: d'Realisten? - schwätze vläicht vun enger hallwer Tonn CO₂ pro Kapp.

Véiertens, wann een eis historesch Responsabilitéit géif korrekt uwenden, dann hätt

den Norden eigentlech ab 2030 keng eenzeg Tonn CO₂ méi zegutt. Mir sinn eis awer eens, dass dat weder technesch nach politesch ëmsetzbar ass, an duerfir kënne och mir eis virstellen, dass mat enger Iwwergangszäit nach e gewëssenen Emissiounshandel géif stattfannen. Ech wëll awer ganz kloer soe mat all deene viru mer, déi dat scho gesot hunn: net a Form vun deenen CDMen, déi elo stattfannen. Do mussen ganz kloer transparent Kritären ugewannt ginn, ökologesch Kritären, sozial Kritären; et muss eng ganz neutral Kontroll gemaach ginn.

Mir sinn och der Meenung, dass et wierklech, wéi de Virriedner Eugène Berger hei dat esou schéi geschildert huet, absurd ass, wa Lëtzebuerg Wandmillen a China subventionéiert an duerfir hei weider ka virun CO₂ an d'Loft erausloossen. Dat fanne mer wierklech absurd. Mä ech sinn der Meenung, dass, wann et nach CDMe gëtt, déi wierklech beschränkt mussen sinn op déi ärmst Länner op dëser Welt.

Grad an dëse Wochen ass jo déi Kritik un den CDMen extrem no vir komm. Et war en Treffe vun ONGen, internationalen ONGen, an ech ka vläicht hei en Zitat maache vun engem eminenten indesche Wëssenschaftler, dee gesot huet: „Geschaffen für den Kampf gegen den Klimawandel, hat sich CDM stattdessen zu einem billigen Mittel für die Industriestaaten entwickelt, ihre eigenen Treibhausgase nicht zu reduzieren.“ Ech mengen, dat résuméiert an engem Saz e bëssen dat, wat aus dësem gutt geduechtenen Instrument ginn ass. Also, et huet op jidde Fall säin Zil verfeelt, insgesamt CO₂ ze reduzéieren a gläichzäiteg en Technologietransfert an eng Entwécklung an de Länner am Süden ze maachen. Ech mengen, do muss bal alles frësch op de Leescht geholl ginn an nei gemaach ginn.

Mir dierfen och keng Senke méi an den Emissiounshandel mat eranhuelen. Ech hat d'Chance, selwer virun engem gudden Mount am Ecuador am Kader vun enger Studierees mam Klimabündnis eng sougenannten - tëschent Anführungszeichen - „Senk“ kënne besichen ze goen. Do stellt ee sech dann awer zumindest e Bësch vir.

Abee, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat Eenzezt, wat mer gesinn hunn op 3.500 m Héicht an den Anden, dat waren e puer verkrëppelt Piniebeem, déi souwisou vun der Aart net dohpassen. Mir hu just festgestallt, dass do indigen Communautéiten schonn dräi Joer virum Kyoto-Protokoll vun enger hollännescher Firma massiv iwwert den Dësch gezu gi sinn.

Dat ass wierklech pervers. Do schummt ee sech als Europäer, wann een dann déi do Situatioun vun Indios duergeluecht kritt. Also, dat kann et net sinn, dass mir nach als Lëtzebuerg hëllef, och nëmmen een Euro an ee Sou an esou Projeten ze steechen. Dat ass wierklech Kolonialismus an der puerster Form am 21. Jorhonnert. Dat dierf net geschéien.

Wann ech dann héieren, dass anscheinend donidden um Terrain elo och schonn erëm Firmaen aus dem Norden déi sougenannt REDD-Mechanismen testen, dann hu mir kee gutt Gefill bei där ganzer Saach. Mir hunn dat Gefill, dass deemools viru Kyoto hollännesch an aner europäesch an amerikanesch Firmen donidden Tatsaache geschaf hunn, behaupt hunn, dat wär d'Zukunft, an dann Drock gemaach hunn, fir dass zu Kyoto esou Mechanismen iwwerhaapt ugeholl si ginn. A mir fäerten, dass eigentlech elo zu Kopenhagen eppes Ähnlech mam Mechanismus REDD geschitt.

Duerfir, ech kommen herno bei der Motioun nach dorop zrëck, géife mer wierklech d'Lëtzebuurger Regierung bieten, zumindest derfir ze suergen, dass zu Kopenhagen iwwer REDD selbstverständlech geschwat gëtt, mä op jidde Fall e Moratoire decidéiert gëtt an op kee Fall doru geduecht gëtt, esou Mechanismen haut schonn an den Emissiounshandel mat eranzehuelen. Dat wär eng eenzeg Katastroph fir déi Leit donidden um Terrain.

Et sinn awer och Leit, Dir Dammen an Dir Hären, déi ëmmer méi soen, dass mer mussen ewechkomme vun enger Diskussioun tëschent Emissiounen tëschent räiche Länner an aarme Länner an hi-

kommen eigentlech zu enger Diskussioun tëschent Emissiounen vu wuelsituéierte Leit an aarme Leit. Et sinn net nëmmen déi räich Länner, déi d'Emissiounen provozéieren. Eigentlech misst ee soen, et sinn déi räich Leit, déi eise Liewensstil adoptéiert hunn, déi responsabel sinn, an där gëtt et och an de Länner am Süden.

Ech mengen, eng Lëtzebuurger Wittfra mat der Mindestrent, déi an engem klengen Appartement wunnt, keen Auto huet an net mam Fliger an d'Vekanz flitt, ass héchstwahrscheinlech bei enger CO₂-Emissioun, déi méi no bei der chinesescher Moyenne ass, wéi vläicht iergendeen arabesche Scheich, dee mam Rolls-Royce duerch d'Géigend fiert. Ech mengen, et wäert eng Kéier kloer ginn, dass et eng Diskussioun ass tëschent deenen, déi en iwwerdrifwene Liewensstil féieren op d'Käschte vun deenen aneren. Déi Diskussioun steet nach un. Dat soll beileiwen elo net d'Responsabilitéit vun de Länner aus dem Norde schmälere, mä mir mussen eng Kéier ganz kloer iwwert déi do Distributioun am Allgemengen diskutéieren.

Meng Virriedner hunn et scho gesot: Mir wëssen, dass mer am Moment wäit ewech vun esou engem Accord sinn, wéi ech probéiert hunn, ze skizzéieren. Ech ginn och net méi am Detail op all déi Ursachen an, meng Virriedner hunn dat exzellent gemaach.

Ech mengen, dass niewent deem, wat schonn alles gesot ginn ass, ech vläicht nach e puer aner Grënn wëll hei un den Dag féieren. Mir mengen, dass eigentlech net déi richtig Leit um Verhandlungsdësch op deene wichtege Plazen, wou d'Décisiounen geholl ginn, sëtzen. Am G20 sëtzen net déi ärmste Länner, déi herno am meeschten um Klimawissel ze leiden hunn. Et sëtzen och néierens um Verhandlungsdësch Verrieder a Verriederinne vun deenen nächste Generatiounen. Et sinn awer déi, déi de Klimawandel wäerten auszdrénke kréien.

An och néierens, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sëtze Stied a Gemenge mat um Dësch. Et gëtt ëmmer méi kloer, a souguer d'Europäesch Kommissioun huet dat erkannt, dass et ouni d'Gemengen an d'Stied Klimaschutz net wäert ginn, mä bis elo sëtzen déi och nach néierens mat um Verhandlungsdësch. Et sinn awer genau déi lokal Strukturen, déi de Klimawandel oder d'Klimaschutzpolitik mussen ëmsetzen.

Ech mengen, et gëtt awer virun allem ee wirtschaftleche grondsätzleche Problem, an dat ass, well d'Energie net dee richtige Präis huet. Wann ech lech soen, dass an engem Barrel, deen - loosse mer emol soen - haut 80 Dollar kascht, esou vill Energie stécht, wéi wann ee Mënsch zwee Joer laang onënnerbrach 24 Stonnen den Dag géif schaffen, dann ass et gutt illustréiert, wou eise Problem ass. Wann ee mat 80 Dollar esou vill Energie huet wéi e Mënsch, deen zwee Joer laang 24 Stonnen den Dag géif schaffen, da wësse mer, wou de Problem ass, da wësse mer, dass d'Energie net hire richtige Präis huet.

Wann een dann nach weess, dass am Norden nach ëmmer ganz staark Autos- an Energielobbye sinn, déi nach ëmmer probéieren, éischtens ze maachen, wéi wann et de Klimaproblem net géif ginn, an déi alles probéieren ze versichen, dass beileiwe kee Vertrag, weder an hire Länner nach zu Kopenhagen, zustane kënnt, da brauch ee sech schlussendlech net ze wonneren, dass mer net méi wäit sinn.

Ech hu viru kuerzem eng Etüd gelies, déi gesot huet, dass nach dëst Joer an den USA, fir de President Obama ze contre-carriieren, déi do Lobbyen net manner wéi 200 Milliounen Euro ausginn hunn, fir alles ze maachen, fir dass keen Accord am Senat a soss anzwousch zustane kënnt.

Dat ass awer insgesamt, mengen ech, duebel onverständlech, dass mer eis Hausaufgaben net gemaach hunn, well och - an och dat hu meng Virriedner scho gesot - ouni Klimaproblematik, Här President, mussen mer eise Wirtschaftsmodell op eng CO₂-neutral Gesellschaft ëmstellen, well d'Enn vum Uelechzäitalter ass agelaut.

Ech hunn och de Cri d'alarme vun der internationaler Energie-Agence gelies dës



Woch, déi dréngend dozou oprifft, dréngend op alternativ Energien ëmzesteigen. An och dat konnt een an engem Artikel an enger franséischer Zeitung liesen, d'Energie-Agence schreift et zwar nach net, mä an de Kulisse soe se et: „Den «peak oil» steet virun der Dier.“ Einzelner menge souguer, e wär 2006-2007 gewiescht.

Wat dat fir den Uelechpräis heescht, léif Kolleeginnen a Kolleegen, do brauch ee kee Wirtschaftswissenschaftler ze sinn, fir ze wëssen, wou mer an deenen nächste Joren domadder wäerten hikommen.

Mir brauchen also méi wéi eng industriell Revolutioun, fir a 40 Joer eng fossilofhängeg Gesellschaft op en CO₂-neutrale Modell ëmzekrempelen. Jo, do wäert et Verléierer ginn, mä ënnert dem Stréch wäert et méi Gewënner ginn. Et si Wirtschaftsinstituter, déi ausgerechent hunn, dass fir een Job, deen an der fossiler Wirtschaft verluer geet, siwen neier an der Solargesellschaft wäerten entstoen.

Da kommt, mer ginn dann endlech dem CO₂ dee richtegte Präis. Fuerscher vun der UNO soen, mir misste mëttel- a laangfristeg op 120 Dollar d'Tonn kommen. De Conseil supérieur pour un développement durable fixéiert zwar och kee Präis fir Lëtzebuerg, mä seet awer och, dass dat deen eenzege Wee ass, fir dass d'Leit sech och klimakonform an Zukunft wäerte verhalten. Déi Europäesch Ëmweltagentur seet, mat 50 Euro sollte mer ufänken an all Joer bis 2020 fënnf Euro droptässelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Sënn ass och eigentlech Kopenhagen keng Klimakonferenz, mä eng Weltwirtschaftskonferenz, wéi de Joschka Fischer viru kuerzem an engem Interview gesot huet. An duerfir wär et och wichteg, wa sämtlech Stats- a Regierungschefe mat hire Wirtschafts- a Finanzministere géifen dohi goen.

A Lëtzebuerg dann an deem Ganzen? Abee, wann d'Situatioun weltwäit net roseg ass, dann ass se zu Lëtzebuerg an eisen Ae katastrophal. Mir louchen 2007 nach bei 25 Tonne pro Kapp, an ech wëll betounen: ouni Tanktourismus, awer mat dem importéierte Strom. Dat ass 2,5-mol esou vill wéi en Duerchschnittseuropäer, sechsmol esou vill wéi e Chinees an zwielefmol esou vill wéi en Inder. Mir hunn eis 1997 verpflichtet, 28% Reduktioun par rapport zu 1990 ze maachen.

Wat hu mir gemaach? Eng Zuel vun der Europäescher Ëmweltagentur gëtt ze denken, déi seet, mindestens fir 2007, Lëtzebuerg wäert mat grousser Wahrscheinlechkeet 28% flexibel Mechanismen zoukafe mussen, fir säin Zil ze erreechen.

Domat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wäerte mir eis héchstwahrscheinlech zu 100% fräikafe mam Scheck. Mir hunn ëmmer do virdru gewarnt. Mir hu gesot, dat kann et dach net sinn, weder moralesch nach wirtschaftlech ass dat sënnavoll. An duerfir ass dat, well dat elo awer agetratt ass, an eisen Aen e Skandal.

Dobäi hat Lëtzebuerg sech 1997 zu Kyoto eigentlech zu engem ganz einfachen Zil verpflichtet. Sécherlech klängt minus 28% no bause ganz gutt, mä ech wëll nach eng Kéier dorun erënneren, dass de Kyoto-Protokoll net 1990 ënnerschiwwen ginn ass, mä 1997, a wou ware mer do? Ech hunn hei e Graphique. Ech sinn iwwerzeugt, Dir gesitt dat souguer vu wäit. Hei ass 1990, hei ass 1997, an hei ass dat, zu wat mer eis am Kyoto-Protokoll verpflichtet hunn. Mir waren 1998 zwee Prozent ënnert deem, zu deem mer eis dat Joer virdrun...

(Interruption)

Här Lux, dat ass richteg. Jo!

Bon, ech mengen, mir haten eis industriell Revolutioun hanner eis. Ech wëll just soen, nach eng Kéier: Et sinn awer Länner, déi sech 1997 zu Resultater verpflichtet hunn, déi se nach net erfüllt haten, déi wierklech reell Reduktiounen hu missen agoen. Mir haten eigentlech eist Zil, wéi mer et ënnerschiwwen hunn, schonn duerch den Ëmbau vun der Stolindustrie erreecht. Et wär duergang, opzepassen, wat an deenen eenzelne Beräicher géif passéieren an eis Emissiounen ze stabiliséieren. Stattdessen hu mer se an zéng Joer praktesch ëm ronn 30% klamme gelooss.

Ech wëll och mat enger anerer Graphik beweisen, dass ee muss ophale mat deem

Märchen, dass dat just duerch den Tanktourismus ass. Hei gesitt Der d'Kurv vum Inlandsverkéier. Hei ass déi, wéi mer se hätte missen, laut Kyoto, maachen. Hei ass dat, wat geschitt ass. Mir waren 1990 op 0,8 Milliounen Tonnen, mir sinn haut bei 1,6. Dat ass och eng Verdueblung vun den Emissiounen duerch den Inlandsverkéier. Dat ass also net nëmme den Tanktourismus, deen eis haut Problemer mécht. Praktesch all Secteur, ausser dem industriellen, mécht der.

Et ass och duerfir vläicht normal, dass an der Majoritéit leider keng Bereetschaft do war, am Kader vun där Orientierungsdebatte kritesch Bilanz ze zéien an och Ursachefuerschung ze bedreiwen, well natierlech déi jeeweileg Regierunge responsabel un där katastrophaler Situatioun sinn.

Ech menge kënnen ze soen, dass am Ufank de Problem ënnerschat ginn ass. Et ass ze laang gewaart ginn, fir den Dossier konsequent unzegoen. Déi positiv Initiativen, déi deelweis geholl si ginn, sinn awer des Öftere stümperhaft ugaange ginn. Ech erënneren un den Op an Of vun de Reglementer iwwert d'alternativ Energien. Ech erënneren och un den Debakel vun enger gutt gemengter, awer schlecht ausgeféierter Autosteier. Schlussendlech, mengen ech, feelt awer bis haut de Courage, de politesche Courage, fir de Leit d'Wourecht ze soen, nämlech, dass och Lëtzebuerg sech esou oder esou muss ëmstellen.

déi gréng mengen awer och, dass eng grouss Verantwortung läit bei deem Mann, dee vläicht den Owend President vun Europa gëtt. Ech wëll dat hei ganz kloer an däitlech soen: déi gréng erkennen dem Jean-Claude Juncker seng wichteg Roll am europäeschen Integrationsprozess un, a mir wënschen him, dass hien dee Posten, fir deen hie sécherlech net dee mannst Qualifizéierten ass, den Owend kritt.

déi gréng soen awer gradesou kloer, Här President: Zu Lëtzebuerg huet de Jean-Claude Juncker am Klima- an Energie-dossier op der ganzer Linn versot. Och hien huet an eisen Aen den Dossier jorelaang vernoléisseg an ënnerschat.

Mir hu seng Rieden zur Lag vun der Natioun nogekuckt. Et huet bis 2006, néng Joer no Kyoto, gedauert, bis e wierklech eeschthaft sech mat deem Problem a senger Ried befaasst huet. All dat anert, dat waren e puer Sätz. Mä dat war wierklech net de Problem ugepaakt.

A wann een zrëckdenkt, wat alles ënner senger Regie geschitt ass, da muss een awer soen: Huet net de Finanzminister Juncker et verpasst, d'Accisé vum Pétrol unzepassen an domat den Tanktourismus aus dem Rudder lafe gelooss?

Huet net de Finanzminister Juncker et bei deene grouse Steuerreformen 2001-2002, mä och nach 2007-2008 verpasst, eng ökologesch Steuerreform duerchzeféieren an domat deen néidege Strukturwandel zu Lëtzebuerg anzeleeden?

Wien huet et verpasst, den Tram a senger Partei an deelweis och bei senger Koalitionspartner duerchzusetzen?

Här President, de Jean-Claude Juncker huet op där Tribün gesot, et wär e Verbriechechen un der nächster Generatioun, wa mer keng Pensiounsreform geschwë géifen ugoen. déi gréng deelen des Meinung. Bei de Pensiounen hu mer awer weinstens nach e puer Joer Zäit. Beim Klima hu mer zu Lëtzebuerg keng Zäit méi.

Duerfir si mer der Meinung als Gréng, dass, wat während deenen dräi leschte Regierungen ënnert dem Premierminister Juncker am Kontext Klimaschutz gemaach ginn ass - oder soll ech besser soen: net gemaach ginn ass? -, e Verbriechechen un der nächster Generatioun ass. Well et muss jo kee mengen, dass déi radikal Ännerungen, déi virun der Dier stinn, net och zu Lëtzebuerg misste geschéien.

D'Verbriechechen ass, Här President, dass mer se elo mussen duerchféieren a kierzester Zäit a viru ellenen - pardon -, jo, ellenen, awer viru allem eidele Keesen, wou mer Geleeenheet gehat hätten an deene leschten zwielef Joer, se a Rou a bei volle Keesen unzegoen.

Mir sinn derniewent ganz schlecht virbereet. Mir hunn emol keng Virstellung

vun enger ökologescher Steuerreform. Elo kann ee vun der Taxe carbone a Frankräich a vun der Iddi vun den Hollänner, fir elo d'Autoen anescht ze besteieren, halen, wat ee wëllt. Do sinn awer emol Iddien um Dësch, do gëtt driwwer diskutéiert; zu Lëtzebuerg wäit gefeelt.

Mir hunn nach ëmmer keng uerdentlech Dynamik an den alternativen Energien. E puer Graphiken, déi de Kolleeg Henri Kox bei EUROSOLAR ausschaffe gelooss huet, weisen, dass mer emol net an deem konservativen Zeenario vun der LuxRes-Etüd dra sinn. Och do ass d'Dynamik éischter gebrach, wéi dass se an d'Luucht geet.

Mir hunn nach ëmmer keng flächendeckend Energieberodung. Nach laang wäert den Tram net fueren, an nach ëmmer ass keng Bereetschaft am Innenministère do, fir de Gemengen déi Roll zouzegestoen, déi néideg ass, fir dass mer de Klimaschutz an de Grëff kréien.

Trotz där dramatescher Situatioun hu mer dat Gefill, dass an där Majoritéit et och nach un Asiicht feelt, den haarde Realitéiten an d'Aen ze kucken. Dat ass och d'Ursach, dass mir des Motioun vun der Majoritéit net droen. Ech erkennen d'Bereetschaft vun der Majoritéit un, eis en Deel Wee entgéintzekommen.

Mir haten eng Rei konkret Propose gemaach. Ech sinn och dankbar, dass eng Rei vun deenen opgeholl si ginn. Mir sinn awer der Meinung, dass, besonnesch wat déi kritesch Analys, besonnesch awer wat d'Oploosse vun neien Hannerdieren, besonnesch awer wat d'Gravitéit vun der Situatioun ubelaangt, d'Motioun dat net total erëmgëtt. An dofir hu mer wuel déi Motioun als Basis geholl, awer eng Rei Saachen, déi eis ganz wichteg sinn an eis um Häerz leien, dragesat. A mir géifen lech déi zum Vote dann och virleeën.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- vu la convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques (CCNUCC), signée à Rio de Janeiro en juin 1992 et ratifiée par la Chambre des Députés en 1994;

- vu le protocole de Kyoto, signé en décembre 1997 et ratifié par la Chambre des Députés en 2001;

- considérant que, dans ce contexte, le Luxembourg s'est engagé à réduire ses émissions de gaz à effet de serre pour la période 2008-2012 de 28% par rapport à leurs niveaux de 1990;

- considérant que le Luxembourg n'a guère réussi à réduire ses émissions domestiques des gaz à effet de serre et que pour atteindre les objectifs susmentionnés le pays a dû prendre de façon prépondérante le recours aux mécanismes flexibles - surtout moyennant les «mécanismes de développement propre CDM»;

- considérant que la décision N°406/2009/CE du 23 avril 2009 relative à l'effort à fournir par les États membres pour réduire leurs émissions de gaz à effet de serre afin de respecter les engagements de la Communauté en matière de réduction de ces émissions jusqu'en 2020 impose au Luxembourg un objectif de réduction de 20% d'ici 2020 par rapport à 2005 des émissions des secteurs qui ne sont pas concernés par le système européen d'échange de quotas d'émission;

- considérant que la 15^e Conférence des Parties à la CCNUCC respectivement la 5^e réunion des Parties au protocole de Kyoto auront lieu en décembre 2009 à Copenhague, en vue de renforcer la CCNUCC et de donner une suite aux engagements de réduction des émissions de gaz à effet de serre du protocole de Kyoto;

- affirmant sa volonté de voir aboutir Copenhague à un accord international ambitieux et efficace, juridiquement contraignant, incluant également tous les pays qui n'ont pas ratifié le protocole de Kyoto et les pays émergents;

- faisant siennes les conclusions du monde scientifique, en particulier du Groupement intergouvernemental des experts sur le climat (GIEC), selon lesquelles la hausse de la température moyenne mondiale ne doit pas dépasser de plus de 2° Celsius les niveaux de l'ère préindustrielle, qu'il est dès lors indispensable que les émissions

mondiales de gaz à effet de serre soient réduites d'au moins 50% d'ici 2050 par rapport à 1990, que cela signifie que les pays développés devraient réduire collectivement leurs émissions de gaz à effet de serre de 80 à 95% d'ici 2050 par rapport à 1990, tandis que les pays en développement pris ensemble devraient rester en-deçà du taux de croissance des émissions prévu actuellement;

- considérant les conclusions sur le changement climatique du Conseil Environnement de l'Union européenne du 21 octobre 2009 et du Conseil européen du 30 octobre 2009;

- notant que la conclusion par la Communauté européenne et ses États membres d'un nouvel accord international au titre de la CCNUCC nécessitera un accord de répartition des charges entre les États membres sur base des résultats de la conférence de Copenhague et conformément à la décision N°406/2009/CE;

invite le Gouvernement

- à adopter la position d'établir sur base scientifique un budget global terrestre pour les émissions à effet de serre jusqu'en 2050 et d'établir par la suite une stratégie de transition qui vise finalement à répartir ces émissions équitablement par tête d'habitant de la planète;

- à soutenir, sur le plan international, l'adoption à Copenhague, d'un accord international de lutte contre le changement climatique, suffisamment ambitieux et efficace, juridiquement contraignant, incluant tous les pays, et avec des objectifs de réduction ambitieux pour les pays développés ainsi que des engagements fermes de la part de ces pays en vue d'un financement de la lutte contre le changement climatique dans les pays en développement;

- à plaider pour l'intégration des secteurs de l'aviation et de la navigation dans les accords de Copenhague;

- à traiter la question des unités de quantité attribuée (UQA) inutilisées de sorte que la gestion du surplus d'UQA n'affecte pas l'intégrité environnementale de tout accord conclu;

- à s'abstenir dans sa future stratégie de toute utilisation de ces quantités attribuées (UQA) inutilisées;

- à prévoir des mesures d'incitations pour faire participer le secteur privé à la coopération technologique;

- à œuvrer sur le plan européen pour porter l'objectif de réduction communautaire de 20% à au moins 30% d'ici 2020 par rapport à 1990, pour autant que d'autres pays développés s'engagent à atteindre des réductions d'émission comparables et que les pays en développement apportent une contribution adaptée à leurs responsabilités et leurs capacités respectives;

- à plaider pour une priorité aux actions au niveau national avant d'avoir recours aux mécanismes flexibles au niveau international comme élément complémentaire aux actions au niveau national;

- à plaider pour une révision des critères applicables aux «mécanismes de développement propre CDM» afin d'intégrer les aspects du développement durable et d'éliminer les projets «puits» (absorption des gaz à effet de serre par exemple reforestation) de ces mécanismes ainsi que plaider pour un monitoring des projets CDM par une organisation neutre;

- à plaider pour une approche par étapes des projets «Reducing Emissions from Deforestation and Forest Degradation REDD» et à ne pas reconnaître à ce stade de tels projets comme élément du marché de carbone ou pour la réduction des gaz à effet de serre;

- à adopter, dans le cadre de l'effort à fournir par les États membres pour réduire leurs émissions de gaz à effet de serre afin de respecter les engagements de la Communauté en matière de réduction de ces émissions jusqu'en 2020, un objectif de réduction ambitieux au niveau national;



- à soutenir les efforts de l'Union européenne pour atteindre un accord sur le financement des mesures visant à aider les pays en développement à mettre en œuvre des stratégies ambitieuses en matière d'atténuation et d'adaptation, dont le surcoût global est estimé par la Commission européenne à quelque 100 milliards d'euros par an d'ici 2020, et à définir la participation du Luxembourg en fonction de l'accord sur le financement obtenu;

- à plaider pour la complémentarité de ces moyens financiers pour ainsi garantir le maintien intégral du volume actuel des aides internationales au développement;

- à plaider pour une claire distinction entre les fonds que les pays contribuent dans le cadre de l'aide publique au développement et les fonds à verser dans le cadre de leur responsabilité «climat»;

- à faire dans notre pays cette claire distinction entre les fonds «aides au développement» et «responsabilité climat»;

- à tenir la Chambre des Députés informée des négociations et des conclusions de la conférence de Copenhague;

- à faire entamer, sur base des résultats de Copenhague, les travaux de préparation d'un 2^e plan d'action national en vue de réduire les émissions de gaz à effet de serre et de mettre en place une table ronde sur le changement climatique (sur l'exemple français du «Grenelle de l'Environnement»);

- à élaborer ce plan d'action en étroite collaboration avec les responsables du niveau communal et à considérer les communes luxembourgeoises comme partenaires essentiels pour la mise en œuvre de ce plan d'action;

- à présenter le projet du 2^e plan d'action national en vue de réduire les émissions de gaz à effet de serre en séance plénière à la Chambre des Députés dans le cadre d'un débat de consultation;

- de créer un institut luxembourgeois du climat, dont l'objectif serait de développer des stratégies concrètes et des plans d'action pour lutter contre le réchauffement climatique ainsi que de faire une évaluation régulière de la situation au Luxembourg.

(s.) Camille Gira, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ouni Kyoto, och ouni Kopenhagen musse mer eraus aus der Ofhängegkeet vum Uelechbaxter, un deem déi Lëtzebuenger Wirtschaft an déi Lëtzebuenger Gesellschaft méi wéi anerer hänken. Mir mussen eraus aus der Uelechfal, wou mer déi sozial Schwaach amgang sinn ze féiere mat eise schlecht isoléierten Haiser an eiser Autofixéiertheet.

Dat gëtt net einfach. Däers si mir als Gréng eis och bewosst. An duerfir musse mer och nei Diskussionsmethoden erfannen, eraus aus deene kllasseschen Décisiounsprozesser, eraus aus der Tripartite, eraus op d'Place publique.

Nennt et Grenelle du climat, nennt et Klima-Quadripartite, nennt et Forum, eis ass dat egal. Wichteg ass, dass dës Kéier awer wierklech mat alle Kreesser an intensiv diskutéiert gëtt, an net nëmmen déi eng oder aner Alibidiskussion stattfënnt.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Dat gëtt Heulen an Zähneknirschen, Här President, awer déi gréng sinn der Meenung, dass trotz allem dës Ustrengung sech lount. Firwat? Stellt Iech Lëtzebuerg am Joer 2030 vir: Den Tram, deen duerch d'Stad an d'Randgemenge fiert; Stroosse mat manner Autoen, mat manner Stau, mat Elektroautoen, déi mat gréngem Stroum fueren; Dierfer a Stied mat Solaranlagen op all Daach; mir wunnen a Gebaier, déi méi Energie produzéieren, wéi se brauchen; Uertschafte gëtt et, wou Wunnen, Schaffen a Fräizäit erëm beienee leien; e Land mat gesonde Liewensmëttel an enger propperer Loft.

Dat ass jo awer keng Horrordiskussion, oder? Duerfir, kommt, mir paken dat dach end-

lech un! Mir sinn eis, awer virun allem, Här President, der nächster Generatioun dat schëlleg.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gira Merci. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et vergeet keen Dag, wou mer net mat engem Katastrophenzenario konfrontéiert ginn, wéi Iwwerschwemmungen, staark Hëtzwellen oder aner Naturkatastrophen. An anscheinend soll et ëmmer méi schro ginn.

Dat alles gëtt mat enger Äerderwärmung explizéiert, déi ëmmer méi staark soll ginn, an all déi grouss Metropolen, déi no beim Mier sinn, haaptsächlech an Asien, wéi Jakarta, Schanghai, Dhaka, souguer Finanzzentre wéi Hongkong a Singapur solle vun dëser Katastrophe befall ginn. De WWF appelléiert un déi entwéckelt Länner, fir finanziell an technologesch ze intervenéieren, fir esou Katastrophen ze verhënneren.

Fir dës dramatesch Entwécklung ze erklären, ass ee Responsabele fonnt ginn, nämlech den CO₂. Richteg un d'Rullen ass dës Problematik eréischt komm, wéi den amerikaneschen Exvizepräsident Al Gore mat sengem Film sech massiv fir de Bloe Planéit agesat huet an hin an hier gereest ass, fir d'Leit iwwert d'Konsequenze vun der Äerderwärmung ze warnen.

Här President, fir an enger Debatt komplett ze sinn, muss een awer och déi Wëssenschaftler zitéieren, déi eng aner Meenung vertrieben a kontradiktoresch Aussoe maachen. Hirer Meenung no soll d'Äerd sech net bis 2100 ëm véier oder sech Grad erwärmen, mä ëm 1,3 Grad. Hirer Meenung no gouf et ëmmer kal a waarm Zyklen, a mir géifen elo erëm an eng méi Kalfront kommen.

Hirer Meenung no wär den CO₂ net eleng den eenzege Responsabele vun der Äerderwärmung, mä do géifen och aner Gasparkelen a Fro kommen, nämlech de Waasserdamp, dee proportionell vill méi héich wéi den CO₂ representéiert ass. An hirer Meenung no misst een alles relativéieren an net den Däiwel un d'Wand molen. An déi vill ze vill apokalyptesch Iddien, déi vun de Medien an Ëmweltorganisatione promulgéiert ginn, géifen iwwert si erausgoen a vill ze vill politiséiert ginn.

Bon, mir haten en Hearing an der Chamber. Wat mer bedauern, ass ebe vläicht déi kontradiktoresch Ausso, déi mer gebraucht hätten. Mä, Här President, bei dëser kontradiktoreschen Aussoen ass et natierlech fir eis schwéier, well mer jo keng Wëssenschaftler sinn, déi richtig Approche ze fannen. Mä mir wëllen eis net laang an eng Querelle d'école amëschen. Duerfir loosse mir de Principe de précaution gëllen a mir ginn dovunner aus, dass den CO₂ da responsabel un der Äerderwärmung ass. Duerfir mussen déi néideg Mesuren ergraff ginn, fir den CO₂-Pegel ze senken. A mir dierfen eis net eiser Verantwortung entzieen.

Fir dass d'Temperatur net méi wéi zwee Grad steige soll, mussen am Duerchschnëtt bis 2050 d'CO₂-Reduktiounen bis zu 50% par rapport zu 1990 zrëckgoen. Dat heescht, datt déi entwéckelt Länner hir Emissiounen ëm 80 bis 95% zrëckschrauwe mussen.

Also, Här President, beim beschte Wëllen, fir aktiv un dëser Problematik matzeschaffen a matzehëllefen, dat schéngt eis awer irrealistesch an utopesch ze sinn. Do muss een eis erklären, wéi dat ze errechen ass.

Esou een Zeenario bedeit awer och drastesch Konsequenzen. Gëschter ass e Rapport vum Fonds des Nations Unies pour la Population, UNFPA, publizéiert ginn, an do steet geschriwwen: «Il faut d'urgence aider les femmes à faire moins d'enfants pour lutter contre le péril climatique. La natalité galopante des pays en développement est l'un des principaux moteurs du réchauffement et l'un de ses premiers risques.

Certes, un nouveau-né nigérian promet de créer au cours de sa vie une empreinte

écologique bien moindre qu'un petit Américain. Mais les pays en développement connaissent une croissance rapide et très émettrice en carbone, argumente le Fonds des Nations Unies pour la Population.

Ainsi, dans un monde aux ressources limitées, freiner la croissance de leur population permettrait aux pays pauvres, non seulement de sortir de la misère, mais aussi de réduire le volume de leurs émissions de CO₂ et de mieux s'adapter aux effets du réchauffement - manque d'eau, insécurité alimentaire -, estime l'agence de l'ONU, selon laquelle „des modes viables de consommation et de production ne peuvent être atteints et maintenus que si la population mondiale ne dépasse pas un chiffre écologiquement viable“.

Also, hei ginn déi aarm Länner, déi net um Klimawissel schëlleg sinn, invitéiert, fir manner Gebueren ze hunn,... pour le moins ass dat étonnant.

Wéi schon hei zitéiert, meng Virriedner, den Här Negri an den Här Gira, hu gesot, dass an Holland eng Tax géif agefouert gi vun dräi Cent pro gefuerene Kilometer mat Tendenz no uewen, fir d'Leit ze obligéieren, esou wéineg wéi méiglech mam Auto ze fueren.

Mir mussen awer ganz genau oppassen, wou mer histeieren. De Leader vun der britescher Ëmweltadministratioun huet virgeschloen, datt all Bierger e perséinleche Kuelendioxidkonto soll kréien. Fir de Moment leie mir an der Moyenne bei néng Tonne pro Joer pro Kapp un CO₂-Emissiounen. Hei a Lëtzebuerg si mer souguer bei 30 Tonnen. An déi néng Tonnen, déi sollen da bis op ee Véierel erofgesat ginn, bis op zwou Tonne pro Joer pro Kapp.

Dat bedeit, wéi gesot, eng massiv Aschränkung vun der Liewensqualitéit, haaptsächlech da fir eis. Ee Véierel vun de Vakanzen, ee Véierel vun den Autofahrten, ee Véierel vum Stroumverbrauch, ee Véierel vum Konsum sinn dann nach erlaabt.

Offensichtlech kënn et hei zu enger Aféierung vun enger Contrainte mat totalitäre Moosnamen, déi déi ganz Wirtschaft géifen ofwiergen. Den eenzelne Bierger muss ee Kuelendioxid-Ausweis bei sech hunn, wou all déi Operatiounen, déi hien tätegt, agedroe ginn, also zum Beispill d'Akafé vu Bensin, vu Fleesch, d'Stroumrechnung, d'Buchung vun de Vakanzen, an alles, wat vum CO₂ ofhängeg ass. Esou falen zum Beispill d'Orangen aus der Türkei méi an d'Wo wéi d'Orangen aus Frankräich, well déi jo méi ee laangen Transportwee hunn.

Wann elo jiddweree säi Kontingent iwwerschritt huet, da muss hien Emissiounsrechter akafen oder eng Strof bezuelen.

Wa mir elo dat heiten Denken extrapoléieren: Zum Beispill, wa mer elo e Kuelendioxid-Pass fir e Bauerebetrieb ausstellen - d'Kéi produzéiere jo och CO₂ a Methan -, da risquéiere mir, net méi kredibel ze sinn. Huet dee Bauerebetrieb säin CO₂-Kontingent erschöpft, da muss dëse Betrib entweder eng Strof bezuelen, Emissiounsrechter akafen oder schlicht an einfach x Kéi an d'Schluechthaus féieren. Domadder géif déi aktuell Mëllechiwwerproduktioun vläicht geléist ginn, mä de Bauer hätt do e méi klenge Revenu. Ass dat de Sënn vun der ganzer Saach?

Mir mengen, hei muss ee mat de Féiss um Teppich bleiwen. Wann een CO₂-Reduktiounen proposéiert, da mussen déi awer och realisabel sinn.

Mir haten hei zu Lëtzebuerg eis engagéiert, fir 28% CO₂-Reduktiounen duerchzesetzen. Mat der Schléissung vun den Héichiewe vun der ARBED wär dat méiglech gewiescht, mä den Tanktourismus an den Inlandsverkéier hunn eis dunn e Stréch duerch d'Rechnung gemaach.

Hei a Lëtzebuerg kéinte mir ganz schnell mat eisen CO₂-Emissiounen an de Soll-Bereich kommen. Mir kéinten den Tanktourismus opginn, mir kéinten d'Zementfabrik opginn, mir kéinten d'Kueleregulatiounszentral opmaachen. Dann hätte mir eisen CO₂-Problem geléist. Mä wat bedeit dat fir déi Gesamtatmosphär, wann dës ökonomesch Secteuren déi aner Säit vun der Grenz géifen delokaliséiert ginn? An ech wéilt hei op d'Beispiller vu Cattenom a vum Ikea hiweisen, déi guer kee Problem

geléist hunn, weder d'Angscht virun enger Atompann nach de Verkéier.

Här President, zu Kopenhagen gëtt haaptsächlech déi finanziell Enveloppe definiert, déi d'Länner droe mussen, dat heescht, och de Bäitrag vu Lëtzebuerg. Esou, wéi eisen Ausseminister undeite gelooss huet, wär et wëschenswäert, wa mir de Surplus vun der Aide au développement guttgeschriwwé kréichen.

Mir bezuele jo 0,96% vum RNB, mir bräichte jo nëmmen 0,7% ze bezuelen. Déi Differenz soll eis, wann ech gelift, Här Minister, bei de Verhandlungen ugerechent ginn. Dofir sollt Dir Iech asetzen.

Mir dierfen eis hei net austrickse loosse mam Argument, well de PIB héich ass, datt mer e räicht Land sinn, datt mer dat kënne finanzéieren. Mir sinn och an enger ganz sozialer Kris, wéi alleguerten déi aner Länner. Mir hu scho Solidaritéit bewisen. An och bei de Katastrophen, déi déi lescht Zäit komm sinn, hu mir eise Bäitrag gemaach. Mir hunn en extrae Fonds do opgemaach, fir déi Leit ze ënnerstëtzen.

Iwwregens, Här Minister, sollt Dir déi aner Leit invitéieren, fir datt déi och op 0,7% hir Part sollen eropschrauwen, an net wéi elo ënner 0,7%. Dat géif den anere Länner hëllefen, fir och hiren Hongerproblem ze léisen. Dat wär ganz wichteg.

Här President, datt mir eis fir alternativ Energiequellen asetze sollen, dat steet hei net zur Diskussioun. Domat si mer d'accord. Mir wëllen, datt déi Recetten, déi mir als Land erafueren an déi mat den CO₂-Emissiounen a Verbindung sinn, och hei am Land investéiert ginn an der Fuerschung vun neien Technologien, an der Promotioun vun alternative Formen vun Energien an als Ënnerstëtzung vum eenzelne Bierger bei der Renovatioun vu senge véier Maueren. Den CO₂-Problem muss realistesch a mat kloerem Mënscheverstand ugepaakt ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Colombero Merci. Als nächste Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann d'Haus brennt, da fänkt ee méiglechst direkt un ze läschen an et waart een net onbedéngt, bis dee leschte Pompjeesauto och ukomm ass. Fir mech ass et selbstverständlech, dass ee muss versichen zu Kopenhagen respektiv dann duerno zu engem internationalen Accord ze kommen, deen den Erausforderunge gerecht gëtt.

Wann dat awer net de Fall ass, wann dat net méiglech ass, da kënne mer eis net verstoppen derhannert, dass et net zu engem Accord komm wär. Da musse mer eis eege Verantwortung iwwerhuelen. An dat heescht fir mech konkret, eis eege Verantwortung: d'Europäesch Unioun eng Reduktioun vu mindestens 30% bis d'Joer 2020, onofhängeg dovun, zu wat déi aner Diskussionspartner zu Kopenhagen sech wëllen engagéieren.

An dat heescht da selbstverständlech fir Lëtzebuerg entsprechend Reduktiounsziler, déi deem Prozentsatz entspreichen. Dat ass iwwregens och de Virschlag an dem Avis vum Conseil de développement durable.

Fir nach eng Kéier, obwuel et hei des Öftere scho gesot ginn ass, op d'Grëssenuerdnung hinzeweisen, mat där mir hei zu Lëtzebuerg konfrontéiert sinn. Mir brauchen am Moment iwwer 20 Tonne pro Persoun. Mir missten am Joer 2050 op maximal zwou Tonnen, anerer soen eng Tonn, pro Persoun kommen. Dorunner gesäit een, mat wat fir enger dramatescher Aufgab dass mer konfrontéiert sinn.

Dat geet net, mengen ech, ouni dass mer eise Wuesstumsmodell, eisen Entwécklungsmodell och hei zu Lëtzebuerg zur Diskussioun stellen. An dat heescht fir mech natierlech och eise Produktiounsmodell a Konsummodell.

Elo weess ech net, Här President, ob mer nach ëmmer beim Modell 1 oder beim Modell 2 ukomm sinn, well nom Modell 1 wär ech scho fäerdeg.

**(Hilarité)**

► **Une voix.**- Braucht Dir dann de Modell 2?

► **M. le Président.**- Fuert emol virun, Här Hoffmann!

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Ech fueren emol einfach onbegrenzt...

► **M. le Président.**- Mir kucken, op wivill Minutten datt Der kommt.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et weess een ni, ob 2 oder 3.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Soulaang et net ze vill CO₂ mécht...

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Also, Dir hutt awer elo gesinn, wat een an zwou Minutte ka soen, gell?

(Interruption)

Net vill.

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Dat war schonn net schlecht.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Zweetens, ech kommen awer nach eng Kéier dorobber zrëck, wat mer gëschter diskutéiert hunn. Ech bleiwe ganz décidéiert der Meenung, dass déi 0,9% Entwécklungshëllef net därfe geholl ginn, fir dorausser och d'Klimahëllef ze finanzéieren. Ech sinn ëmgedrënt der Meenung, dass mer dat maachen, wat d'Regierungen elo zënter Jore versprach hunn, ugekënnegt hunn, dass mer op ee Prozent Entwécklungshëllef solle kommen an dass selbstverständlech alles, wat mer am Beräich vun der Klimahëllef finanzéieren, onbedéngt dorobber muss gesat ginn.

Ech gi jo de toute façon dervun aus optimistes, dass eis Projeten am Kader vun der Entwécklungshëllef no de Kritäre vun der nohalteger Entwécklung ëmmer de toute façon gepréift ginn; ech ginn emol dovunner aus. An ech wëll awer och nach eng Kéier ënnersträchen, dass d'Klimafro eng sozial Fro ass, eng Verdeelungsfro, an dass mer dorunner net därfe spueren.

D'Onglächheet vun der Responsabilitéit spigelt sech erëm an enger Onglächheet bei dem Droe vun de Konsequenzen. Déi am mannste Responsabel sinn, leiden am meeschten, bezuelen am meeschte fir d'Konsequenze vum Klimawandel.

An ech si mam Här Gira absolut averstanen, wann e seet: Et muss ee selbstverständlech an deene Länner, deene mer d'Klimahëllef ginn, déi vum Klimawandel betraff sinn, sozial differenzéieren. Selbstverständlech. Dat muss mer selbstverständlech, awer och hei. Dat heescht also, och hei d'Fro stelle vun der sozialer Gerechtegkeet par rapport zum Klimawandel oder zu der Klimagerechtegkeet weltwäit. Dat heescht also, och hei.

Wat den Emissiounshandel betrëfft an déi flexibel Mechanismen, hunn ech prinzipiell gréisser Bedenken, well se - wat och schonn hei gesot ginn ass - ganz oft net transparent sinn, dass Magouillen dermat gedriwwen ginn. Ech mengen, esou därfe een et schonn nennen. An ech mengen, dass se alize oft och benotzt ginn als Alibi, als Virwand, fir am eegene Land net genuch ze maachen.

Ech kann d'Motioun vun der Regierung, wa se net ëmgeännert gëtt duerch Amendementer, déi ugekënnegt gi sinn an en aneren Inhalt kritt, net stëmmen. Ech erklären da bei menger Abstentioun firwat.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Hoffmann Merci. Dann hätt den Här Boden nach eng Kéier d'Wuert gefrot. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Boden** (*CSV*).- Här President, nodeem datt de Marcel Oberweis am Numm vun der CSV op d'Problematisierung vum Klimaschutz agaangen ass, wëll ech hei och nach eng Kéier kuerz Stellung bezéien zur Positioun vun der CSV. Eng Positioun, déi am Fong erëmgespigelt gëtt an där Motioun, déi ech eréischt déposéiert hat, a wou eng ganz Partie Kolleegen a Fraktiounen sech ugeschloss hunn.

Ech géif also wëllen an zéng Punkte resüméieren, wat d'Positioun vun der CSV ass.

Éischtens emol hätt d'CSV gären, datt en Accord bei der Klimakonferenz zu Kopen-

hagen erauskéim, op d'mannst ee Kaderaccord, deen déi wichtegst Ziler, Parameter an Instrumenter verbindlech festleet. De Klimawandel fënn nämlech statt, an et muss méiglechst schnell eng Trendwend do geschéien.

Zweetens, an et ass vu ville Riedner hei ervirgestrach ginn: Dësen Accord muss den Erausforderunge vum Klimaschutz gerecht ginn a sech op wëssenschaftlech Erkenntnisser baséieren. Wat dat am Detail a puncto Reduktiounsziler bedeit, ass och hei schonn e puermol erwähnt ginn. Ech wëll dat net nach eng Kéier verdéiwen.

Drëttens: Dësen Accord muss méi ambitiéis, muss méi global si wéi de Kyoto-Protokoll. Dëse Kyoto-Protokoll hat wuel de Verdéngscht, eng éischte Kéier verbindlech Engagementer festzehalen, wat d'Reduktioun vun den Zäregasemissiounen ubelaangt, mä hat den Nodeel, datt ganz wichteg Emissiounslänner wéi Amerika, China, Indien, Brasilien, Mexiko an anerer net matgemaach hunn, an datt déi festgehale Ziler net duerginn, fir de Klimawandel ze bremsen.

Et muss also, véiertens, zu engem Accord kommen, wou d'Länner all matmaachen, wou d'Engagementer fir d'Reduktioun vun den Emissiounen vill méi ambitiéis sinn, wéi dat beim Kyoto-Protokoll de Fall war. Besonnesch déi industrialiséiert Länner mussen mam gudden Beispill virgoen. Si hunn, an et ass gesot ginn hei, eng Bréngschold. Mä och d'Entwécklungslänner, besonnesch déi méi avancéiert, mussen strategesch Aktiounspläng entwéckelen, fir den CO₂-Ausstouss ze reduzéieren. Mir sinn der Meenung, datt do 15 bis 30% mander Ausstouss wéi geplangt misst méiglech sinn.

Fënneftens: Et därfe ee beim Accord op déi wichteg Komponent vum Emissiounshandel net verzichten, an et muss een och bei dësem Emissiounshandel d'Entwécklungslänner konsequent mat abannen. Den Handel mat Emissiounsrechter hëllef hinnen, hir Aktiounspläng ze verwirklechen an nohalteg Projeten ze entwéckelen an och ze finanzéieren, an dat, wéi gesot, no Aktiounspläng an no sektoriellen Objektiv.

Déi international Spillregele mussen geännert ginn. Si mussen esou opgestallt ginn, datt d'Fuite de carbone an d'Delokalisation vu Betriber a Länner, déi mander héich Uspréch stellen, vermiede ginn. Den Emissiounshandel an déi flexibel Mechanismen mussen dozou féieren - a si kënnen dat -, datt all Länner, och d'Entwécklungslänner, zu enger méi karbonaarer Wirtschaft higefouert ginn. Beim Opbau vun hirer Industrie därfe net déi nämlech Feeler gemaach ginn, wéi dat bei eis de Fall war. Duerfir ass den Technologietransfer ganz wichteg, an de Privatsektor muss incitéiert ginn, fir an Innovatioun a Recherche ze investéieren, fir nei kuestoffaarm Technologien ze entwéckelen, fir alternativ Energien ze fördern a fir insgesamt den CO₂-Ausstouss ze reduzéieren.

Sechstens: D'Finanzéierungsmodalitéite mussen Bestanddeel vum Accord ginn, an den Aspekt vun der Solidaritéit, den Aspekt vun der sozialer Gerechtegkeet, och dat ass hei vun anere gesot ginn, muss kloer zum Droe kommen. Déi aarm Länner därfe net am meeschten ënnert dem Klimawandel leiden. Hei stinn déi industrialiséiert Länner an der Pflicht, se net hänken ze loossen, fir hinnen och duerch öffentliche Gelder finanziell ze hëllefen, beim Opbau vun hirer Economie a bei der Reduktioun vun den Emissiounen.

De globale Käschtepunkt gëtt ab 2020 op 100 Milliarden Euro pro Joer geschat. Dës Sue solle finanzéiert ginn deels duerch den Erléis vum Handel mat Emissiounsrechter, duerch international öffentliche Hëllef, zum Deel och vun den Entwécklungslänner selwer, besonnesch d'Schwellelänner. An hei ass et wichteg an evident, datt d'EU, datt och Lëtzebuerg muss en ugemessene Bäitrag zu der internationaler öffentlecher Hëllef bäidroen, an datt dës Gelder zousätzlech zu deene vun der bestehender Entwécklungshëllef komme mussen.

Mir sinn d'ailleurs - hei wëll ech eng Klammer opmaachen - frou iwwert de groussen Engagement vum Lëtzeburger Stat, vu villen ONGen an der Entwécklungshëllef. Dee leschte Sonndeg war eng Partie vu

Leit hei aus der Chamber derbäi, beim 50. Gebuertsdag vun der Entwécklungshëllef vun de Lëtzeburger Jongbaueren a Jongwänner. Et konnt ee sech do iwwerzeegen, wat fir eng Pionéieraarbecht si an Afrika gemaach hunn, ënnert dem Motto: „Hilfe zur Selbsthilfe“. Ech mengen, dat verdéngt Respekt an Unerkennung. A wéi gesot, et si vill ONGen, déi sech an deem Beräich ganz staark engagéieren.

Siwents: Mir begrëssen ausdrécklech, datt d'EU sech zu engem gemeinsame Verhandlungsmandat duerchrénge konnt. Dëst erlaabt hir, eng Virreiderroll bei de Verhandlungen zu Kopenhagen ze spillen. Mir ënnerstëtzen d'Offer vun der EU, fir ënner gewësse Konditiounen op 30% Reduktioun eropzegoen.

Aachtens: De Flugverkéier an d'Schëffahrt mussen och mat agebonne ginn, well dës Verkéiersmëttelen en enormen CO₂-Ausstouss hunn, dee mir einfach net ignoréiere kënnen.

Néngtens: Lëtzebuerg muss ambitiéis Ziler upeilen. Trotzdeem muss de spezifesch Contrainten, an där bestinn der an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg, Rechnung gedroe gi bei der Opdeelung vun den Oplagen an der EU. An och wa Kopenhagen net sollt zum gewënschten Erfolg féieren, mussen d'Ziler vun der EU a vu Lëtzebuerg ambitiéis bleiwen, an d'Négociatiounen mussen um internationale Plang weidergefouert ginn. Méiglechst vill Länner muss ee mat an d'Boot kréien, fir kënnen wierklech eppes ze erreechen.

Zéngtens dann: D'CSV encouragéiert d'Regierung, esou wéi et d'ailleurs och an der Regierungserklärung virgesinn ass, a wéi aner Memberstate vun der EU dat och gemaach hunn, bis 2012 en nationalen Upassungsplang fir de Klimawandel auszeschaffen, deen eng ganz Rei vun Domänen ëmfaasst, wéi d'Upassung vun der Economie, de Kampf géint d'Umweltschwemmungen, d'Gestioun vun de Bësch, d'Landwirtschafts-, d'Waasser-, d'Naturschutz-, d'Gesondheits- an och d'Beschäftigungspolitik. An dësen Upassungsplang soll e wichtige Bestanddeel si vun der Gesamtstrategie am Kampf géint de Klimawandel.

Mir encouragéieren d'Regierung och, op der Basis vun de Resultater vun der Klimakonferenz zu Kopenhagen, en zweeten nationalen Aktiounsplang auszeschaffen, deen eis et engersäits erlaabt, eis Kyoto-Ziler ze erreechen, an anerersäits déi vun der EU fixéiert Objektiv, wat d'Reduktioun vun den Emissiounen bis 2020 ubelaangt, an deene Secteuren, déi net vum europäeschen Emissiounsquotenhandel ofgedeckt sinn. D'Zivilgesellschaft, déi concernéiert Kreesser an och de Syvicol, well d'Gemengen, dat ass beim Hearing kloer erauskomm, wëllen an hunn och an der Ëmsetzung vun esou engem Plang eng wichteg Roll ze spillen a solle bei der Ausschaffung vun dësem zweete sozialen Aktiounsplang consultéiert ginn.

Am Kader vum Hearing sinn eng ganz Rei vun interessanten, wann heiansdo och kontradiktoresche Virschléi an Iddiën virbruecht ginn, déi et derwäert sinn, datt ee sech domat weider auserneeetzt. A mir hätten natierlech gär, esou wéi mer dat, wéi gesot, och an der Motioun froen, datt d'Chamber e Projet vum zweeten nationalen Aktiounsplang virgeluecht kritt, an datt mer doriwwer och hei an der Chamber eng Consultatiounsdebatt féiere kënnen.

Well den Objet vun der Orientéierungsdebatt vun haut net d'Diskussion ass iwwert dësen zweeten nationalen Aktiounsplang, fir d'Zäregasemissiounen ze reduzéieren, wëll ech och net am Detail op dës Problematik agoen. Ech wëll just soen, datt mer d'Stoussrichtung, déi an der Regierungserklärung opgezeechent ass, begrëssen, an ech zitieren: «Le Gouvernement visera à accomplir les efforts de réduction post 2012 en priorité par des mesures nationales. Ces dernières étant complétées par le recours aux mécanismes flexibles et l'échange de droits d'émission entre pays.»

Also, et ass kloer an der Regierungserklärung gesot, wou d'Prioritéite leien. Dat, wat den Här Berger also d'ënescht hei gesot huet, ass net richtig, a wat anerer gesot hunn, datt d'Regierung wëllt

100% akafen: neen! An der Regierungserklärung ass kloer dokumentéiert, datt d'Prioritéit op nationale Moosname soll leien, an dat soll jo och dann am zweeten Aktiounsprogramm zum Virschäin an zum Droe kommen.

Ech wëll och soen, datt d'CSV zu den Iddiën steet, déi zu dësem Sujet an der Regierungserklärung entwéckelt ginn. An de Statsminister huet och a senger Ried vun der Regierungserklärung do eng ganz kloer Sprooch geschwat, ech zitieren: „Mir wëllen d'Kyoto-Ziler erreechen. Mat alle Mëttelen. An ouni Finanzéierungsvirbehalt. Mir leeën den Akzent op Energiespueren an op erneierbar Energien a ginn der Albusanierung, der privater an der öffentlecher, ee kräftege Schubs.“ Ech mengen, dës Ausso kann d'CSV voll a ganz ënnerstëtzen an d'Regierung encourageieren, dës Moosnamen ze ergräifen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Fernand Boden Merci, an elo kritt d'Wuert den Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Ech fänken och un, andeem ech dem President vun der Kommission an der ganzer Kommission Merci soe fir déi Aarbecht, déi se geleescht hunn. Ech mengen, dat war an deene puer Wochen, puer Méint, wou mer elo haten, vill Aarbecht, déi gemaach ginn ass. Haaptsächlech och fir den Hearing heibannen, wou eng ganz flott Diskussioun erauskomm ass, wou eng ganz Rei Iddiën konnten ugeschwat ginn, a wou och eng ganz Rei Associatiounen d'Méiglechkeet haten, fir sech zu deem do Sujet ze expriméieren, wat a mengen Ae scho wichteg war. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, ass, datt ech och frou sinn, datt mer hoffentlech dann haut aus dëser Diskussioun eng Motioun erauskréien, wou d'Regierung an deenen Diskussiounen, wat schwierig Diskussiounen ginn, déi elo zu Kopenhagen am Dezember kommen, dann och e Kader huet respektiv e Réckhalt huet, fir déi Diskussiounen ze féieren.

Ech wëll ufänken, andeem ech am Fong soen, datt an all deenen Diskussiounen, déi mer elo heibannen haten, déi ech mat lech gefouert hunn, déi mer zu Lëtzebuerg féieren, an all deenen Diskussiounen, déi international gefouert ginn, well dat hei ass jo am Fong d'Virbereedung op d'Diskussiounen, déi mer um internationale Plang, net nëmme mat europäesche Länner, mä mat sämtleche Länner vun der Welt féieren, awer d'Ufuerderungen, de Kader e wéineg anescht sinn.

Ech wëll och haut an deem, wat ech äntwerten, mech dann op dat konzentréieren, wat elo an deenen nächsten dräi Woche wäert virun eis stoen, also déi Erausforderungen, déi Froen, déi zu Kopenhagen ugeschwat ginn, wëssend, datt mer am Ufank nächst Joer och nach déi eng oder déi aner Kéier hei mat eisen eegene Moosname mussen eis auserneeetzen, an datt ech dat eent vun deem aneren awer wollt trennen. Well dat, wat vun eis als Aussoe gefrot gëtt, mengen ech, no bausse si mer eis éischter eens wéi bei deem, wat duerno no bannen déi Diskussioun wäert sinn, op déi ech mech awer freeën.

Ech fannen et emol fir d'éischt extrem wichteg, datt mer et fäerdeg bruecht hunn, op europäeschem Niveau - an dat ass heibannen esou als Evidenz eriiwwerkomm, mä dat war alles guer net esou evident, och an deene leschte Méint net -, ech sinn emol frou, datt mer op europäeschem Niveau eis konnten duerchsetzen, fir ze soen, datt all déi wëssenschaftlech Zilsetzungen, déi mer hunn...

An Dir hutt, Här Colombero, gesot: „Et weess een net, wem ee méi soll gleewen.“ Duerfir hutt Der elo emol de Principe de précaution. Mä ech soen awer ganz kloer: De GIEC ass am Fong eng Zesummesetzung vun deene gréisste Wëssenschaftler, déi aus alle Länner kommen, wou et hei awer gemeinsam zu wëssen-



schaftleche Konklusiounen komm ass. Ech sinn och net Wëssenschaftler, mä ech soen, wann awer esou vill Wëssenschaftler do zesummekommen, déi zu enger gemeinsamer Konklusioun kommen, da ginn ech awer dovunner aus, datt ech kann dat unhuelen an datt ech dat ka gleewen, wat do steet.

Dir hutt dat mat e wéineg Zweifel ëmschriwwen, an dat huet duerno e wéineg gequitscht, wéi Der erëm op de Wee zrëckkomm sidd. Dir hutt duerno gesot, Dir kënnt dat deelen. Ech sinn och frou doriwwer, mä ech wëll soen, dat muss awer kloer si fir jiddwereen, viru wat fir Eerausforderunge mer hei stinn an datt mer net kënne Saachen a Fro stellen, déi, mengen ech, net méi a Fro ze stelle sinn.

Zwee Grad Opwiermung ass den absolute Maximum, dee mer kënnen akzeptéiere bis 2050. Eng Erofsetzung vu 50% respektiv 80-95% fir d'industrialiséiert Länner ass och déi Zilsetzung, déi mer mussen hunn an déi, Gott sei Dank, an Europa jiddweree mat akzeptéiert huet.

Schwierig an den Diskussiounen wäert et och nach ginn, fir datt mer, niewent där enger Zilsetzung vun 2050 - wou et u sech jo liicht ass, doriwwer eens ze ginn, well all déi Politiker, inklusiv mir, wëssen, datt mer héchstwahrscheinlech 2050 jo awer net méi esou derbäi sinn, well mer ginn emol dovunner aus, duerfir ass et licht, sech doriwwer eens ze ginn -, fir déi fir 2020. Dat heescht, datt mer à partir vu Januar ufänken, Moosnamen ze huelen. Do fänken d'Diskussiounen un da vill méi haart ze ginn.

Duerfir sinn ech frou, datt Europa sech zesummegeraaf huet a gesot huet: Mir maachen emol direkt minus 20. Mir maachen dat ouni Konditiounen. Mir maachen dat elo a mir maachen et direkt. Alles dat war awer net esou evident. An datt Europa gesot huet: Mir maache minus 30, mä mir hätten awer trotzdeem gär, datt, wa mir minus 30 maachen, dann awer och aner Länner e Stéckche vun deem Wee maachen. Mir froe jo net, datt alleguer déi Länner och minus 30 bis 2020 maachen. Mä mir froen awer, datt se e rasonnablen Deel vun deem Wee do matginn, datt mer gemeinsam kënnen déi Zilsetzung erreechen.

30% just fir Europa bréngt der Welt net ganz vill, wa keen anere matmécht. 30% fir Europa bréngt der Welt vill, wa mer Partner fannen, déi op deem Wee do matginn. An dat ass dat, wat mer probéieren.

Ech sinn och frou, wa mer konnten déi Leadership-Roll, déi mer haten, och als Europäer mat op Kopenhagen huelen. Dat ware wierklech net onbedéngt einfach Diskussiounen. Dir konnt dat an deem leschte Mount jo alleguer an der Zeitung suivéieren. Ech sinn och frou, datt mer hoffentlech duerno e Back-up vun deene Positiounen an der Chamber elo hei kréien. Dat war deen éischte Punkt.

Dann ass et a mengen Aen och relativ kloer, wat och an der Motioun erauskënnt, déi relativ gutt déi Zilsetzung, déi mer eis gesat hunn, beschreift, datt mer och mussen eng Rei Messagë weiderginn, datt mer och mussen kloer an daitlech soen, datt mer déi finanziell Hëllef fir d'Entwécklungslänner och selbstverständlech weiderféieren an datt all déi finanziell Mesuren, déi an dem Klima zur Verfügung gestallt gi fir Entwécklungslänner, och Mesurë mussen sinn, déi additionnel sinn. Mir hunn et an der Motioun supplementar genannt; de richtigen Term, esou wéi e gebraucht gëtt weltwäit, ass „additionnel Moosnamen“, wou ee sech kann drop fiéieren, datt se och kommen.

Mir mengen awer just, datt et och net onsennoh wär, wann de Pak vun deenen additionnelle Mesuren oder Moosnamen definéiert gëtt, datt mer dann och kënne soen: Ma kuckt emol, wat mir scho vun 0,97 maache par rapport zu Länner, déi wesentlech manner maachen. An an deem Pak vun additionnelle Moosnamen, datt mer do soen, datt déi grouss Efforten, déi mir elo schonn amgaang sinn an der Entwécklungshëllef ze maachen, mat respektéiert ginn.

Mä kloer ass: D'Mesurë mussen additionnel sinn. A kloer ass och, datt all déi Moosnamen, déi mer huelen, net kënne fir eis Entwécklungshëllef op där enger Säit kontabiliséiert ginn a fir de Klimaschutz op där anerer Säit. Et muss kloer an daitlech eng Trennung vun der Kontabilisatioun bestoen. Et kann een nëmmen op enger Säit eppes unzielen. Dat schéngt mer och logesch ze sinn. Dat schéngt mer och deen normale Prinzip ze sinn.

(Interruption)

Duerfir wollt ech dat och kloer hei soen. Kuckt, wat an der Motioun elo steet, esou, wéi mer et hei hunn.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Här President, därerf ech eng Fro stellen?

► **M. le Président**.- Erlaabt Der, Här Minister, datt den Här Hoffmann lech eng Fro stellt?

(Assentiment)

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Ech wollt lech just froen, ob Der lech mat eisem Här Ausseminister ofgeschwat hutt? Well deen huet gëschter eppes anescht zu där do Fro gesot.

(Interruption)

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Also, d'Positioun, déi mer hei festgesat hunn, déi ech elo gesot hunn, ass eng Positioun, wou mer soen, datt mer op där enger Säit eng Additionalitéit mussen hu vun deene Moosnamen, an op där anerer Säit evidenterweis déi Efforten - an dat ass och dat, wat den Här Ausseminister och gemengt huet -, déi Efforten, déi mer elo scho maachen, mat unerkannt kréien an deem Kontext, wéi ech en elo genannt hunn. Datt mer déi Moosname mussen mat unerkannt kréien, dat steet jo och bei eis an der Motioun, enger Motioun, déi vun alle Parteien heibannen ënnerschriwwen gëtt.

Deen nächste Punkt, deen ech wëll soen, dat ass deen, datt ech der Meenung sinn, an och dat war eng schwéier Diskussioun, datt d'Fligerei an d'Schëffahrt, déi net a Kyoto dra sinn, fir eis mussen och am Kader vun enger sektorieller Approche um internationalen Niveau unerkannt ginn. Well mer soss, wa mer dat net um internationalen Niveau unerkennen a wa mer just eenzeg an eleng fir Europa d'Fligerei an d'Schëffahrt mat eranhuelen, dann eng Distorsioun vu Konkurrenz hunn, déi mer absolut mussen vermeiden. Duerfir ass dat fir eis eng absolut Obligatioun, datt d'Schëfferei an d'Fligerei och mat doranner ageschriwwen ginn.

E puer aner Saachen, déi och wesentlech sinn, dat sinn déi, datt mer mussen kucken, wéi mer mat de sougenannten AAUen ëmginn. An do, mengen ech, hu mer e klengen Ënnerschied. Duerfir kann ech och déi Motioun vun de Gréngen net esou akzeptéieren an där Absolutheet, wéi se dosteet.

Mir sinn natierlech der Meenung, datt, wann déi attribuéiert Emissionsquote vu Kyoto, déi eng Rei Länner hunn, haapt-sächlech och déi nei Länner an Europa - Russland, Ukraine -, datt, wann déi an der Allgemengheet esou unerkannt ginn a kënne gebankt ginn, mer dann natierlech e Problem hunn, fir d'Integritéit vun eisen ekologeschen Ziler och oprecht ze halen. Dat schéngt eis evident ze sinn.

Mä ech muss op där anerer Säit soen, wann ee wëllt an där Diskussioun weiderkommen, an dat ass fir déi Länner och eng wesentlech Diskussioun, da kann een net eng Attitüd hunn, wou ee seet: „Doriwwer diskutéiere mer net.“ Dat geet einfach net. Et muss een eng Attitüd hunn, fir ze soen, mir wëllen am Kader vun där Diskussioun, wat eng wesentlech Diskussioun ass, d'Integritéit vun den Ëmweltziler net gefährden, a mir mussen kucken, wa mer iwwert de Verkaf oder de Banking vun AAUen schwätzen, datt déi Länner dann och d'accord sinn, fir Objektiv, méi ambitiéis Reduktiounsobjektiver ze akzeptéieren, fir datt d'Zilsetzungen, d'Ëmweltzilsetzungen och kënnen an hirer Integritéit bewahrt bleiven. Dat schéngt mer och e wesentleche Punkt ze sinn.

VLäicht nach kuerz e puer Äntwerten op Saachen, déi hei gesot gi sinn an der Diskussioun. Ech wëll och nach eng Kéier

kloer setzen, wat zu Lëtzebuerg dann déi Situatioun war, vun där mer ausgaange sinn. Et muss een einfach gesinn, datt mer 1990 en Ausstouss vun 13,2 Milliounen Tonnen haten, déi essentiellement op d'Sidérurgie, op de Secteur ETS, op d'Sidérurgie zrëckzeféiere waren, datt mer 2005 op e Quotum vun 13,4 Tonnen eropgestiege sinn, nodeem datt mer awer zum Schluss vun den 90er Jore relativ wäit bis op néng erofgaange waren an deelweis do schonn déi Ziler erreecht haten.

Mä d'Ziler waren awer net fir Enn 1990 festgesat. D'Ziler ware festgesaten Ziler fir déi Joren, déi elo kommen. Also sinn an deenen anere Joren Effortë gemaach ginn. Mir sinn awer elo an eng Situatioun erakomm gewiescht, wou d'Ekonomie sech extrem schnell développéiert huet, wou mer och déi ganz Froe vun der Consummation vu Bensin haten a wou sech eng Rei Evolutiounen zu Lëtzebuerg gestallt hunn, déi relativ particulier waren, déi also den Tonnage eropgesat hunn. A wann ee vun 2005 bis elo kuckt, da gesäit een, datt dat och erëm liicht erofgaangen ass, sou datt mer momentan dovunner kënnen ausgoen, datt mer par rapport zu 1990 net erop, mä eng Baisse vu 5,2 % bis 5,5% momentan wäerten erreecht hunn.

Ech wëll awer och eng Kéier kloer soen a kloerstelle fir all déi Leit, déi soen, mir wäeren an d'Luucht gaangen: Mir sinn net genuch erofgaangen, mä mir sinn awer an der Richtung erofgaangen.

Et ass och wichteg, fir eng Kéier ze gesinn hei zu Lëtzebuerg, wat fir eng Verhältnissen dat eent an dat anert huet. Well fir all déi Leit, déi da soen, datt déi Politiken, déi an de leschte Joren en place gesat gi sinn, guer keng Effikassitéit haten: Et muss een emol einfach gesinn, wéi an deene verschiddene Secteuren d'Evolutiounen sinn, well déi weisen engem jo, wou Problemer sinn a wou keng Problemer sinn.

An der industrieller Produktioun hu mer tëschent 1990 an 2008 eng Baisse vun 63% vun dem CO₂-Ausstouss. An an deene leschte Jore -4,3%. An dem nationalen Transport - och dat ass wichteg - hu mer eng Augmentatioun tëschent 1990 an 2008 vun 88%. Vun 88% tëschent 1990 an 2008.

Elo muss een och kucken, wéi eis Demographie an d'Luucht gaangen ass an den 90er Joren, wéi vill Mobilitéit mer bäikritt hunn, wéi vill Besoin mer bäikritt hunn. Wann een awer da kuckt, wéi et 2007 an 2008 gaangen ass, do hu mer eng Baisse vu 4,9% op dem nationalen Transport routier.

Duerfir hätt ech awer och gär, datt mer déi do zwou Zuelen, déi vun 1990 bis 2008, kucken, mä awer och kucken, wéi d'Evolutioun an deene leschte Jore war, wou mer et hei mat enger Baisse ze dinn haten. Bei den Transports routiers, exportation de carburants routiers hate mer déi enorm Hausse, déi eis natierlech hei eis Schwierigkeete bréngt, déi tëschent 1990 an 2008 170% an d'Luucht gaangen ass. An dat mécht jo eise ganze Bilan esou problematesch. Mä och do an deene leschte Joren, 2007, 2008, hu mer eng Baisse vu -1,6%.

Wann een da kuckt, wat d'Consummation vun de Ménagen, de Commercen an de Servicern ass, esou gesi mer, datt mer iwwert déi ganz Period eng Baisse vu -1,4% haten, a vun 2007 op 2008 eng Baisse vu -1,2%, sou datt ech soen, datt déi Politiken, déi an der leschter Regierung en place gesat gi sinn, wann een déi Zuele kuckt, wéi et 2007, 2008 evoluéiert huet, op alle Secteuren negativ Resultater opzeweisen hunn. Ech wollt et einfach eng Kéier fir d'Korrektheit vun der Diskussioun hei soen. Ech hoffen, datt déi Evolutiounen och esou weiderlafen.

Nach eng aner Diskussioun, déi hei ugeschwat ginn ass. Ech wollt net ze vill op déi national agoen, well mir hu jo nach Geleeënheet genuch, dorop anzugehen. Mä et sinn e puer Saache gesot ginn, wou ech einfach wëll mat den Zuele soen, wéi d'Situatioun ass, fir datt et jiddwerengem kloer ass.

Wa mer op déi Diskussioun aginn, well mir soe jo oft, datt mir e ganz grouss Problem hunn, well mer dee Verkaf vun dem internationalen Bensin, dat heescht den Tanktourismus, op eis zougeschriwwen kréien.

Dat gëtt jo oft gesot an dat ass jo och richtig esou. Da gëtt eis geäntwert: „Jo, mä op där anerer Säit kréie mer jo net ugerechent d'Elektresch, dat hei verbraucht gëtt, well dat gëtt jo am Ausland produzéiert. Gutt. An dat ass jo och richtig.“

Sou, wat heescht dat awer an Zuelen? Well dat ass jo dat, wat interessant ass, wat dat an Zuelen heescht.

(Interruption)

Wa mer et géifen nämlech ëmdréinen a wa mer géife soen, déi normal Logik wende mer hei un, an zwar d'Logik vun der Consommation nationale, dat heescht, wat hei verbraucht gëtt, Elektresch, wat haut verbraucht gëtt, Bensin, wou wäere mer dann drun? Dann hätte mer eng Emissionsbaisse, déi ëm déi 20% géif leien.

Einfach fir déi Zuelen eng Kéier mateneen ze vergläichen. Dat eent Rasonnement stëmmt, dat anert Rasonnement stëmmt och. Wann een zwee Rasonnementer zesummenhëlt, komme mer op -20% vun den Evolutiounen. Ech wollt just déi Zuel, ouni se elo ze vill ze verdéiwen, awer fir d'Nuance vun der Diskussioun eng Kéier hei opbréngen.

Da krut ech gesot, datt mer hei kee Plan d'action hätten. All Dag, dee verluer geet, ass e verluerenen Dag. All Dag, dee verluer geet, Här Berger, ass e verluerenen Dag. Domat sinn ech jo och d'accord. Elo wëll ech awer och hannendru soen, datt mer dat wëssen an datt mer jo net elo emol véier Méint näischt maachen, mä datt mer eng ganz Rei Moosnamen amgaange sinn ze kucken, eng ganz Rei Moosnamen amgaange sinn ze analyséieren, Preparatiounen ze maachen, an datt mer da prett sinn, hoffen ech, fir am Januar, wa mer alles dat zesummen hunn, fir dann eng grouss Diskussioun ze lancéieren.

Dir gitt jo net einfach an eng Diskussioun esou eran, onvireet. Mir sinn amgaang, eng ganz Rei Moosnamen ze maachen, deelweis déi, déi Der ugeschwat hutt, déi wesentlech sinn, déi wichteg sinn; eis Gedanken doriwwer ze maachen, wéi mer kënnen ufänken, a mir mengen, datt mer prett sinn am Januar, Februar, Mäerz, fir eng öffentlech Diskussioun ze lancéieren mat all deene Partner, déi da wëlle mat eis diskutéieren.

Mir sinn hei amgaangen, och elo ze kucken, wat fir eng Form déi Diskussioun soll hunn, mä datt muss jo alles organiséiert ginn. Et muss ee wëssen, wien, wou, wéini, wien dat soll leeden, wéi d'Konklusiounen erauskommen. Ech menge wierklech, datt mer aus esou enger Diskussioun, déi wesentlech a mengen Aen ass, dann och mussen eppes Grousses maachen, well et kann een esou Diskussiounen jo haapt-sächlech gutt benotzen, fir déi Cause, déi ee wëllt verständlech maachen, dann och dobaussen ze explizéieren, a fir Plattformen - d'Regierung, d'Chamber, all déi Leit, déi dorunner interesséiert sinn - ze fannen, fir déi noutwendeg Explikatiounen dobaussen ze ginn.

Well de grouss Problem duerno, dat gëtt jo deen, an dat wësse mer all, an all déi, déi Responsabilitäten an Ëmweltberäicher hunn, déi hunn dat jo an deene leschte Jore gespiert, de grouss Problem gëtt jo deen, wa mer déi Moosnamen eng Kéier definéiert hunn, fir se dann och ëmsetzen, an haapt-sächlech, fir se dobaussen akzeptéieren ze doen. Well et ass jo ganz schwéier. Oder et ass ganz einfach.

(Interruption)

Ech kréien hei am Fong de Soutien zu deem, wat ech elo gesot hunn, vun deem Richtegen, fir deen ze ginn. Et ass jo einfach, dat hei...

(Interruptions diverses)

► **Une voix**.- Wann een eng Autosteier huet, fir Wandmillen ze bezuelen, dat geet net riicht aus.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Et ass jo einfach, fir dat alles hei ze décidéieren. Duerno muss een et och ëmsetzen. An d'Ëmsetzung, déi muss explizéiert ginn.

Ech mengen, datt an deem Plan d'action national, dee mer mussen maachen, wa mer e grouss uleeën, wa mer esou vill Leit wéi méiglech un den Dësch bieten, fir



kënne matzediskutéieren, mer och deelweis e Konsens op deene Moosssname kréien, déi mer virstellen. Op jidde Fall erhoffen ech mer, datt mer d'Bewosstsinn vun der Problematik kënnen doduerch e gutt Stéck weiderdreiwien.

An dann, Här Berger, déi Dossieren, déi Der ugeschwat hutt, déi vun der Mobilitéit. Mä ech soen lech, mir si wierklech amgaang, dorunner mat Volldamp - wann ech mech därerf nach esou ausdrécken - ze schaffen. All déi Froe vun dem Zuch, vun dem Tram, vun dem mobil 2020, vun alles deem, wat do ëmgusat gëtt, mä et ass jo net, datt mer opgehalen hunn do. Au contraire!

All déi Froe vun Albusanéeierung, déi Der ugeschwat hutt, och do ass de Logementsministère amgaang, sech Froen ze stellen, wéi en d'Réarticulation vun de Primé soll maachen, wéi een d'Facilitation vun deene Primé soll maachen, och wéi déi Froe vun der Energie an den Haiser soll anescht reglementéiert ginn. Den Här Schank, wann e wëllt, kann do sécherlech nach e puer Wuert vill besser wéi ech dor-iwwer soen. Mä alles dat si Reflexiounen, déi lafen.

An dann, ech soen lech nach eng Kéier, mir hunn dat schonn e puermol gesot: Ech fannen déi Kontradiktion, déi Der ëmmer siche gitt tëschent Schinn a Strooss, einfach eng Kontradiktion, déi net zäitgeméiss ass, well se einfach net stëmmt. Mir mussen hei eng Mobilitéit garantéieren. Mir mussen hei eng Mobilitéit an deem Land assuréieren. Dommerweis fueren och an engem Modell vu 75/25, wou mer erreecht hätten, nach 75% vun de Leit iwwert d'Strooss, an 80% vum öffentlichen Transport geet och nach iwwert d'Strooss. Duerfir kann een net einfach soen: „Dir maacht dat eent ze vill, an dofir dat anert net.“

Mir probéieren, e Konzept ze entwéckelen, wat global ass, wou den öffentlichen Transport Prioritéit huet, mä wou d'Stroossen noutgedrungenereis och nach gebraucht ginn. A wa mer Diskussiounen iwwer zum Beispill den Tram an der Stad maache respektiv den öffentlichen Transport an der Stad, ma da muss een natierlech och iwwerleeën, well mer da manner Plaz fir den Individualverkéier wäerten an der Stad hunn, wou mer en Deel vum Verkéier aus der Stad eraushalen, wéi mer deen da ronderëm d'Stad féieren. Alles dat sinn awer Froen, déi einfach vun der Realitéit, der Basisrealitéit sinn an déi een och muss beäntwerten, wann ee wëllt einfach deene Konzepter vum öffentlichen Transport déi Realitéit ginn, datt en eng Chance huet, fir uerdentlech ze funktionéieren.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Här Berger, de Minister huet d'Wuert. Wann Der gär eng Fro stellt, da stellt eng Fro, mä gräift net einfach esou an d'Diskussioun an. Wëllt Der eng Fro stellen, Här Berger?

► **M. Eugène Berger (DP).**- Neen, ech wollt elo net direkt eng Fro stellen, ech wollt awer nach eng Kéier...

► **M. le Président.**- Jo, neen, Här Berger, entweder Dir stellt eng Fro oder Dir loosst den Här Minister ausschwätzen, mä derzwëscht gëtt et näischt.

(Interruption)

Da stellt Är Fro, wann ech gelift.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Mengt de Minister dann net, e seet, et bräicht een esou Saachen, wann een dann nieft de Schinne Projeten huet wéi den Ausbau vun der Autobunn op dräi Spuren, datt dat awer net dat falscht Signal ass, datt een do d'Leit encouragéiert, nach méi den Auto ze huelen, amplaz datt een aner Mesuren hält, wou ee se éischer decouragéiere géif, fir den Auto ze huelen?

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Fuert Dir elo virun, Här Minister. Dir hutt elo ganz eleng...

(Interruption)

Neen, neen. Also ech hätt elo wierklech gär, datt mer hei dem Minister nolauscheren. Jiddwereen, dee wëllt, ka sech jo herno nach eng Kéier androen. Mä elo schwätzt ganz eleng de Minister.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**-

Also, den Här Berger huet awer eng Fro gestallt. Obwuel ech em drop geäntwert hätt, och wann et keng Fro gewiescht wär, Här Berger.

(Hilarité)

Also ech mengen, datt och deelweis en Ausbau vun Autobunnen, do wou mer momentan 60, 70, 80.000 Véhiculë par jour hunn, wou mer eng Rei Sécherheetsproblemer hunn, wou mer zwee Verkéieren hunn, déi nieftenee lafen, de Penetrationsverkéier vun der Stad an en Duerchgangsverkéier, wat tëschent Frankräich an der Belsch leeft, wou all Dag Accidenter geschéie mat Stauen, wou mer wëssen, datt, wa mer eng Verbreederung maachen, mer do einfach vun den Accidenter der wesentlech manner hunn an dee Moment vill méi Fluiditéit op der Autobunn, schonn eppes ass, wat ee sech kann iwwerleeën, ouni domat an der Mobilitéit, déi mer wëllen deem Land ginn, eppes ze maachen, wat negativ ass.

Ech menge schonn, datt dat ka Sënn hunn. Evidenterweis muss ee kucken, wéi een an deem Finanzkader, deen een an deenen nächste Joren huet, sech seng Prioritéite gëtt. Domat sinn ech jo och d'accord.

(M. Michel Wolter prend la présidence.)

An dann, muss ech soen, ass alles dat, wat Der gesot hutt: „Mir sinn hei mat de CD-Men an Ähnlech an enger Nébuleuse, an dat ass alles net transparent.“ Ech muss soen, dat, wat de Fernand Boden scho virdru gesot huet: Mir wëllen evidenterweis déi national Mesurë prioritär hei maachen. Mir wëllen déi prioritär maachen.

Mä et muss een awer och gesinn, wa mer 100 Milliounen Euro, déi mer zur Disponibilitéit hunn, géifen elo alleguer - a mir maache scho ganz vill an der Albusanéeierung, mir kënnen eng Kéier dor-iwwer wierklech schwätzen, well déi Milliounen, déi all Joer an d'Albusanéeierung fléissen, notament fir den Neibau vun de staatleche Gebaier, wou mer gutt weiderkomm sinn am Konjunkturpak, dat léisst sech duerchaus weisen -, mä géife mer all déi Milliounen an d'Albusanéeierung maachen, da muss een och kucken, wat dat als CO₂-Resultat immédiate hätt. Well mir hu jo awer eng Obligation, fir eis CO₂en erofzesetzen. An ech soen: Déi do Suen alleguer just op deem Typ vu Projet benotzen, huet als eenzegt an elengt Resultat vum Abaissement vun CO₂ sécherlech net dat, wat mer mussen erreechen.

An elo soen ech hannendrun: An där Diskussioun, an déi mer kommen, ass dat do e wesentleche Facteur. Déi „cost efficiency“, déi mer hunn, ass e wesentleche Facteur; e wesentleche Facteur bei internationale Moosssnamen, e wesentleche Facteur bei nationale Moosssnamen. A fir datt mer déi do Diskussioun och kënne féieren op eng korrekt Aart a Weis, op eng uerdentlech Aart a Weis, hätt ech och wierklech gär, datt mer eis géifen en Instrument ginn, wou mer kucken, wat dann déi Suen, déi mer an CO₂-Moosssnamen, Spuermoosssnamen investéieren, wat déi dann och als Effikasitéit duerno hunn. Ech wëll wëssen, wat et eis kascht, kuerzfristeg a laangfristeg. Ech wëll einfach wëssen, wat et eis kascht. Ech wëll wëssen, wat fir eng Mesuren effizient sinn, wat fir eng manner effizient sinn, wat fir eng laangfristeg effizient sinn. Dat därerf ee jo awer wëssen.

Ech gesinn, si kucke mech kritesch hei un. Ech fannen datt wesentlech, datt mer wëssen, wat fir eng... Dobäi soen ech jo net hannendrun, datt mer nëmmen dann déi bëlleget Mesurë musse maachen. Dat ass jo net domadder ausgedréckt.

(Interruption)

Gelif?

► **Une voix.**- Soss maache mer nëmmen CDMen.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Soss maache mer nëmmen CDMen. Ech soe jo net, datt mer net déi bëlleget Mesuren, just déi musse maachen.

(Interruptions)

Mir mussen och déi maachen, déi mer brauchen, déi mer wëllen, well mer wëllen op e gewëssene Créneau goen. Alles dat schéngt mer jo och sënnavoll a logesch. Mä

ech wëll et just wëssen. Ech wëll wëssen, fir eben esou Diskussiounen ze vermeiden, fir ze soen: „Maacht just Albusanéeierung.“ Ech wëll wëssen duerno, wou mer dostinn, an dat ass och en Deel vun der Iwwersichtlechkeet, déi ee muss an der Politik kréien, well hei geet et jo awer schlussendlech ëm relativ vill Suen, déi mer wäerten an der Zukunft fir déi do Projete brauchen an, Gott sei Dank, och zur Verfügung gestallt kréien.

Sou, elo nach zum Schluss e puer Wuert iwwert d'Motiounen. Ech mengen, iwwert déi Motioun vun der grénger Fraktioun brauch ech net laang ze schwätzen, well déi Diskussioun hate mer an der Kommissioun selwer, an déi Moosssnamen, déi mer bäigesat hunn, déi Dir bäigesat hutt an d'Motioun, do hunn ech schonn eng ganz Rei Saachen ugeschwat, an dat ass de Grond firwat ech recommandéieren, datt mer d'Motioun 4 also net kënne stëmmen.

Bei der Motioun 2, mengen ech, seet den Här Schank nach zwee Wuert driwwer, well déi éischer Logementsfroe betrëfft.

Bei der Motioun 3 géif ech dem Här Berger proposéieren, datt mer e puer Saachen änneren. Wann e mat den Ännerungen d'accord wär, da géif ech suggéieren, datt een déi kéint och stëmmen.

An zwar géif ech do proposéieren, datt mer bei de Considéranten deen drëtteschten Tiert an deen zweetleschten Tiert ewechhuelen: «regrettant qu'il n'existe à l'heure actuelle aucun bilan précis». Mir hunn iwwert all déi Moosssnamen, déi mer gemaach hunn, selbstverständlech Bilanen. Si sinn och a Questions parlementaires vu mengem Virgänger scho beäntwert ginn. A wa se sollen an enger Kommissioun zur Verfügung gestallt ginn an nach eng Kéier diskutéiert gi respektiv nach eng Kéier opbereet ginn op den aktuelle Stand, da maache mer dat selbstverständlech.

Deen zweetleschte Punkt: «insistant sur la nécessité d'avoir une totale transparence dans ce domaine». Wann ech elo soen, Dir sollt deen ewechhuelen, da gesäit dat natierlech schrecklech aus, wann ech dat soen, well hei wëllt Der jo just Transparenz froen.

Ech soen lech awer, firwat ech mengen, mer mussen et ewechhuelen: Mir hunn an enger ganzer Rei vun deene Kontrakter do Prix négociés. Fir déi Prix négociés steet eng Clause de confidentialité dran an duerch déi Clause de confidentialité kann een net déi Präisser publizéieren, well mer eis engagéiert hunn, se net ze publizéieren, an da kann een och net esou déi Transparenz dann hei garantéieren, wéi een dat normalerweis gewinnt ass. Dat ass kontraktuell bedéngt. Mä ech wëll och, datt et esou verstane gëtt, an net elo gesot gëtt: „Si wëlle keng Transparenz hunn, elo huele se dat ewech.“ Esou ass et net geduecht.

Da bei den Inviten, do wëll ech just eng Remarque maache bei dem zweeten Tiert: «vérifier que les projets auxquels il a participé respectent les critères écologiques, sociaux et économiques de durabilité». Ech wëll just soen, déi Projeten, déi mer elo maachen, déi si vum CDM-Executive Board ugehall ginn an déi respektéieren déi Kritäre vun Additionalitéit, déi respektéieren déi Kritären, déi am Kader vun der Conférence des partis geholl ginn an déi vun den UNFCCC definéiert gi sinn. An et ass par ailleurs schwéier, fir déi par rapport zu engem Land, wa mir se missten als Land elo all eenzel da vérifiéieren. Dofir musse mer zu engem Deel Vertrauen hunn op eng Vérification, déi dann en anere mécht. Wann et esou ze verstoen ass, mengen ech, kann een dat akzeptéieren.

Par contre, dee leschten Tiert: «se désengager des projets n'apportant aucune plus-value en termes de durabilité». Also ech mengen net, datt mir iergendwellech Projete gemaach hunn, déi «aucune plus-value en termes de durabilité» hätten. Et kann een natierlech diskutéieren, wéi vill se der hunn, dat ass schonn eng Diskussioun, déi ee ka féieren. Mä esou ass d'Formulation, mengen ech, net akzeptabel. An ech mengen och net, datt ee ka soen, mer missten eis direkt désengagéiere vu Projeten, well et si jo awer Kontrakten, déi lafen. Wann hei elo gemengt gëtt, déi wären net durabel genuch, kann ech mech

awer net, well Kontrakter geholl ginn, dés-engagéieren.

Ech géif lech eng Formule proposéieren, déi géif heeschen: «à veiller à ce que les projets qu'on accepte ou acceptait acceptent une grande plus-value en termes de durabilité»...

► **Une voix.**- Apportent.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Jo, „apportent“. Ech konnt et net méi liesen. Also: «à veiller à ce que les projets apportent une grande plus-value en termes de durabilité». Dat heescht, mir soen eppes fir d'Zukunft, an et ass mer evident. Ech soen zwar och hannendrun: Wann de Projet keng Plus-value „en termes de durabilité“ huet, géife mer en och net maachen. Mä mir kënnen et awer och schreiwen. Dat ass awer kee Problem.

Wann Der domat kéint d'accord sinn, ech mengen, da géif ech suggéieren, datt mer déi Motioun mat deenen do Modifikationen kéinte stëmmen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat war dat, wat ech wollt soen.

► **M. le Président.**- Ech géif dem Här Schank fir d'éischt d'Wuert ginn, a mir kommen zrëck bei déi eenzel Motiounen, Här Berger, wann Der domadder d'accord wiert. Pardon, ech hu vergiess de Knäppchen ze drécken. Voilà, Här Minister Schank, Dir hutt d'Wuert. Dir wollt Stellung huelen zur Motioun N°2.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Ganz genau. Ech wollt am Numm vun der Regierung soen, datt inhaltlech déi Motioun N°2 dem Claude Wiseler a mir eigentlech ganz léif ass, well dräi wesentlech Aspekter dra virkommen, déi och elo diskutéiert goufen. Dat engt ass d'Albusanéeierung, e ganz wesentlechen. Dat anert ass dee vun der Berodung, an deen drëtten ass dee vun de Finanzéierungskonzepter.

Ech muss awer soen, datt genau déi Aspekter do prezis am Accord gouvernemental stinn an och eis eigentlech ganz wichteg sinn. Mir sinn och amgaang iwwert déi Saachen ze diskutéieren an ze kucken, wat mer kënnen en place setzen, wa mer d'nächst Joer déi Diskussioun féiere mat all deenen Acteuren, déi néideg sinn.

Wat mer awer net wollten hunn, dat ass, an dofir wollte mer proposéieren, fir se ofzelehen; mir wollten eis elo net festleeën, mat wéi engen Acteuren datt mer dat maachen a mat wéi enge Konzepter datt mer dat maachen. An och, wann ech dee leschten Tiert kucken: «créer un service de consultation» an esou weider. Dee Service gëtt et jo schonn. Mir wëllen awer dee Service méi performant maachen, optimiséieren. Vun dohier, mengen ech, ass dat och net korrekt, esou wéi et elo dosteet.

Mä am Résumé, de Fong vun der Motioun steet am Regierungsprogramm a fir déi verschidde Punkten Albusanéeierung, Berodung, déi wesentlech sinn, soe mer och, wéi ee Programm mer eis wëlle ginn an der Promotioun vun den Économies d'énergie, vun den erneierbaren Energien an och déi Régimes d'aide, déi mer wëllen nei agencéiere respektiv weiderféiere mat de Projets pilotes Plus-Energiehaiser, nohaltig Bauen an esou weider. Alles dat wëlle mer maachen.

Ech wëll och betounen, datt mer net eréischt ugefaang hu virun enger Woch oder esou, mä datt mer direkt no der Vereedegung eigentlech gekuckt hunn, fir ze kucken, wou mer wëllen higoen. An da wëlle mer d'nächst Joer breet mat der Zivilgesellschaft, mat den Acteuren och um Niveau vun deem neie Plan d'action a puncto Klimaschutz schaffen.

► **M. le Président.**- Ech soen och dem Här Minister Schank Merci fir seng Wuertmeldung. Domat wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir géifen dann zur Diskussioun an zur Ofstëmmung vun deenen eenzelne Motiounen kommen.



Mir hu véier Motiounen hei virleien. Ech géif se der Rei no huelen, wéi se hei déposéiert si ginn.

Motion 1

Mir hunn eng Motioun N°1, déi déposéiert ginn ass vum honorabelen Deputéierte Fernand Boden, déi fënnef Ënnerschrëften huet. Gëtt et zur Motioun N°1 eng Wuertmeldung?

(Interruption)

Jo, den Här Colombera.

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Ech wollt nach eng Kéier do nofroen. Do steet an der Motioun: «à plaider pour la complémentarité de ces moyens financiers». Ass dat, wat Dir, Här Minister, virdru gesot hutt,... déi Mesures additionnelles? Versteet een dat als Mesures additionnelles, oder versteet een do Moyens financiers, wéi d'Wuert et seet, wéi et am Term drasteet? Wëllt Dir gär méi Suen engagieren oder ass et dat, wat Der virdru gesot hutt?

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Sot mer nach eng Kéier.

► **M. Jean Colombera** (ADR).- «À plaider pour la complémentarité de ces moyens financiers pour ainsi garantir le maintien intégral du volume actuel des aides internationales au développement.» Ass dat elo datselwecht, déi Moyens financiers, wéi dat, wat Der hei op der Tribün gesot hutt, déi Mesures additonnelles?

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Also mir wëllen, wat de Klimaschutz ugeet, Mesures additionnelles maache par rapport zu deene Suen, déi momentan engagéiert sinn an der Aide au développement.

War dat d'Äntwert op Är Fro?

(Interruption)

Ech verstinn d'Fro net richtig.

(Interruption)

Okay.

► **M. le Président**.- Okay. Ass soss nach eng Wuertmeldung zu där Motioun? Den Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Ech wäert mech enthalen. Ech hätt och kënnen d'Enthalung elo begrënnen; dat ass jo egal. Ech wëll drop hiweisen, wou ech Problemer mat der Motioun hunn. Bei dem Dispositif, een, zwee, dräi, véier, fënneften Abschnitt, déi 30%: «pour autant que d'autres pays développés s'engagent», hat ech virdru gesot: „Ech sinn der Meenung, dass een déi 30% och onofhängeg vun engem Accord sech soll als Zil setzen.“

Deen Abschnitt duerno: «priorité aux actions au niveau national» an «mécanismes flexibles (...) comme élément complémentaire». Dat ass mer relativ vag, wat do Priorité heescht a complémentaire.

Op der zweeter Säit den drëtten Abschnitt, leschten Niewesaz: «qui, tout en donnant la priorité aux mesures nationales, tient compte de nos circonstances nationales spécifiques». Dat ass esou e Gummi, eng Gummibestëmmung, déi eigentlech d'Dier fir alles opléisst.

An et sinn zwee Aspekter, déi mir wierklech wichteg schéngen an déi an der Motioun guer net ugeschnidde sinn. Dat ass awer déi Fro vun der Klimagerechtheet, also an engem soziale Sënn, an d'Fro vun dem Wuesstumsmodell a vum Produktionsmodell.

An no deenen Erklärunge vum Här Asselborn gëschd a vum Här Wiseler haut weess ech nach ëmmer net genau, wéi dat dann elo geet.

(Interruption)

Ech mengen, si wëssen et och selwer nach net genau, wéi dat dann elo geet mat deene Fongen aus der Entwécklungshëllef respektiv deene fir d'Klimahëllef.

(Interruption)

Also wann dat, wat den Här Wiseler esou gesot huet, däitlech stëmmt - dat huet elo

näischt mat mengem Vote ze dinn -, dann ass et natierlech dat, wat ech och mengen. Dat heescht, Entwécklungshëllef 0,9, ëmmer no de Kritäre vun der Nohaltegkeet, plus, selbstverständlech net do mat eragerechent, alles, wat mer am Kader vun der Klimahëllef hunn. Mä dat war net dat, wat Der gëschter gesot hutt.

(Interruption)

► **M. le Président**.- Merci, Här Hoffmann. Den Här Gira huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Merci, Här President. Ech hat während menger Ried schonn e puer Ursaache gesot, firwat mir eis bei dëser Motioun, déi zu engem gudden Deel, besonnesch wat déi international Démarche ubelaangt, eis Vuen deckt, awer wäerten enthalen an eng eege Motioun eragereecht hunn, déi sech och zu engem gudden Deel op déi Motioun baséiert, awer a Punkte méi wäit geet. Ech wollt dozou nach zwee Wuert awer soen an och kuerz an engems op déi eng oder aner Ausso vum Minister zrëckkommen.

Mir hunn e Problem zum Beispill mat der Analys am Considérant Nummer 4. Mir sinn eben net der Meenung, dass déi Politiken, déi an deene leschten zwielef Joer gemaach si ginn, ambitiéis waren an dass mer esou besonnesch Situatiounen haten.

Ech wëll dat opgräifen, wat de Minister gesot huet. Et ass zwar elo, wa mer 2006, 2007 rechnen, den Tanktourismus eraus, de Stroum derbäi, dass mer minus 20 sinn. Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, dass 1997, wéi mer dee Kyoto-Protokoll ënnerschriwwen hunn, deen Territorialprinzip eis eigentlech konnt egal sinn. Do war dee Montant, deen duerch den deemolegen Tanktourismus entstanen ass, identesch mat deem, deen deemools mam Stroumimport konnt verrechent ginn. Dat war jo awer jiddwerengem bekannt, a wat mir einfach soen, dass een dann net einfach hätt dierfen den Tanktourismus fortlafe loosse. Et hätt ee misse wëssen, dass all Liter Diesel oder Bensin, deen zu Lëtzebuerg an Zukunft géif méi getankt ginn, op dës Rechnung géif maachen.

An da wëll ech awer soen, dass een och fir de Rescht... Mir erkennen un, dass vläicht dat eenzegst Spezifesch, wat Lëtzebuerg an där Zäit hat, dat ass déi demographesch Entwécklung. Mä och wann ee seet, dass mer vläicht ëm 20% Populatioun bäikritt hunn, dann ass dat nach keng Erklärung, dass mer 88% méi Emissiounen am nationale Verkéier hunn.

Dat ass ganz einfach, well mer eng falsch Mobilitéitspolitik déi ganz Jore gemaach hunn, well mer eréischt ganz zum Schluss eng Autosteierreform ugaang sinn, déi mir och ëmmer matgedroen hunn, wou awer och ëmmer gesot ginn ass: „Dat ass deen éischte Punkt.“

Wat mer all deene Regierungen virwerfen, ass, dass se haaptsächlech keng Strategie hunn. Mir hunn déi Autosteierreform ëmmer matgedroen als Gréng, zu enger Konditioun: Dass mer, wa mer déi privat Leit besteiert hätten, duerno d'Betriebsautoe géifen ugräifen. A wat ass geschitt? Déi al Regierung huet hiert Wuert net gehal, an ech hu bis elo och näischt am Koalitionssofkommes vun där neier gelies, dass mer elo och déi dote Reform ugin.

Ech si souguer iwwerzeegt, dass dat vill méi géif bréngen... Wann ee gesot kritt aus informéierte Kreesser, dass mer 20 bis 30.000 Betriebsautoen doruechter lafen hunn, wou Salarié vum hirem Patron gratis den Auto, de Bensin an alles zur Verfügung gestallt kréien, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da musst Der wierklech immens Idealist sinn, wann Der dat gratis zur Verfügung kritt, quitte dass Der e klengen Deel muss versteieren, wann Der dann nach géift den Zuch huelen, fir vun Esch, vun Diddeleng oder vun hanner Metz an d'Stad ze fueren.

Mir sinn der Meenung, dass do e riesege Potenzial ass. Dat ass zum Beispill eng Mesure, déi kascht guer näischt. Déi géif dem Stat nach e ganze Koup Suen erabréngen. Mir fannen et och sozial ongerecht a mer wonneren eis, dass eng LSAP, déi en éischten Deel vun där Autosteier konnt matdroen, nach net bereet ass, endlech deen zweeten Deel unzegoen, nämlech do unzegräifen, wou Leit, déi

meeschtens scho keng schlecht Pai hunn, wou déi och nach en Auto, ech soen emol hallef gratis zur Verfügung gestallt kréien.

(Interruption)

Dann hu mer just nach zwou Saachen.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Här Gira, därerf ech lech just berouegen, dass d'Revisioun vun de Konditiounen vun der Ofsetzbarkeet bei de Betribsweeën eng Dispositioun ass, déi am Koalitionsprogramm drasteet.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Da waarde mer mat Spannung, wéini dass dat dann endlech ugaange gëtt a wat dann d'Resultat ass.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Et steet awer dran.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Da wollt ech nach just kuerz soen, dass mer nach zwou Saache bäigefügt och hunn. Dat eent ass eng Propos, déi hei am Hearing opkomm ass, déi mir awer och deelen. An dat ass d'Geschicht vun engem Institut luxembourgeois du climat.

Et konnt een déi zwielef Joer, wou mer hei diskutéiert hunn, ëmmer erëm feststellen, dass mer eng miserabel Datenlag hunn an dass mer deelweis Jore gebraucht hunn, ier mer eis iwwerhaupt eens waren, wien dann elo wéi vill Tonnen CO₂ an deem Land géif emittéieren. Ech hunn och dat Gefill, dass mer haut nach ëmmer deelweis schwammen, och wa mer lues a lues méi eens sinn. Ech mengen, mir bräichte wierklech een onofhängegt Institut, wat éischstens géif hëllef, och Strategien auszeschaffen, och baséiert op wëssenschaftleche Kritären, wat awer virun allem och eng neutral Evaluatioun géif maachen. Ech mengen, dat géif där ganzer politescher Diskussioun och zeguttkommen, dass mer net ëmmer erëm streiden iwwer Chifferen.

Mir hunn dee Paragraph iwwert d'Gemengen eragesat. Mir begrëissen, dass am Koalitionssofkommes virgesinn ass, e Pakt mat de Gemengen ze maachen. Mir mengen awer och, dass endlech muss d'Regierung dem Innenminister soen, dass Klimaschutz ouni d'Gemengen net méiglech ass, an dass ouni Kompetenze vun de Gemengen am Energieberäich d'Gemenge keen aktive Klimaschutz kënne maachen. Dat ass e wesentleche Punkt fir eis. Dat erkläert e bëssen, dass mer niewent der Majoritéitsmotioun, wou mer eis wäerten enthalen, eng eege presentéieren.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Gira. Den Här Schiltz huet d'Wuert nach gefrot.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, ech wollt zu där Fro „Entwécklung a Klima“ nach eng Kéier Stellung huelen, well einfach hei Saache behaupt ginn, déi op kenger textlecher Grondlag baséieren. Et muss een einfach déi international Dokumenter kucken, och wat d'Applikatiounsregele vu Kyoto ubelaangt, wou kloer an däitlech drasteet, dass déi Finanzementer, déi am Kader Kyoto bereetgestallt ginn, net zu engem Détournement vun Entwécklungsgelder dierfe féieren. Dat huet Lëtzebuerg ënnerschriwwen, dat hunn déi aner Länner ënnerschriwwen, dat ass geltend internationaalt Recht.

Elo kënne mer iwwer Kommaen an de Motiounen hei diskutéieren an den Text no riets an no lénks kéieren, dat ännert näischt un deenen internationalen Engagementer, déi de part et d'autre geholl gi sinn. Ech soen awer derbäi, dass ech lech elo scho virussoen, dass aner Länner wäerten déi international Engagementer a Fro stellen.

Am lwwrege wonneren ech mech, dass mer just hei fir de Maintien intégral vum Volume international des aides au développement plädéieren. Et kënnt jo emol heeschen, dass mer net méi wëllen, dass déi aner op 0,7 ginn. Mä ech mengen net, dass dat d'Intentioun ass. Duerfir brauche mer den Text och net ze änneren.

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Schiltz Merci. Den Här Berger huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech hat schonn an der Kommissioun ugekënnegt, dass mir géifen déi Motioun hei och ënnerstëtze respektiv matstëmmen, well eng Rei Saachen dra sinn, deene mer kënnen zustëmmen. Ech hat awer och virdru gesot a menger Ried, dass et eng minimalistesch Motioun ass,

datt ee kënnt méi wäit goen. Ënner anerem ass déi Motioun vun deene Gréngen eis ganz sympathesch, wou och zum Beispill d'Iddi vum Institut du climat dra virkënnt. Nëmme fir ze soen, dass mer déi hei wäerte stëmmen, awer och herno da wäerten déi vun deene Gréngen, déi méi wäit geet, matdroen.

► **M. le Président**.- Zum Ofschloss vun der Diskussioun zu der Motioun géif ech dann der Regierung nach eng Kéier d'Wuert ginn.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Just fir Stellung ze huelen zu zwee, dräi Punkten. Den éischte Punkt iwwert d'Entwécklungshëllef, mengen ech, huet den Här Schiltz elo perfekt erkläert, besser wéi ech dat hätt kënnen. Mä et ass ganz kloer, dass dat d'Descriptioun vun der Situatioun ass.

Ech wëll just hannendrufigen - wann Dir sot: „Alles dat ass jo mat de Kritären net kloer an net transparent“ - ech mengen, mir ginn hei e Prinzip un, eng Philosophie, wéi mer wëllen an d'Verhandlungen eragoen, an d'Verhandlungen zu Kopenhagen, wéi mer déi Equilibere wëlle maachen. Wat dann duerno definitiv prezis an däitlech bei de Verhandlungen erauskënnt, dass décidéiere mir jo elo net heibannen. Duerfir, mengen ech, muss mer de grouse Prinzip elo festleeën - deen hu mer an der Motioun festgeluecht - a mat deem Prinzip an deem Négociatiounskader muss d'Regierung kënnen déi Diskussiounen zu Kopenhagen féieren. An et ass dat, wat mer wëllen hei errechen.

Zweete Punkt, deen ech wëll soen - Dir sot: „Et muss ee minus 30 direkt elo ginn“ - mä do och nach eng Kéier, mir schwätzen hei ëmmer wéi wa mer just zu Lëtzebuerg déi Diskussioun hei géife féieren. Mir sinn hei an Négociatiounen. D'Regierung an déi aner europäesch Regierungen müssen op Kopenhagen goen a müssen en Négociatiounskader hunn. Mir soen: „Minus 20 gi mer“, mä mir müssen awer och kënnen eng Négociatioun féieren, a mir müssen och kënnen déi aner Länner bewegen, dass se och matmaachen.

An déi Zilsetzung, an ech wëll dat kloer an däitlech soen, vun eisen Diskussiounen a vun eisen Négociatiounen zu Kopenhagen als Lëtzebuerg an als Europäer, dat ass op minus 30 ze kommen. Mir géife gär dohinner kommen. Mir wëllen dat maachen. Mä mir hätten awer och gär, dass déi aner op deem Wee do matginn. An ech mengen, dass brauche mer awer als Négociatiounsbasis an als Kontext, an eppes wat mer op den Dësch leeën, wa mer dee Répondant kréien, an esou ass et och ze verstoen.

Dann déi Geschicht vun deene spezifesch Saachen, déi Spécificités nationales, déi mer hunn. Ech gesinn der awer e puer méi wéi déi, déi den Här Gira elo virdru gesot huet. Wann een einfach kuckt, d'Gréisst vun eise Land an d'Influenz, déi d'Implantatioun vun enger Fabrik hei zu Lëtzebuerg huet, déi engem dee ganze Prozentsaz, deen een do ausrechent, duerch d'Ophalen oder duerch d'Neioprichte kann duerjernegeheien, esou ass et awer a kengem anere Land, esou ass et bei eis.

Mir hunn awer an den 90er Jore Circonstances particulières gehat, dass mer méi wéi all anert Land mat eiser Demographie an d'Luucht gaange sinn, dass d'Zuel vun de Frontaliere massiv an d'Luucht gaangen ass an domat d'Mobilitéit, déi mer brauchen, fir d'Frontalieren op déi Aarbechtsplazen ze kréien, wou mer frou sinn, dass se hei sinn. Alles dat ass awer particulier fir Lëtzebuerg.

Schlussendlech och deen Transit, dee mer awer duerch d'Gréisst vun eise Land an haaptsächlech duerch d'geographesch Situatioun vun eise Land kennen, dat sinn awer Circonstances particulières, deenen einfach Rechnung ze droen ass, a wou déi Situatioun an déi Prozentsätz méi schnell anescht kënne ginn oder méi schwéier prévisibel sinn, a mer duerfir eng gewësse Flexibilitéit ganz einfach an deem System brauchen, méi wéi vläicht en aneren.

► **M. le Président**.- Vläch, mengen ech, sollte mer d'Diskussioun elo ofschléissen. Et hat jiddwereen d'Geleeënheet, fir alles ze soen, wat en derzou ze soen hat.



Ech géif wëllen zum Vote vun der Motioun N°1 iwwergoen. Ass de Vote électronique gefrot oder kënnen mer dat duerch Hand-ofstëmmung maachen? Maache mer dat duerch Handofstëmmung?

(Assentiment)

Ech stellen da fest, wéi d'Fraktiounen do-stinn.

Vote sur la motion 1

Wien ass mat der Motioun 1 d'accord?

Wien ass do dergéint?

A wien enthält sech?

Dat sinn zwou, véier, sechs Enthaltungen. Sechs Enthaltungen a véier. Bei zéng Enthaltungen ass déi Motioun dann ugeholl.

(Interruption)

Jo, dat war fënnef a véier an eng, dat ass zéng.

Den Här Hoffmann wëllt seng Abstentioun nach eng kéier motivéieren, obschonn Dir et schonn, Här Hoffmann, an Ärer éischter Interventioun...

(Interruptions)

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Ech weess selbstverständlech den Ennerscheed.

► **M. le Président**.- D'Reglement gesäit vir, datt den Här Hoffmann därerf seng Abstentioun motivéieren.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Ech géif dat och mengen. Ech weess och den Ennerscheed tëschtent Obligation vu Mëttelen an Obligation vu Resultat bei internationale Verhandlungen. Dat kennen ech. An dorunner géif sech och näischt änneren, wann ee bei deem zweetleschten Abschnitt vum Dispositif e Punkt géif setzen hannert 1990. Dat heescht also, déi Bedéngung, datt déi aner matmaachen, géif ewechloossen. Da wier et nach ëmmer nëmme: „Invite le Gouvernement à œuvrer“ an déi dote Richtung, a selbstverständlech net eng Verpflichtung, zu deem Resultat ze kommen. Also insoufern war dem Här Minister seng Äntwert am Fong geholl net eng op meng Proposition zu deem doten Abschnitt.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat war awer elo keng Motivatioun zu Ärer Abstentioun, dat do.

(Interruption)

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Wat dann? Wat war dat do dann?

(Interruption)

Motion 2

► **M. le Président**.- Fir datt mer an der Rumm bleiwe vun der Diskussioun hei, géife mer zur Motioun N°2 iwwergoen. D'Motioun N°2 ass déposéiert gi vum Här Eugène Berger. Här Berger, wëllt Dir d'Wuert nach eng kéier?

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Wann ech deenen Explikatioun vum Minister Schank konnt suivéieren, wier him am Fong geholl déi Motioun hei ganz sympathesch, well eng Rei Saachen dra sinn, déi d'Regierung och wëllt ëmsetzen. Duerfir géif ech et jo awer dann ëmsou méi interessant fannen, wann d'Chamber hei kënnt massiv der Regierung de Réck stäipe mat dëser Motioun, fir datt se dann och duerch de Bësch géife kommen. Duerfir verstinn ech net, firwat d'Majoritéit déi Motioun net wëllt stëmmen, an invitéiere se nach eng kéier, se ze stëmmen.

► **M. le Président**.- Bon, mir géifen zum Vote kommen. Ech ginn dovun aus, datt hei de Vote électronique gefrot ass.

(Assentiment)

Vote sur la motion 2

De Vote fänkt un. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

D'Resultat ass: Mat Jo hunn 20 Deputéiert gestëmmt a mat Nee 37.

Résultat définitif après redressement: la motion 2 est rejetée par 20 voix pour et 38 voix contre.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M.

André Bauler), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Ali Kaes), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Raymond Weydert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus (par M. Lucien Clement), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Weiler), Laurent Mosar (par M. Norbert Haupt), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Michel Wolter), Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel).

Motion 3

Mir géifen dann zur Motioun N°3 kommen. De Minister huet dem Här Berger, deen och hei den Dépôt gemaach huet vun der Motioun, eng Rei vu Propositione gemaach, ënner welchen d'Regierung kënnt mat där Motioun d'accord sinn. Här Berger!

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Ech hunn effektiv den Erklärunge vum Minister genau nogelauschtert, an en huet jo och verschidden Explikatiounen ginn, déi ech ka verstoen an déi ech och kann akzeptéieren, an ech wier duerfir och d'accord mat deene Modifikatiounen, déi hie proposéiert.

Fir eis ass virun allem wichteg d'Zil dovunner, datt heescht, datt mer d'Bilanz kënnen maache vun deene Projeten, wou mer engagéiert sinn, an och dann deementsprechend herno kënnen Korrektur virhuelen, an nëmme wierklech a Projete ginn, wou och wierklech d'Nohaltegkeet garantéiert ass, wa mer müssen eben déi flexibel Mechanisme gebrauchen. Ech hoffen, datt mer dann doduerch och an Zukunft net méi an der Situatioun sinn, datt mer mat eiser Autosteier Wandmillen a China musse bezuelen.

Merci.

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Berger Merci. Ech géif vläicht nach eng kéier résuméieren, datt an der Motioun, esou wéi se déposéiert ginn ass, dann an de Considéranten den zweetleschten an drëttleschten Considérant géife gestrach ginn, an dass am Dispositif dee leschten Dispositif géif heeschen: «à veiller à ce que les projets apportent une grande plus-value en termes de durabilité». Wann dat esou akzeptéiert ass, da géif ech déi Motioun zum Vote stellen.

Motion 3 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que le Protocole de Kyoto définit trois mécanismes flexibles, à savoir le commerce de droits d'émissions, la mise en œuvre conjointe et le mécanisme de développement propre dans la stratégie visant à une réduction des gaz à effet de serre;

- considérant que le Luxembourg a largement recours à ces mécanismes flexibles;

- considérant le Plan National d'Allocation de Quotas II (PNAQ II) couvrant la période de 2008 à 2012;

- considérant que des sommes considérables sont engagées par le fonds de financement des mécanismes de Kyoto, en vue de la participation aux différents projets de CDM (Clean Development Mechanism) et de JI (Joint Implementation);

- considérant que la Chambre des Députés est soucieuse du nombre d'engagements financiers pris dans le cadre des mécanismes flexibles;

- considérant la participation du Grand-Duché de Luxembourg aux Fonds Carbone de la Banque Mondiale et de la Banque européenne pour la Reconstruction et le Développement;

- insistant sur la nécessité de la priorité d'actions nationales en matière de lutte contre les changements climatiques;

invite le Gouvernement à

- présenter dans les meilleurs délais un bilan détaillé des mécanismes flexibles auxquels le Luxembourg a eu recours;

- vérifier que les projets auxquels il a participé respectent les critères écologiques, sociaux et économiques de durabilité;

- vérifier si les réductions d'émissions de gaz à effet de serre accréditées sont à la hauteur des moyens financiers engagés;

- veiller à ce que les projets apportent une grande plus-value en termes de durabilité.

(s.) Eugène Berger, André Bauler, Fernand Etgen, Camille Gira, André Hoffmann.

Vote sur la motion 3 modifiée

Ech ginn dovun aus, datt mer déi par main levée kënnen elo ofstëmmen.

Wien ass domadder d'accord?

Wien enthält sech?

Wien ass dergéint?

Mat Unanimitéit war déi Motioun 3 ugeholl.

Motion 4

Mir géifen dann zur Motioun 4 kommen, déi vum Här Camille Gira déposéiert ginn ass. Gëtt et do nach Wuertmeldungen? D'Regierung huet proposéiert, déi Motioun ofzelehnen.

Wa keng Wuertmeldungen do wären, da géif ech gär zum Vote kommen.

Den Här Colombero freet d'Wuert nach.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Jo, ech wollt den Här Gira froen: Wien ass alles op där Table ronde do derbäi? Wie géift Dir do invitéieren?

(Hilarité et interruptions)

► **M. le Président**.- Bon, ech mengen, mir kéinten zum Vote...

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Jo, komme mer zum Vote, soss sëtze mer muer de Moien nach hei, wann ech dem Här Colombero all déi Leit muss opzielen, déi do sollen derbäi sinn.

► **M. le Président**.- Här Gira, hätt Der gären de Vote électronique?

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Jo, jo!

► **M. le Président**.- Da géife mer dee lancéieren.

Vote sur la motion 4

De Vote ass un.

► **Une voix**.- Da kënnen mer se net matstëmmen...

► **M. le Président**.- Mir géifen dann iwwergoen op d'Procuratioun. De Vote war ofgeschloss.

D'Resultat vum Vote vun dëser Motioun ass: 14 Deputéiert hu mat Jo gestëmmt, 40 mat Neen an een Deputéierten huet sech enthalen.

Résultat définitif après redressement: la motion 4 est rejetée par 41 voix contre, 14 voix pour et une abstention.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox).

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus (par M. Lucien Weiler), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Raymond Weydert), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M.

Michel Wolter), Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Lucien Lux);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Domat war dann d'Diskussioun vun dësem Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss. Mir géifen zum nächste Punkt vun eiselem Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Finanzéierung vun de grouse staatlechen Infrastrukturen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht ginn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Diederich, den Här Bausch, den Här Henckes, den Här Hoffmann an den Här Negri. Den honorabelen Här Fernand Boden presentéiert eis de Rapport vun der Commission du développement durable. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

3. 6079 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, no 2006, 2007 an 2008 hu mer haut hei an der Chamber déi véierte kéier den Débat iwwert de Finanzement vun de groussen Infrastrukturprojeten, déi de Stat réaliséiert. Nei ass, datt dëst Joer, bedéngt duerch déi nei Regierungsoopdeeling, doduerch, datt mer elo e Ministère vun der nohalteger Entwécklung an den Infrastrukture geschaf hunn, datt mer een Débat spueren, well haut souwuel den Domän vun den Travaux publics wéi och dee vun Transport hei zesumme virgestallt ginn.

Zënter Joren ass an der Chamber an och an der Regierung doriwwer diskutéiert ginn, wéi d'Plangen, wéi de Bau vu gréisseren Infrastrukture vum Stat kéinte méi schnell gemaach ginn, méi transparent gemaach ginn, méi einfach, ouni datt awer d'Matsproocherecht vun der Chamber, d'Kontroll vun der Chamber géife beschnidde ginn.

Zënter 2006 gëtt also eng nei Prozedur applizéiert, sou datt ech net nach eng kéier dorobber wëll agoen. Ech wëll lech just, Här President, eng Lëscht hei iwwerreeche vun allen Infrastrukturprojeten, déi an deenen dräi leschte Joren eng Autorisation vun der Chamber duerch déi nei Prozedur kritt hunn. Déijéineg, déi dat nokucken, wäerte gesinn, datt dat scho ganz appreciabel ass.

(M. Fernand Boden dépose une liste récapitulative des projets ayant fait l'objet d'une autorisation par motion.)

► **M. le Président**.- Merci.

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Eropsetzung vu 7,5 Milliounen Euro op 40 Milliounen Euro vun deem Seuil, vun deem un all Engagement vum Stat muss duerch e Gesetz autoriséiert ginn - dat ass am Abrëll vum leschte Joer geschitt -, ass och déi Prozedur, déi hei ofgemaach war, e bëssen emgéännert ginn. Et sinn e puer nei Ännerunge komm.

De finanzielle Seuil vun de Projeten, déi an der Nohaltegkeetskommissioun all Joer musse presentéiert ginn, deen ass vu 7,5 Milliounen net op 40, mä op zéng Milliounen eropgesat ginn. Gläichzäiteg kréien d'Deputéiert, déi mat deem engen oder anere Projet net d'accord sinn, awer d'Geleeënheet, fir hei an der Chamber eng separat Motioun ze presentéieren niewent där genereller Motioun, fir datt och iwwer hir Positioun kann ofgestëmmt ginn.